



gläichheet an. A mir hätte gär, datt all Kand, egal, wou et wunnt, egal, wou hei am Land, déi selwecht Chancen huet. Dofir ass och dës Proposition de loi.

Covid huet eis gewisen, wéi wichteg dat informatesch Material ass, wat d'Schoulen zur Verfügung hunn. De Ministère seet am Prinzip och, wat d'Schoule musse maachen, mee en hält awer net d'Verantwortung, fir derfir ze suergen, datt d'Schoulen alleguer - d'Grondschoulen - dat selwecht Material hunn, fir de Kanner zur Verfügung ze stellen. Dat ass awer extrem wichteg. Op där anerer Säit wësse mer awer och, datt d'Gemengen net alleguer iwwert déi selwecht finanziell Moyene verfügen.

A genau dofir wëll ech dës Proposition de loi hei deposéieren. Mir hätte gäre Chancëgerechtkeet. Mir wëllen et gäre kloermaachen, datt de Staat och responsabel muss si fir d'informatesch Material an de Grondschoulen. An dofir dës Proposition de loi mat just zwee Artikelen.

Deen éischten Artikel ass u sech eng Upassung vum CTE-Gesetz, wou mer draschreiwten, datt deen net nëmmen zoustänneg ass fir d'Zurverfügungstellung vum informatesche Material fir d'Ly-céeën, mee och fir d'Grondschoulen.

An deen zweeten Artikel ass d'Fundamentalsgesetz vun 2009, wou mer een Artikel derbäisetzen, wou mer kloermaachen, datt d'Zurverfügungstellen, d'Installatioun an d'Gestioun vum informatesche Material iwwert de Centre informatique de l'État à charge vum Budget vum Staat ass.

Wannechgelift!

**7883 - Proposition de loi portant modification**

*1) de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques ; b) la création d'un Centre de technologie de l'éducation ; c) l'institution d'un Conseil scientifique ;*

*2) de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental*

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Madamm Hansen.

## 5. Discours de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, Dir Dammen an Dir Hären, haut ass et viraussiichtlech fir d'lescht, datt d'Chamber sech hei am Cercle fir eng Plenarsitzung trifft. De 17. Abrëll 2020, matzen am État de crise, hate mer de Krautmaart verlooss. Matzen am Lockdown hate mer ufangs nach e puer Plenarsitzungen ofgehalen, wou d'Deputéiert iwwer e puer Säll verdeelt waren an hu missen esou deliberéieren an ofstëmmen. Déi Biller wäerte mer ni vergiessen.

Fir d'drëtt an hirer Geschicht war d'Chamber net um Krautmaart. Déi éischte Kéier war während dem zweete Weltkrich, wéi d'Chamber opgeléist war. Déi zweete Kéier war 1997, wéi d'Gebailcheekte komplett renovéiert goufen. Och deemools war d'Stad Lëtzebuerg esou léif, fir eis entgéintzekommen, andeems mir um Knuedler op der Gemeng eis parlamentaresch Aarbecht weiderféiere konnten.

D'Chamber ass 1999 nees zréckgeplënnert, wéi d'Aarbechte ganz ofgeschloss waren. D'Pandemie ass am Géigesaz zu deemools awer nach net eriwuer. Mir ginn dowéinst ouni grouse Pomp zréck op de Krautmaart. De Virus ass nach laang net besigt, just de Regimm vum CovidCheck an d'Impfcampagne erlaben eis et, datt mer nees Plaz an engem frësch renovéierter Plenarsall kënnen huelen. Do wäerte mir eise Kampf géint de Covid-19 kënnen weiderféieren.

Mäi grouse Merci geet haut un d'Stater Buergermeeschtesch d'Madamm Lydie Polfer, well et hir Iddi war, fir heihinnerzekommen, grad ewéi un de ganze Stater Schäfferot. Merci och un d'ALAC, un all déi Leit, déi hei am Cercle schaffen an eis annerhalleft Joer gehollef hunn.

Duerch de Cercle konnt d'Chamber voll a ganz hir demokratesch Objektiv erfëllen. Duerch de Cercle war d'Chamber zu all Moment handlungsfäeg. Duerch de Cercle konnte mer d'Gesondheet vun den Deputéierten, de Regierungsmemberen an eise Mataarbechter beschtméiglechst schützen. Duerch de Cercle konnten hei net nëmme Gesetzter gestëmmt ginn. Besonnesch wann een duerch eng Kris muss goen, ass et indispensable, datt och en oppenen, kriteschen Debat ka stattfannen. Och dat huet de Cercle eis erlaabt.

Ech freeë mech, nees zréck op de Krautmaart ze goen. Ech muss awer och soen, datt trotz der Tragik vun der Pandemie, déi iwwer eis hiergefall ass, de Cercle méi wéi just en einfachen Ënnerdaach duergestallt huet. Dëst Gebai wäert fir ëmmer d'Resilienz vun eiser Demokratie duerstellen.

No haut gesi mer eis den 12. Oktober fir déi nächst Plenarsitzung dann nees um Krautmaart zréck.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

## 6. 7875 - Projet de loi portant modification :

**1° de la loi modifiée du 17 juillet 2020 sur les mesures de lutte contre la pandémie Covid-19 ;**

**2° de la loi modifiée du 6 janvier 1995 relative à la distribution en gros des médicaments ;**

**3° de la loi modifiée du 22 janvier 2021 portant : 1° modification des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail ; 2° dérogation temporaire aux dispositions des articles L. 234-51, L. 234-52 et L. 234-53 du Code du travail**

An ech ginn elo d'Wuert un de Rapporteur vun deem nächste Covidgesetz, dat ass de Rapporteur vum Projet de loi 7875. A wie kéint dat anescht si wéi den honorabelen Här Mars Di Bartolomeo? D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Claude Wiseler, den Här Gilles Baum, den Här Georges Engel, den Här Jeff Engelen, d'Madamm Nathalie Oberweis, den Här Sven Clement. Här Di Bartolomeo, Dir hutt elo d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Santé et des Sports**

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hoffen, dass Der alleguer e puer erhuelsam Wochen hat a während der Vakanz gesond bliwwen sidd.

Wa mir haut ee Mount virun der parlamentarescher Rentrée hei am Parlament zesummekommen, fir dat 22. Covidgesetz ze diskutéieren an ze verabschieden, dann ass dat en Zeechen, dass de Virus, deen eis elo schonn annerhalleft Joer plot, krank mécht a fir iwwer 800 Stierfäll verantwortlech ass, keng Vakanz mécht. En ass nach wie vor do, och wann déi aktuell Situatioun sech net a Schwaarz-, a Wäiss-, mee a Grotéin presentéiert.

Wéi gesäit d'Situatioun aktuell um Terrain aus? D'Infektionszuele sinn zënter eisem leschte Gesetz geklommen, mee hu sech an deene leschten Deeg plus/minus stabiliséiert. Et géllt awer, d'Entwécklung weider am A ze behalen, well elo e puer Facteure beieneekommen, déi zu enger méi staarker Verbreedung vum Virus kënnen féieren, an zwar d'Retounen aus der Vakanz, d'Reprise vun der Aarbecht mat vläicht manner Teletravail an de Schoulufank ab muer. Duerch all dës Fakte kënnen d'Zuelen an deenen nächsten Deeg weider klammen.

Derbäi kënnt, dass déi Deltavariant méi ustiechend ass. Op där anerer Säit awer sinn d'Impfungen, déi d'Progressioun vum Virus agrenzen, gutt virukomm, och wann et do besonnesch an eenzelen Alterskategorien nach Loft - vill Loft - no uewe gëtt.

D'Hospitalisatiounen sinn an deene leschte Wochen och eropgaangen. Mee och hei schéngt et aktuell zu enger gewëssener Stabilisatioun komm ze sinn. D'Situatioun an eise Spideeler ass am Moment ënner Kontroll. Mee opgrond vun der ongewësser Entwécklung géllt et, besonnesch dës Zuelen am A ze behalen. D'Zuel vun de Stierfäll ass schonns méi laang erofgaangen, mee et stierwe leider nach ëmmer Leit a jiddwer Mënsch, deen duerch de Covid stierft, ass definitiv, an dat kann een net genuch ënnersträichen, een ze vill. An dat, genee dat, soll eis dovun ofhalen, de Virus ze verharmlosen a géint Covidmoosnamen op d'Strooss ze goen, amplatz géint de Virus ze kämpfen a solidaresch ze sinn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - E Grond fir dës relativ niddreg Stierfäll ass warscheinlech de ganz gudden Impftaux vun iwwer 80 % bei de Leit, déi méi wéi 50 Joer al sinn. Par contre muss ee bei deene méi Jonken nach Efforte maachen. Aktuell läit den Taux fir déi vu manner wéi 18 Joer, déi sech och eréischt relativ rezent kënnen impfe loossen, bei knapp 15 %. Ze denke muss eis ginn, dass den Impftaux bei de Leit tëscht 25 an 49 Joer nëmme bei 65,7 % läit. Do ass also nach en Nohuelbedarf an et ass gutt, dass d'Impfangebot sech elo demokratiséiert a méi no bei d'Leit kënnt, do, wou d'Leit sech ophalen. Dat ass definitiv ze begrëssen!

Fir d'Wierksamkeet vum Vaccin schwätzt, dass den absolute Gros vun de Covidpatienten an de Spideeler net geimpft war a souguer 100 % vun de Patienten op den Intensivstationen net geimpft waren.

D'Analysen aus de Kläranlage weisen hirersäits, fir op e weideren Thermometer anzegoen, dass de Virus nach ëmmer relativ staark present ass.

Wat steet elo an eisem Projet de loi? Aus dësse Premissen ergëtt sech, dass et elo net ubruecht ass, Ouverturen ze maachen. Duerfir gëtt de Regimm vum CovidCheck, deen eis dësse Summer begleet huet, weider bäibehalen. Dësse System huet sech bewäert an erlaabt eng gewëssen Normalitéit a reduzéiert gläichzäiteg de Risiko, dass de Virus sech weider verbreet.

An der Kommissioun ass d'Fro opkomm, wéi d'Be-triber koordinéiert mat dem Regimm vum Covid-Check kënnen ëmgoen. Op Nofro huet den Aarbechtsminister bestätegt, dass hie Gespréicher mat der UEL wäert féieren, fir, wann néideg, dozou ze legiferéieren, ze reglementéieren, fir d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz fir jiddwereen esou gutt ewéi méiglech ze maachen.

De CovidCheck eleng geet awer net duer. D'Gestes barrières musse weider agehale ginn. A virun allem muss déi vulnerabel Populatioun weider konsequent geschützt ginn. Duerfir gëtt de sougenannte Cordon sanitaire, d'Schutzmoosssname ronderëm d'Patienten, déi an de Spideeler sinn, méi enk gezunn. Elo muss niewent dem Personal och jidder Externen, deen an e Spidol era wëllt goen, geimpft, geheelt oder getest sinn oder ginn. Bis elo hat dat bei den Externe just explizitt fir d'Visiteure vu Patiente gegollt. Dat gëtt also ausgedeeent op all d'Visiteuren, déi zum Beispill fir Consultatiounen oder Ënnersichungen an eng Dokteschpraxis am Spidol kommen, gradewéi fir d'Begleetpersounen, fir jiddwereen also, dee riskéiert, enke Kontakt mat de Patienten ze hunn. Op déi Formulierung kommen ech méi spéit nach eng Kéier zréck.

Eng zweet Neierung betrëfft d'Masken an de Schoulen. Mam Covidgesetz vum 17. Juli ass d'Maskepflicht an de Klassenall opgehuewe ginn, wann d'Schüler op hirer Plaz sëtzen. Dat bleift och esou. Nei ass awer, dass, wann ee positive Fall an enger Klass oder an engem Grupp vu Schüler aus verschidde Klassen, Auditaires detektiéiert gëtt, dann erëm eng temporär Maskepflicht fir dës Klass respektiv fir dee Grupp an hir Enseignantë géllt, dat fir eng Dauer vu siwen Deeg nom leschten Dag, wou de kranke Schüler an der Klass oder am Grupp war.

Vu d'Schwieregkeet, d'Evolution vum der sanitärer Situatioun genau viruszegesinn, ass an der Gesetzesvirlag och virgesinn, de spezielle Congé pour raisons familiales ze verlängeren, dëst engersäits, fir den Eltere vu Kanner, déi als vulnerabel gëllen, et ze erméiglechen, sech doheem ëm hir Kanner ze këmmen, an anerersäits och, well een net ausschleisse kann, dass et Klassen, vläicht souguer Schoule kéint ginn, déi während enger gewëssener Zäit missten hir Aktivitéit reduzéieren.

Schliisslech gëtt d'Gesetz vun 1995 iwwert d'Distributioun en gros vu Medikamenter ofgeännert, sou-dass och Medikamenter kënnen stockéiert ginn, déi am Kontext vun enger „menace transfrontalière grave“ fir d'Gesondheet eng speziell Autorisatioun vum Minister kréien.

An zu gudder Lescht gesäit de Projet de loi och eng automatesch Equivalenz vun Impfzertifikater - wat eigentlech eng Evidenz ass - aus Drëttstaate vir, wann d'EU dat geneemegt huet. An ech kommen herno nach dorop zréck, well den ursprénglechen Text eng Reegelung sollt virgesinn, no där den Direkter vun der Santé och bilateral esou Geneemegungen hätt kënnen ginn.

Den Text huet och dës Kéier d'Kommissioun aneschtens verlooss, wéi en erakomm ass, a wéi gewinnt insistéieren ech op déi exzellent Zesummenaarbecht an dëser Kommissioun, an där konkreet, konstruktiv Virschléi komm sinn an d'Regierung och positiv dorop reagéiert huet.

No éischten Diskussiounen an der Kommissioun koume Regierungsamendementen mat Textännerungen a -verbesserungen vun der Regierung selwer, déi kloer och vun der Kommissioun beaflosst waren. Och opgrond vun den Observatiounen vum Staatsrot sinn déi an den definitiven Text agefloss.

De Staatsrot, wéi an deem leschten annerhallwe Joer ëmmer, huet schnell, grëndlech, konstruktiv geschafft a gréisstendeels Textvirschléi gemaach, déi der Kommissioun d'Aarbecht erliichtert hunn, och der Regierung d'Aarbecht erliichtert hunn. Et ass ëmmer méi einfach, wa bei Kriticken och déi Virschléi kommen, fir déi Kriticken ze iwwerbrécken.

D'3G-Flicht - geimpft, erëm gesond, getest oder op der Plaz getest - fir Leit, déi an d'Spidol ginn, huet fir Diskussiounen gesuergt. Laut dem initialen Text sollt dës 3G-Flicht fir Leit virgesi ginn, déi méiglecherweis - „susceptible“ huet et am Text geheescht - en enke Kontakt mat Patienten am Spidol kéinten hunn.

De Staatsrot huet bemierkt, dass d'Formulatioun „susceptible d'avoir un contact étroit“ net deem géif entsprechen, wat am Commentaire des articles stoung, nämlech, fir den 3G am Spidol besser ze cibléieren. En huet gesot: „Op där enger Säit maacht Der et grouss op, op där anerer Säit sot Der, Dir wëllt cibléieren.“ Manifestement ass dat awer e Mëssverständnis gewiescht vun deem, wat mer eigentlech alleguer wollten, well et drëms geet, dass och wierklech jiddwereen, dee potenziell mat Patiente vun engem Spidol a Kontakt kéint kommen, den 3G misst respektéieren, fir d'Gesondheet vun de Patienten net a Fro ze stellen.

No deem Echange, dee mer haten, hu mer eis drop géeneegt, fir déi Formulatioun vum ursprénglechen Text zréckzebehalen. Mir hunn also hei de Conseil

d'État net suivéiert a mir hunn och preziséiert, dass déi Leit, déi just virun der Dier eppes ofginn, Blumen, e Pak, Medikamenter oder ech weess net wat, an net an d'Spidol eraginn, selbstverständlech där doter Testpflicht oder deenen dote Konditiounen net entsprechen, mee dass awer jiddwereen, deen am Spidol zirkuléiert, déi Konditiounen muss erfëllen.

Wat d'Ausnamen zu dëser 3G-Flicht ugeet, sou hate mer am ursprénglechen Text festgehalen, dass net beträff si vun där 3G-Regelung: d'Urgence vitale an d'Urgence pédiatrique. Opgrond vum Avis vum Conseil d'État hu mer d'Urgencen alleguer ageschloss an et ass un deenen, déi den Tri maachen, fir ze decidéieren: Ass et eng wierklech Urgence oder kann een deem Patient zoomudden, dass en déi 3G-Konditiounen erfëllt an, wann et noutwendeg ass, sech teste léisst? Hei hat de Conseil d'État eng Opposition formelle drop gesat, mee mir konnten déi awer ëmschëffen.

Déi zwou Oppositions formelles, déi de Conseil d'État ausgeschwat hat ... Nee, et deet mer leed, hei war keng Opposition formelle drop. De Conseil d'État huet zwou formell Oppositionen formuléiert.

Déi éischt huet d'Maskepflicht an de Schoule beträff. De Staatsrot huet kritiséiert, dass d'Dispositionen betreffend d'Maskepflicht net kloer genuch formuléiert wäeren. An den Diskussiounen an der Kommissioun mat der Regierung hu mer dat zesumme preziséiert. An an der Kommissioun ass drop insistéiert ginn, dass déi Konditiounen, wéi se an de Schoule gëllen, och sollen harmoniséiert gi mat de Konditiounen an de Betreuungsstrukturen. An do huet d'Regierung eis och zougeséichert, dass se doru wäert schaffen, dass d'Konditiounen an der Schoul, an de Betreuungsstrukturen, wou gréisstendeels déi selwecht jonk Leit zesummekommen, ... dass dat géif geschéien.

Déi zweet Opposition formelle huet ronderëm d'Unerkennung vun den Zertifikater, 3G-Zertifikater, Impfzertifikater aus Drëtlänner, gedréit. Wéi ech virdru gesot hunn, war do am Gesetzestext virgesinn, dass déi, déi net um europäesche Plang unerkannt sinn, kéinten unerkannt ginn iwwert eng Decisioun vum Direkter vun der Santé. De Conseil d'État huet do verfassungsrechtlech Awänn dergéint erhuewen a mir hunn dat och gestrach.

Dat heescht, et ginn elo déi Zertifikater unerkannt, déi europäesch unerkannt sinn. An d'Regierung wäert reglementaresch a gesetzlech de Kader schafen, fir och aus eventuellen Drëtlänner bilateral esou Zertifikater unzuerkennen.

D'Gesetz soll muer a Kraaft trieden, haut Mëtternuecht an eng Sekonn. Mir hunn eng kuerz Lafzäit vu bal genee engem Mount gewielt, well mer opgrond vun deene Facteuren, déi am Moment op eis zoukommen, dat wëllen zäitno analyséieren an, wann et noutwendeg ass, dann nobesseren.

De Projet de loi ass den 2. September deponéiert ginn. Dee selwechten Dag ass den Text der Kommissioun virgestallt ginn. Den 3. September sinn eng Rei Amendementen vun der Regierung deposéiert ginn. De 7. September huet de Staatsrot säin Avis ofginn, deen d'Kommissioun den 8. September gekuckt huet. Den 10. September huet d'Gesondheitskommissioun de Rapport mat grousser Majoritéit bei enger Géigestëmm ugeholl. Fir de Resümmee vun den Avisa verweisen ech op de schréffleche Rapport.

An Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, zur Konklosioun: Wéi Der gesitt, bréngt dësse Projet nëmmen eng Rei vun Adaptatiounen, punktuellen Adaptatiounen, déi awer net onwichtig sinn, mee déi eis Hauptmoosssname géint de Virus net a Fro stellen.

Schlëssel bleift, an dat hu mer dësse Deeg an Dänemark erlieft, dass esou vill Leit wéi méiglech sech impfe loossen a virsichteg bliwen. D'Impfung ass definitiv net eise Géigner, mee de Géigner ass a bleift de Virus. Elo, wou mer genuch Impfstoff hunn, wou et genuch Plazen an Angeboter gëtt, wou mer eis kënnen impfe loossen, wou mer genuch Personal hunn an och e wäitgeeënde Choix vum Impfstoff hunn, gëtt et kaum nach evidenzbaséiert Argumenter géint eng Impfung. Déi Impfung soll eis net ausernanerdividéieren, mee eis eis Friiheeten, eist Zesummesinn erëm erméiglechen.

Dat gesot, Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, bieten ech lech, dësem Gesetz Ären Accord ze ginn, net ouni all deene Merci gesot ze hunn, déi eis bei eisen Aarbechte begleet hunn.

An lech soen ech alleguer Merci, dass Der mer nogelasscht hutt. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - An ech soen dem Här Rapporteur, dem Här Mars Di Bartolomeo, villmools Merci ...

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.** - Merci, Här President.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - ... a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den hono-





rabelen Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Merci, Här President. Et war gutt, emol erëm e Summer an enger hallwer Normalitéit kënnen ze erliewen, sech erëmzege-sinn, sech erëm uneneen ze gewinnen, ze laachen, Zäit mateneen ze verbréngen. An déi éischt Léier, déi ech am Fong aus dëser Covidkris zéien, ass eng ganz perséinlech - oder och vläicht net -, dat ass am Fong déi, wéi dependant mer vu mënschleche Bezéiunge sinn, wéi eis Frënn, Familljen, Kanner, Enkelkanner am Fong kënnen feelen, wa mer se net kënnen gesinn, a wéi schéin et ass, mat hinnen duerno erëm zesummenzekommen.

Dat ass déi éischt Léier an ech fannen déi wichteg. Op jidde Fall huet d'Covidzäit eis déi mënschlech Relatiounen an déi Wichtegkeet kloer an dättelech gewisen. A well ech déi Relatiounen och net méi wëll a Fro stellen, well mer de Covid awer nach net ganz lass sinn, ass et eeben esou wichteg, datt mer esou Texter tëch den haut maachen, déi eis garantéieren, datt zumindest déi hallef Normalitéit ka weider bestoen, an déi eis hoffentlech och erlaben, lues a lues erëm an eng ganz Normalitéit zrëckzekommen.

An ech mengen, datt dat dofir am Fong dat Wichtigst ass, de Grondprinzip ass vun deem, wat mer hei maachen: Wéi kënnen mer déi hallef Normalitéit bäibehalen? Wéi kënnen mer weider Schrëtt an d'Normalitéit zrëck maachen? Et ass och mat deenen Zilsetzungen, wou mer, mengen ech, d'Analys vun dësem Text mussen maachen. Bréngt en eis méi wäit? A wéi wäit kënnen mer an deenen nächste Méint mat dësem Text kommen?

Ech wëll och den Text kuerz op Basis vun deenen Zilsetzungen analyséieren an dann awer och nach e puer Reflexiounen maachen, déi mer, mengen ech, als politesch Responsabel och mussen beäntweren iwwert: Wat sinn déi nächst Etappen an deene Wochen, déi duerno kommen, respektiv wéi solle mer eis a gewëssene Beräicher iwwert d'Gesetz eraus organiséieren, well sech do eng Rei Froe stellen?

Éier ech dat awer maachen, wëll ech och nach eng kéier wéi üblech dem Här Di Bartolomeo respektiv dem Sekretariat aus der Chamber hei Merci soe fir déi Aarbecht, déi schnell Aarbecht an déi konsensuell Aarbecht, déi mer hei konnte leeschten. Dir hutt et selwer gesot, dat hei ass eng Aarbecht, déi mer zesumme gemaach hunn. An ech sinn och frou, datt mer an där Atmosphär konnte schaffen.

Wou si mer haut drun? Ech huelen déi Zuele fir meng Analys ëmmer och aus dem „Our World in Data“, Johns-Hopkins-Universitët, well se do a sech vergläichbar si respektiv op eng Basis gesat sinn a vergläichbar si mat anere Länner.

Wann een do kuckt, wat déi nei Fäll sinn, déi sech an anere Länner respektiv zu Lëtzebuerg hei weisen, da stelle mer fest, datt mer am Fong par rapport zu anere Länner momentan bei den Neinfektiounen relativ gutt do stinn. Mir hu manner Infektiounen wéi d'UK, wéi Frankräich, d'Belsch, Portugal, och esouguer Däitschland - fir d'éischt d'ailleurs -, e wéineg méi wéi Dänemark. Mee Dänemark ass hei, mengen ech, wat d'Vaccinatioun ugeet - ech kommen nach duerno dorobber zrëck -, en extrae Fall. Mir stinn also vergläichbar déif do oder vergläichbar gutt do, deemno wéi een et ausdréckt, awer nach vill ze vill héich, fir kënnen den nächste Schrëtt ze maachen.

Wann ee weess, datt haaptsächlech vun den Infizéierten, déi jo zu 75 % aus dem Korpus vun deene kommen, déi net geimpft sinn ..., da gesäit een awer, wéi grouss d'Infektiounsgefor ass bei deene Leit, déi nach net geimpft sinn, an do am Fong, wann een d'Rat just op déi géif ëmrechnen, en fin de compte eng immens héich Rat wär. Dat seet eis: Mir mussen nach virsiichteg sinn.

Ech fannen et och richtig, datt d'Regierung déi Virsiicht elo bréngt, well de Retour vun de Vakanz, d'Schoul, déi muer ufänkt, d'professionell Aktivitéiten, déi ufänken, do wësse mer net, wat op eis zoukënn, well actuellement hu mer nach eng Reproduktiounsrat vun 1,09, wat trotzdem nach héich ass.

Wann een elo seet: „Déi nächst Schrëtt, opgrond wouvu wëll ech se jugéieren, wouop wëll ech se baséieren?“, fanne mer och richtig, datt d'Regierung gesot huet, datt se zu engem Deel wëllt lasskomme vun de puren Infektiounskrittären, déi eis jo duerch de Rescht vun dem Covid begleet hunn, wat déizäit och richtig war. Haut hu mer awer en Taux vun Impfungen, deenen eis net méi erlaabt, doraus richteg Konklusiounen ze zéien, deenen eis par ailleurs och net erlaabt, déi Zuelen, déi mer haut hunn, mat deenen Zuelen, déi mer virun dräi, véier Méint haten, richtig ze vergläichen, well d'Impfung an den Zuelen alles changeiert huet. Ech fannen et also richtig, mir fannen et also richtig, datt haut Decisiounen geholl ginn opgrond vum Etat vum Gesondheetssystem, der Admissioun an d'Spideeler, der d'Beleung vun de Better, déi fir Soins intensifs sinn.

An do gesi mer, datt mer zwar nach eng Rei Leit am Système hospitalier hunn, ronn 40, respektiv datt mer bis zum Maximum an deene leschte Wochen zéng Persounen an de Soins intensifs haten, wat der nach vill ze vill sinn, mee wat eis awer e Spitt an eiem Gesondheetssystem gëtt, deenen eis erlaabt, net erëm misse brutal méi unnezéien an dësem Moment.

Et ass also richtig, menge mer, d'Gestioun vum Secteur de la santé elo als Basis ze gesinn, fir eis Decisiounen ze huelen, wéi mer an der Covidbekämpfung weiderfueren.

Wa mer dës Zuele kucken, komme mer a sech als CSV zu de selwechte Konklusiounen wéi d'Regierung. Éischstens: S'Situatioun ass momentan net dramatesch. Zweetens: Mir sinn de Virus awer net lass. D'Gefor vun enger véierter Well ass do. Mir sinn an enger ganz anerer Situatioun wéi d'lescht Joer, wou déi zweet Well lassgaangen ass, well op där enger Säit den Impftaux vill méi héich ass, mee mer op där anerer Säit awer och eng Deltavariant hunn, bei där mer net genau wëssen, wéi et weidergeet. An den drëtten Punkt, dat ass, datt mer mussen vigilant bleiwen an eis Impfefforte weiderféieren.

Dofir fanne mer d'Approche vun dësem Projet richtig. An eisen Ae war déi CovidCheck-Moossnam, déi mer agefouert hunn an déi eis elo de ganze Summer begleet huet, a sech eng positiv Moossnam. An eisen Aen huet se e groussen Effet gehat. Mir hunn se och als CSV fréi gefrot. Mir hu se ënnert dem Numm „Green Certificate“ sengerzäit gefrot. Do ass se mam Numm „CovidCheck“ agefouert ginn. Mir stinn do hannerdrun, well mer se effikass a richtig fannen an haaptsächlech awer och, well se vun de Leit akzeptéiert ass.

Ech hunn zu Lëtzebuerg relativ wéineg Kriticken iwwert déi CovidCheck-Moossnam héieren - eng grouss Akzeptanz. An ech erlabe mer, dräi Remarken dozou ze maachen. Dat Éischt ass: Wann ee kuckt, wéi dat an Däitschland a wéi dat a Frankräich momentan ass, wou Protester, Manifestatiounen géint d'Mise en place vun änleche Systemer sinn, wou sech souguer brutal dergéint gewiert gëtt, da soen ech, muss een all deene Leit zu Lëtzebuerg Merci soen, déi a sech bereet waren, ouni Problem op e Wee ze goen, deenen eis alleguer weiderhëlleft. An ech fannen dat extreem positiv, dofir wollt ech et hei eng kéier kloer soen.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Déi zweet Remark, déi ech wëll maachen, dat ass, datt vill Leit sech ganz strikt un déi Moossnamen halen. Dat fannen ech och positiv.

Mee et ginn awer och ..., an ech soen dat och aus eegener Erfahrung, well ech an deenen een oder anere Restaurant gaange sinn, wou kee CovidCheck gemaach ginn ass a wou och net kontrolléiert ginn ass, zu wivill Leit se um Dësch souzen a wéi dat ass. Ech sinn dann net bliwwen an deene Restauranten. Ech hunn et och de Leit, de Proprietären oder deenen, déi do waren, de Geranten, ëmmer gesot. Mee ech hunn dat wierklech richtig problematesch fonnt.

A mir gëtt dann och rapportéiert, datt bei verschidene Fester zwar och Certificate gecheckt gi sinn, mee well keng Carte d'identité verifiéiert ka ginn, gëtt gesot, datt d'Impressioun wär, datt verschidde Certificate vill kopéiert gi wären an d'Leit mat anere Certificaten era géife goe wéi mat deem Numm, deenen op hirer Carte d'identité steet. Ech kann dat net verifizéieren, ech kréien dat erzielt.

Mee ech wëll awer d'Fro un d'Regierung stellen: Wéi ass et mat deene Kontrollen, déi gemaach ginn? Wéi vill Kontrolle gi gemaach? A wéi ass et mat de Strofen, déi ausgeschwat ginn? Hutt Der do Zuelen, ob vill kontrolléiert gëtt respektiv op d'Strofen do ausgeschwat ginn? Déi hu mer jo am Gesetz stoen. Mir hunn d'ailleurs och zolidd Strofen am Gesetz stoen. Ech wëll just wëssen: Ginn se applizéiert? Well ech fannen, wann ee strikt Moossnamen hält, an déi meescht Leit hale sech u strikt Moossnamen, da muss een och kucken, datt jiddweree sech drun hält, well d'Reegele gëlle fir jiddweree.

Mäin drëtten Punkt, deenen ech wëll soen, dat ass, datt een iwwert d'Detailer vum System kann diskutéieren. Mir hunn Zuelen drageschriwwen, 300 oder 2.000, wat esou Seule sinn, déi mer drageschriwwen hunn. Ech wollt do am Fong d'Regierung froen: Wat ass d'Expérience mat deene Seulen? Erweisen déi sech an Ären Aen als richtig oder sinn do eventuell Kritikke komm? Ech hu mech nämlech selwer gefrot bei der Zuel vun 2.000 ..., well et awer en Ennerscheid ass. Ob ech e Concert an enger Hal organiséieren, wou d'Leit all zesumme sinn, respektiv ob ech dobaussen op engem Futtballsterrain am neie Stadion 2.000 Leit hunn, ass en Ennerscheid an et kann een et vläicht anescht organiséieren. Ass et do net méiglech, e wéineg méi Flexibilitéit eranzebréngen, ouni awer dann eng supplementär Gefor eranzebréngen? Dat ass eng Fro, déi mer scho wollt stellen a wou mer der Meinung sinn, datt ee vläicht net alles iwwert dee selwechte Leescht kann zéien.

Wann dat net méiglech ass, ouni d'Sécherheet a Gefor ze ze bréngen, da soll een et och net maachen. Wann et méiglech ass, kann een et vläicht mat engem Concept sanitaire, deenen uerdentlech entwéckelt ass, kucken. Mee mir sinn awer selbstverständlech och d'accord - an ech wëll dat explicitement hei soen - mat der Verschäerfung vun de Moossnamen do, wou se sech als noutwendeg erweist. A manifestement huet se sech an de Spideeler jo als noutwendeg erweisen.

Dofir gi mer och eisen Accord zu deene Verschäerfungen do. Et ass eppes, wat mer scho méi laang gefrot haten. Et ass awer och eppes, wat, ech mengen, och d'Spideeler zu engem groussen Deel souwisou schonn duerchgefouert hunn.

Ech war an der leschter Zäit déi eng oder aner kéier eng Visitt an e Spidol maachen. A virum Gesetz, dat jo haut eréischt oder muer eréischt a Kraaft trëtt, hunn ech awer gesinn, datt déi Kontrollen an déi Checke mat Sasse virdru souwisou scho gemaach ginn, wat ech eng positiv preventiv Moossnam vun de Spideeler fannen. Et ass awer gutt, wa mer se elo an d'Gesetz hei schreiwen.

Wa mer eis par contre eng Rei Suerge maachen, dann ass dat bei deene Moossnamen, déi an der Schoul agefouert ginn. Mir versti kloer - ech wollt dem Här Meisch dat soen -, datt d'Maskeflicht am Klassenall opgehuewe gëtt. Mir fannen et richtig, well et pedagogesch schwierig ass, d'ganz Kommunikatioun haaptsächlech bei klenger Kanner weiderzekerien, wou villes iwwert d'Communication non verbale leeft, a mat Masken ass dat extreem schwierig. Dofir fanne mer déi Moossnam positiv, datt een d'Maske kann ausdoen, wann een do sëtzt, wann een also an der Léiersituatioun ass, an ee se erëm muss undoen, wann een aus dem Klassenall erausgeet respektiv an de Gäng circuléiert.

Mee mir wëssen awer och, datt d'Schoulen notament an der zweeter Well virun engem Joer an eisen Aen e grouse Vecteur vun der zweeter Well waren. An dofir hätte mer eis gewënscht, datt trotzdem op anere Punkte méi virsiichteg an der Schoul gehandelt gi wär. Mee ech erënneren en eis Revendicatiounen, déi nach ëmmer bestinn, iwwert de CovidCheck-Regimm an der Schoul. Jo, et kann een och driwwer schwätzen, andeem een en adaptéiert, zum Beispill datt déi Kanner, déi geimpft sinn, sech net onbedéngt all Dag mussen dem CovidCheck weisen. Dat schéngt mer duerchaus kënnen an engem adaptéierte System machbar ze sinn.

Mee fir eis ass et awer kloer, datt mer gär en Test all 48 Stonne gehat hätte fir déi Kanner, déi net geimpft sinn. Dat hätt eis logesch a sénnvoll geschéngt. An déi Proposition, déi haut den Educatiounsminister gemaach huet, fir am Fondamental just zweemol d'Woch en Test ze maache respektiv am Secondaire een an der Schoul an een doheem, geet eis am Prinzip net duer. Mir fannen, datt méi Tester, esou wéi se am klassesche CovidCheck-Regimm virgesi ginn, och hätte sollen, hätte missen aus Virsiichtgrënn an der Schoul gemaach ginn.

Mee et wonnert eis, datt de Minister ëmmer seet, datt de CovidCheck-System an der Schoul net géif goen, haaptsächlech nom Fait, datt am Fong an deem System, dee mer haut am Gesetz aféieren, e jo deelweis awer vun lech ageféiert gëtt. Am Fall, wou e positive Fall an der Klass ass, gëtt et eng Dispens vun der Quarantän fir all déi, déi geimpft ginn, oder fir all déi, déi all 48 Stonne getest sinn, schreift Der an d'Gesetz. Dat ass also quasiment de CovidCheck, deenen Der an den Text elo schreift. Fir déi do Fäll, do klappt et. Dofir gesi mir net, firwat et an deenen anere Fäll net sollt klappen.

Ech ginn lech, Här President, nach eng Motioun of, an där mer froen, datt mer gär dräi Tests rapides certifiés hätte fir d'Kanner ënner zwielef Joer, well déi momentan nach net geimpft gi sinn. Mir hätten, an dat steet elo net an der Motioun, well et komplizéiert wär, fir et am Detail elo ze schreiwen, natierlech och gär dräi Tester fir déi Jugendlech iwwer zwielef Joer, déi nach net geimpft sinn. Do hu mer och dat anert drageschriwwen. Ech ginn lech déi of, Här President.

■ **Une voix.**- Très bien!

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- considérant que la pandémie de Covid-19 est toujours présente dans notre vie quotidienne ;*

*- constatant que la gratuité des tests PCR sera abandonnée à partir du 15 septembre 2021 ;*

*- considérant qu'il n'est actuellement pas conseillé de vacciner les jeunes en dessous de 12 ans ;*

*- constatant que le système du Covid Check s'est avéré efficace,*

*invite le Gouvernement*

*- à réaliser 3 tests rapides certifiés par semaine pour tous les enfants en dessous de 12 ans présents dans les infrastructures scolaires et d'accueil sur le territoire du Grand-Duché afin de garantir la meilleure protection possible.*

(s.) *Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.*

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech soen hei ganz kloer: Op deem Punkt vun der Educatioun hätte mer eng ganz Rei aner Moossname geholl fir méi Sécherheet vu Kanner an Enseignanten, fir awer och domat méi Sécherheet vun de Familljen.

Den Text ass an eisen Aen och op deem Punkt net ganz kloer. Zum Beispill seet een Artikel vum Gesetz: « En cas de détection d'un ou de plusieurs cas positifs au sein d'une classe ou d'un auditoire [...] ». Op Nofro d'ailleurs vun der Madamm Lorsché, wéi et da wär mat deene Kanner, déi an de Crèche respektiv an de Foyere wären, ob déi net ënnert dësen Text géife falen, ass da gesot ginn: „Mee dach, déi falen och ënnert dësen Text. Dir musst den Term ‚auditoire‘ consideréieren, wéi wann en a sech Foyere géif concernéieren.“

Gutt! Also ech ka jo och liesen. Normalerweis heescht deen Term net onbedéngt dat. Ech sinn awer frou, wann en hei zu Lëtzebuerg elo dat heescht, well et ass evident, datt mer dat mussen maachen. Ech soe just, datt ech am Fong dem President vun der Chamberskommissioun dankbar sinn, deen a sech déi semantesch Explikatioun an de Rapport vun der Kommissioun geschriwwen huet, fir datt och guer keen Doute kéint sinn. Dofir kënnen mer och domat liewen, dofir si mer och domat d'accord.

Mee ech soen hannerdrun: Ech sinn ëmmer onfrou iwwert d'Texter, bei deenen ee muss den Appareil explicatif hannerdrun liesen, well ee se net selwer ka verstoen, wann een net d'Explikatiounen dovunner liest. Also ech fannen et elo esou, wéi et geduecht ass a wéi et explizéiert ass, richtig. Ech hätt mer gewënscht, datt keng Onkloerheeten am Text sinn, well déi meescht Leit, déi dobausse mam Text mussen ëmgoen, wäerten net den Appareil explicatif hunn, fir hannerdrun ze liesen.

Also dofir hei nach eng kéier ganz kloer d'Ausso: D'Foyeren niewent der Schoul falen ënnert déi selwecht Reegelen. Dat ass fir eis evident. Dat kann och net anescht sinn.

Mir hätten och zum Beispill, an dat hu mer och scho méi wéi eng kéier gefrot, déi Beléftungsapparaten an deene Klassen agericht, wou se hätte misse sinn. Alles dat ass eppes, wat eis an dëser Politik feelt.

Fir eis ass de Punkt vun der Éducation nationale alt erëm de Schwaachpunkt vun dësem Text, esou wéi en a sech och scho virun engem Joer, an dat hu mer jo déizäit relativ kloer zum Ausdrock bruecht, de Schwaachpunkt vun der ganzer Covidpolitik war, déi an deene Méint virdru gemaach ginn ass.

Et bleiwen awer nach aner Sujeten, ëm déi mer eis als Politiker mussen bekëmmern. An dat wär déi éischt Fro: Wéi a wéini gi mer dat Ganz lass a kënnen mer erëm ganz zrëck zur Normalitéit goen? Dat geet, den Här Di Bartolomeo huet et kloer gesot, nëmmen iwwert d'Impfen. Wa mer awer elo kucken, wou mer als Lëtzebuerg an der Impfsituatioun dru sinn, dann ... D'Regierung huet virun der Vakanz gesot, et wier alles am Gréngen, mir wären iwwert der europäescher Moyenne. Ech hunn dat sengerzäit net nokontrolléiert. Par contre, wann ech d'Zuelen elo kucken, dann ass dat net méi esou. Dann ass dat net méi esou!

Ech hunn déi selwecht Zuele vun „Our World in Data“ nach eng kéier an deene leschten Deeg gekuckt. Do gesi mer, datt bei der éischter Dos e Land wéi Portugal bei 86 % ass, Dänemark bei 77 %, Irland bei 74 %, Däitschland bei 65 %, d'EU als Moyenne 65 %. A mir si mat 64 % do ugin. Do muss ee wëssen, datt déi europäesch Moyenne och Länner mat aberechent wéi Rumänien a Bulgarien, wou den Impftaux bei 28 % respektiv bei 16 % läit. Dat ass fir déi éischt Dosis.

Fir déi zweet Dosis ass et änlech: Portugal bei 80 %, Dänemark bei 75 %, d'Belsch bei 70 %, Irland bei 70 %, Frankräich bei 62 %, d'EU-Moyenne bei 59 % a mir, dat soen op jidde Fall déi international Daten, bei 57 %. Déi Daten, déi d'Regierung ugëtt, sinn ëmmer méi héich, mee ech huelen un, datt déi haaptsächlech gerechent sinn op Basis vun deene Leit, déi kënnen geimpft ginn, während déi hei vergläichbar dat op där ganzer Populatioun rechnen. Ech soen net, Är Date wäre falsch, net, datt ech elo hei falsch verstane ginn, mee se sinn op enger anerer Basis gerechent. Déi hei sinn elo vergläichbar ënnerenee gemaach ginn.

Wann déi Date stëmmen, an ech ginn dovunner aus, datt se stëmmen, dann ass dat Resultat, an ech soen dat och onpoleemesch, wierklech onpoleemesch, nach net do, wou mer am Fong sollte sinn. Mir si momentan licht ënnert der EU-Moyenne, an dat, muss ech soen, obwuel eis Impfcampagne am Fong gutt organiséiert war. Obwuel d'Angebot am Fong relativ schnell do war, d'Impfstroossen zur Verfügung stoungen, si mer op engem Resultat, wat net dat ass, wou mer am Fong misste sinn, an dat, obwuel eng ganz Rei Efforte lafe momentan.





Wat mech am Fong e weíneg inquietéiert, dat ass, wann ech elo d'Zuele kucken, wéi momentan d'Impfungen amgaang sinn ze lafen. Mir hate virun der Vakanz Wochen, an deene mer quasiment 50.000 Impfungen d'Woch gemaach hunn. Mir sinn elo bei ronn 7.500 Dosen d'Woch, wat jo vill méi déif ass. Dat explizéiert sech deelweis duerch d'Vakanz, mee ech si mer net sécher, ob dat sech nëmmen duerch d'Vakanz explizéiert. Ech si wierklech der Meenung, datt momentan d'Impfen amgaang ass, esou lues ze stagnéieren, net méi esou weiderzegoen, wéi mer et gär hätten. An dat mécht mer Suergen, well mer nach net do sinn, wou mer sollte sinn, fir am Fong deen nächste Schrëtt ze maachen.

Wann ech kucken, wat aner Länner amgaang sinn ze maachen - Dänemark, dat no bei 80 % ass an dat elo decidéiert huet, datt et de Risiko mat deem Taux kéint agoen, fir en nächste Schrëtt ze maachen, oder Länner wéi Portugal, déi och relativ vir si bei den Impfungen an déi och elo d'nächst Woch héchstwahrscheinlech wäerten eng Rei Schrëtt decidéieren -: Mir sinn nach net do. Da muss ee sech d'Fro stellen: Firwat si mer nach net do? A wat muss mer maachen, fir dohinner ze kommen? Well datt mer mussen dohinner kommen, schéngt mer eng absolutt Evidenz ze sinn.

Dofir ass et och vläicht wichteg, datt een eng Kéier genau detailléiert déi Zuelen analyséiert vun deem, wie sech impfe gelooss huet, wat fir eng Gruppe sech impfe gelooss hu respektiv wat fir eng Gruppe sech net impfe gelooss hunn. An ech froen am Fong d'Madamm Ministesch, ob se eis nach eng Kéier kéint déi aktualiséiert Zuelen an de Spideeler, an den Institutiounen fir eeler Leit, bei de Reseauen respektiv an de Schoulen, an de Crèche ginn, wou ëmmer gesot gëtt, Här Meisch, datt 90 % vun den Enseignanté sech impfe gelooss hätten. Ech fannen dat en immens positiv héijen Taux. Sinn dat Schoulmeeschteren? Oder ass dat d'Gesamtpersonal? Dir kënt vläicht nach e puer Wuert doriwwer soen, well et awer wichteg ze wëssen, a wat fir enge Gruppen an enger nächster Etapp mussen Effort gemaach ginn, fir d'Impfung weiderzedreiw.

A meng aner Fro ass, ob an der Étude épidémiologique, déi mer virun der Vakanz gefrot haten, weider Schrëtt gemaach gi sinn. Well ech fannen et och wichteg, datt mer genau wëssen, wat d'Situatioun an den Altersstrukturen ass, wat d'Leit ugeet, wat d'Personal ugeet, wellech Risike wien dréit a wellech Preventiounsmoossname mer do mussen an deenen nächste Méint huelen. No all deem, wat war an deenen Altersstrukturen, mengen ech, ass et wichteg, datt mer déi Effort maachen.

Ech kréien dann och an der Lescht eng ganz Rei aggressiv Messagen. Ech weess net, wéi et bei lech ass, mee op mengem Mail-Account, Facebook oder wat och ëmmer kréien ech eng Rei Messagë vu Leit, déi sech net wëllen impfe loosson an déi sech iwwert mech iergeren, datt ech soen: „Mir mussen eis impfe loosson!“

An ech soen hinnen ëmmer ganz kloer ... Déi Leit beruffe sech ëmmer op hir Fräiheet a meng Äntwert ass ëmmer déi, datt mer an enger Gesellschaft liewen, an där mer zesumme sinn. Mir kënnen fräi sinn, well eis Gesellschaft oppen ass a well eis Gesellschaft eis déi Fräiheete gëtt. Eis Fräiheet kann nëmmen innerhalb vun eiser Gesellschaft exzerzéiert ginn. An dofir ass, fir datt mer kënnen fräi sinn, och eng gewësse Solidaritéit an där Fräiheet noutwendeg. An dofir ass et och noutwendeg, datt een an deem Solidarakt vun der Impfung matmécht a sech net kann eraushuelen a sech einfach op seng perséinlech a privat Fräiheet bezéien a soen: „Déi aner impfe sech jo fir mech mat.“

Dat geet am Fong net! Dat geet am Fong net, wann ee wëllt eng Solidargemeinschaft sinn, déi zesummenhält an déi eng Epreuve wéi de Covid, an där mer dra sinn, och gemeinsam wëllt bestoen. Dat ass e Message vu Santé publique, dee mer mussen eriwuerbréngen.

An dann hunn ech op där anerer Säit, an dat occupéiert mech gradesou vill, och eng ganz Rei Messagë vu Leit, déi geimpft sinn an déi lues a lues ongedëlleg gi vun där ganzer Situatioun, wou si eppes op sech geholl hunn, well se et als Virsiichtsmoossnam fir déi aner geholl hunn, an elo nach net kënnen do sinn, wou se am Fong méi Fräiheeten hunn, well eng ganz Rei Leit net matmaachen, fir sech impfen ze loosson. Och do ginn et ganz aggressiv Messagen, déi ech a mengem Mail hunn. An ech hunn elo och eng Etüd gesi vun der UCL aus der Belsch respektiv der Universitéit vu Léck, déi am Fong seet, datt d'Toleranz ëmmer an ëmmer méi kleng géif ginn. Dat ass awer gesellschaftspolitesch e grouss Problem, op dee mer mussen oppassen hei zu Lëtzebuerg, datt et net do zu enger Spaltung an zu Rosereien an zu Sträit an eiser Gesellschaft kënn.

Mir begreissen an jidde Fall, ech soen dat och ganz kloer, datt d'Regierung d'Gratuitéit vun den Tester elo ofgeschaaft hutt. Dat ass logesch, dee Schrëtt elo ze maachen. Dat Eenzezt, wat mer froen a gär hätten, datt ass, datt bei de Schüler, bei Ordon-

nance-médicallen oder bei Leit, déi obligéiert sinn, sech testen ze loosson aus medezinnesche Grënn, mer nach d'Gratuitéit weiderféieren, falls dat net souwisou scho virgesinn ass.

Ech ginn emol eng Motioun dofir of. Wann Der mer elo sot, déi Motioun géif souwisou gemaach ginn, da kënn Der se entweeder stëmmen oder Dir sot wéi esou oft: „Et ass superfetatoire“, mee Haaptsaach, et gëtt gemaach!

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

### Motion 2

*La Chambre des Députés,*

*- notant que l'accès libre au dépistage par PCR a été introduit le 20 juin 2021 afin de permettre à l'ensemble de la population de respecter les critères du « CovidCheck » ;*

*- considérant que la campagne de testing à grande échelle (LST) prend fin le 15 septembre 2021 ;*

*- sachant ainsi que les citoyens n'auront plus la possibilité d'effectuer un test PCR gratuit ;*

*- considérant que des personnes souhaitent se faire vacciner, mais ne le peuvent actuellement pas pour des raisons médicales ;*

*- notant également que les jeunes de moins de douze ans n'ont toujours pas eu accès aux vaccins ;*

*- considérant qu'en Allemagne, les tests PCR gratuits resteront en vigueur pour les personnes ne pouvant pas se faire vacciner pour des raisons médicales, pour les femmes enceintes ou les jeunes pour lesquels il n'y a pas encore de vaccin adapté ;*

*- constatant que le fait de rendre les tests PCR payants pour les personnes ne pouvant pas se faire vacciner pour raisons médicales ainsi que pour les jeunes de moins de douze ans actuellement exclus de la campagne de vaccination constituerait une injustice en raison de l'obligation de couvrir les coûts associés aux tests PCR par ces groupes de personnes afin de ne pas se voir exclus de la vie publique réglée par le système du « CovidCheck »,*

*invite le Gouvernement*

*- à donner la possibilité d'effectuer des tests PCR gratuits pour les personnes de moins de douze ans ainsi que pour les personnes qui ne peuvent pas être vaccinées pour des raisons médicales, y compris les femmes enceintes.*

(s.) *Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.*

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mir plädéieren och an dësem Moment net fir eng Impfpflicht. Mee mir froen d'Regierung, datt se eng Campagne fir d'Impfung weiderféiert mat alle Moyenen, déi zur Dispositioun stinn, an datt se och geziilt op déi Gruppen ageet, wou d'Resistenz zum Impfen am gréissten ass oder wou de Refus, sech impfen ze loosson, am gréissten ass. Dofir brauche mer déi Zuelen an dofir musse mer prezis och un déi Gruppen eruegen.

Op där anerer Säit ass et och kloer, datt mer der Meenung sinn, datt d'Regierung soll deene Leit, déi geimpft sinn, esou wäit wéi méiglech all d'Méiglechkeete bidden, fir erëm fräi ze zirkuléieren a fir sech an der Normalitéit ze beweegen. Ech ginn lech och, Här President, eng Motioun of, wou mer froen, déi geziilten Impfcampagnen ze acceleréieren. Wannechgelift!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

### Motion 3

*La Chambre des Députés,*

*- constatant que les taux de vaccination diffèrent selon les différentes catégories d'âge ;*

*- notant dans ce contexte que la population plus jeune est encore plus réticente pour se faire vacciner ;*

*- constatant qu'à l'heure actuelle 55 % des jeunes entre 12 et 18 ans sont vaccinés, soit un adolescent sur deux ;*

*- sachant que même si les jeunes connaissent généralement une évolution moins sévère de la maladie, une diminution de la moyenne d'âge des personnes hospitalisées est à noter au cours des dernières semaines ;*

*- constatant aussi que face aux nouveaux variants qui se propagent plus rapidement, les jeunes semblent également moins résistants à l'infection,*

*invite le Gouvernement*

*- à lancer une campagne de vaccination via les équipes mobiles en bus itinérants « Impfbus on tour » dès la rentrée et ceci directement auprès des établissements scolaires, offrant ainsi aux jeunes dès douze ans et avec une autorisation parentale la possibilité de s'informer et de se faire vacciner.*

(s.) *Claude Wiseler, Jean-Marie Halsdorf, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.*

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Mir stellen haut och fest, an dat ass mäi leschte grouss Punkt, datt déi

aktuell Reegelen oder hir Applikatioun an der Realitéit eng ganz Rei Problemer stellen, notamment an der Aarbechtswelt, notamment an de Moyenen, déi en Arbeitgeber muss hunn, fir d'Sécherheet vu sengen eegenen Employéen ze garantéieren, wat eng legal Obligatioun ass.

Do ginn et eng Rei Beispiller, extreem vill Beispiller. Ech kréien där och eng ganz Rei zougemailt respektiv erzielt. An ech wëll lech der véier opzielen, well ech einfach mengen, datt mer eis als Politik vläicht méi prezis och mussen dorëmmer bekëmmen.

Dat éischt, datt ass dat vun enger eelerer Damm, déi nach eleng doheem ass an déi eng Persoun doheem huet, déi sech ëm si bekëmmert, déi awer net vun engem Reseau ass, mee déi si einfach säit laange Joren agestallt huet. Si huet déi Persoun gefrot, ob se geimpft wär. Si krut e Refus fir d'Äntwert. D'Äntwert war: „Ech brauch lech dat net ze soen.“ Do huet se gefrot: „Mee kënn Der lech dann teste loosson?“ Do krut se als Äntwert: „Ech brauch dat net, dat geet lech och näischt un.“ Sou. Resultat: Wat geschitt elo do? Entweder déi Persoun, déi vulnerabel ass, léisst déi aner einfach kommen, ouni ze wëssen, wat den Zoustand ass, an exposéiert sech awer engem a mengen Ae ganz grouss Risiko. Oder se seet dann: „Ech bezuelen lech weider, mee bleift doheem!“

Dat ass awer, muss ech éierlech soen, a mengen Aen eng Situatioun, déi esou schwiereg ass ze akzeptéieren an ech weess net, wéi mer se solle léisen. An eisen Text gesäit a sech doranner näischt vir. An dat ass e richteg Problem beim Schutz vu vulnerabele Leit.

Eng zweet Fro, oder en zweet Beispill, datt ass eng kleng Entreprise vu 15 Leit, e Startup, deen an engem Groussraumbüro - well e sech net vill ka leeschten, ass et e kleng Groussraumbüro - 15 Leit zesummesetzen huet. Dovunner sinn 13 Leit geimpft, soen dat och riichter aus. An een, deen huet e Refus, fir sech ze impfen an ze testen, an deen anere refuséiert, fir iwwerhaupt ze soen, ob e geimpft ass, a wëllt sech och net teste loosson.

Resultat vun där ganzer Geschicht: De Patron, wat dann ee vun 30 Joer ass, deen dann och net richtig weess, wéi en dat da genau soll upaken, ass an enger ganz schlechter Situatioun, well en am Fong keng aner Méiglechkeet huet, fir d'Leit ze isoléieren, a well da seng 13 aner Leit, déi geimpft sinn, op eemol ufänken ze protestéieren an ze soen: „Nee, mir wëllen och net méi kommen, wa mer hei e Risiko hunn, a Gefor bruecht ze ginn!“

Och do hu mer am Aarbechtsrecht, mengen ech, awer elo net d'Méiglechkeet, fir de Problem ze léisen. An dee Mann stellt sech d'Fro: „Wat ass dann elo meng Obligatioun als Patron, déi am Gesetz festgehalen ass, wou ech legal muss déi Leit schützen? Ech hunn als Patron d'Obligatioun, fir alles ze maachen, fir d'Gesondheet vu mengen Employéen ze schützen, an ech sinn an enger Situatioun, wou ech Schwieregkeeten hunn, där Obligatioun nozekommen.“ Ech weess, datt een net direkt eng Äntwert huet. Mee ech fannen, datt mer als Politik awer missten esou schnell wéi méiglech deen do Sujet ugoen, fir Äntwerten ze ginn.

En drëtt Beispill, datt hu mer an der Zeitung gelies, dat si grouss Betriber mat ganz ville Groussraumbüroen, déi wëllen erëm lues a lues vum Teletravail zrëckkommen an eng presentiel Aktivitéit, wat ech vum Fundament jo och richtig fannen, déi sech elo da soen, fir den 3G oder den 2G anzeféieren, fir d'Sécherheet vun hirem Personal kënnen ze garantéieren, wou sech awer eng ganz Rei Froen a Problemer elo um juristesche Plang stellen. Och déi Problemer, mengen ech, misste mer mat aller Kloerheet léisen.

E véiert Beispill, datt hu mer an der Zeitung gelies, dat ass dann u sech d'Beispill vun engem grouss Spidol hei zu Lëtzebuerg, wou den Direkter bei Neiastellung freet an nëmme Leit astellt, déi geimpft sinn. Ech fannen dat och justifizéiert a richtig. Meng Fro ass: Wéi ass d'legal Basis, fir dat do kënnen ze maachen, wat ech vun engem sanitäre Standpunkt als absolutt normal empfangen?

Déi Fro, déi sech also hei stellt, ass: Wéi kann ech engem Employeur et erméiglechen, déi legal Obligatioun, déi en huet, d'Gesondheet vu sengem eegene Personal ze schützen, ouni ze vill invasiv ze sinn op personell Donnéeën vun den Employéen, mee fir trotzdeem hir Gesondheet ze schützen, fir ëm do d'Moyenen ze ginn, fir kënnen där Obligatioun nozekommen? An datt d'Leit wëllen, datt hir Gesondheet geschützt gëtt, do zweifelen ech kee Moment drun. Bei deene Beispiller, déi ech erzielt krut, ass et éischer eng Demande vun den Employéé gewiescht, fir wëlle geschützt ze ginn a fir dem Patron ze soen: „Maacht wannechgelift eppes!“

Ech fannen, dat ass eng wichteg Fro, elo, wou lues a lues d'Ekonomie erëm an e Normalitéit zrëckkënn an déi normal Aarbechtsprozesser erëm funktionéieren, eng Fro, déi d'ailleurs an den Nopeschlänner ganz haart an och heiansdo kontrovers diskutéiert gëtt. An ech soen hei kloer: Et kann ee se net léisen, andeem een d'Hoffnung aus-

sprécht, datt se sech iergendwéi selwer léist, an et kann ee se och net léisen, andeem een d'Responsabilitéit einfach op d'Entreprise oder op d'Employéen eriwuerdréckt, well da riskéiert een an den Entreprene, an der Aarbechtswelt onnéideg Sträit ze declenchéieren. Et ass eng Responsabilitéit vun der Politik, esou Froen unzegen.

Dofir froe mer d'Regierung fir ze préiwen, awéiwäit en adaptéierte CovidCheck-System - dee kann een och wäit adaptéieren, mee trotzdeem - bei Betriber oder vu Betriber ka benotzt ginn an deem Fall, wou et zur Sécherheet vum Personal bäidréit.

D'ailleurs wëll ech soen, datt mir als Chamber dat jo och gemaach hunn. Wéi ech erakomm sinn, hunn ech misse mäi CovidCheck weisen, wat ech absolutt normal a sënnavoll fannen. Mir setzen ech an engem Sall, deen zwar grouss ass, mee dee fir déi 60 bis 70 Leit, déi elo heibanne sinn, net onbedéngt esou grouss ass, datt guer keng Gefor do wär. Ech hunn et absolutt normal fonnt. Ech hu mech besser gefillt, ech hu mech sécher gefillt. An ech soen dem President och Merci, datt en d'accord war, datt mer dee CovidCheck do ageféiert hunn.

Mir maachen dat also selwer hei an der Chamber fir eis. An ech fannen et also logesch, datt mer déi Fro och fir d'Betriber dobause kënnen stellen. Op jidde Fall kann ech elo net soen, ob eist Gesetz, wou et am Fong nëmmen ëm „établissements accueillant un public, rassemblements, manifestations ou événements“ geet, sech kloer kann op d'Betriber applizéieren oder ob et esou ass, datt am Fong den Artikel 312 (1) aus dem Code du travail mat der Obligatioun, Sécherheet a Gesondheet ze schützen, duergeet, fir eng Applikatioun ze maachen. Op jidde Fall hätte mer gär Rechtssécherheet do. An et ass dat, wat mer d'Regierung froen.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Här Wiseler, sidd Der d'accord, datt den Här Di Bartolomeo ...

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech wollt soen, ech si mer elo e weíneg wéi an der Schoul virkomm, well den Här Di Bartolomeo d'Hand ausstreckt. Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Mars Di Bartolomeo (LSAP), rapporteur.**- Merci villmoos. Et ass ganz pertinent, wat den Här Wiseler seet. Mir haten dee Problem nëmmen ugetaacht an der Santéskommissioun an opgrond dovun hat ech beim Aarbechtsminister nogefrot an ech hunn dat och a mengem mëndleche Rapport gesot gehat, net am schrëftlechen, an den Aarbechtsminister hält direkt och Kontakt mat der UEL op, fir ze préiwen, iwwer wat fir e Wee een dat genee ka maachen, wat den Här Wiseler suggeréiert huet, wat och absolutt pertinent ass, och an der Rumm vun engem gudde Gesondheetsschutz vu senger Mataarbechter an deem Mataarbechter selwer.

Merci awer, dass Der dorop agaange sidd. Merci, Här Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Ech soen och Merci fir d'Reaktioun direkt. Ech fannen et wichteg, datt mer och d'Chambertribün benotzen, fir Iddien ze entwéckelen a fir dann hannendrun och ze kucken, wat dat an der Realitéit heescht a wéi et kann an d'Realitéit ëmgasat ginn.

D'ailleurs, déi selwecht Fro, Här Di Bartolomeo, stellt sech fir déi ganz Diskussioun iwwert d'Informatiounsflucht. Mäin éischt Beispill vun der eelerer Damm, déi net gewuer gëtt, wat d'Situatioun vun där Persoun ass, déi se engagéiert huet, do stelle sech awer och Froen, wou ech mengen, datt ee misst am Fong genau dat selwecht préiwen: Wéi wäit gëtt d'Gesetz vun dem Code du travail schonn en Deel Informatiounsflucht hier, fir Leit, déi sech selwer wëlle schützen, oder aner Leit, déi am Haus wëlle schaffen, ze schützen, fir datt se einfach kënnen wëssen, wat se solle mat wem maachen? Well et gëtt jo heiansdo och a Betriber Léisungen, déi duerchaus maachbar sinn. Mee et muss ee just wëssen, wat d'Realitéit a wat d'Situatioun ass, soss kann ee se net ëmsetzen. Ech weess, datt dat vill Diskussiounen kënnen ginn. Ech weess och net, wellech juristesche Basis, d'aktuell Gesetz oder de Code du travail.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Claude Wiseler (CSV).**- Dat ass am Fong och egal, wat fir eng Basis et ass. Ech wëll just, datt et rechtlech gepréift gëtt, datt mer eng korrekt an eng kloer Basis dohinnersetzen an datt mer d'Realitéit esou maachen, datt d'Leit net Sträit ënnerenee kréien an datt mer d'Sécherheet an d'Gesondheet vun de Leit schützen. Dat ass déi eenzeg Zilsetzung, déi ech mat dësen Aussoen hunn.

Sou, dat waren déi zwou wichteg Froen, déi mer awer um Häerz geleeën hunn, e weíneg iwwert d'Gesetz eraus. Ech kommen da fir d'Konklusiounen kuerz zum Gesetzestext zrëck. Déi grouss Richtung vun dësem Text stëmmt an eisen Aen. Et geet drëm, fir virsiichteg ze sinn. Et geet drëm, opzemaache Schrëtt fir Schrëtt. Et geet awer och drëm, do nozebesseren, wou Schwaachstelle sinn, zum Beispill an de Spideeler.

Mir hu mat eenzelne Punkte vun der Applikatioun vum Text eis Problemer. Ech hunn iwwert d'Schoul





kuerz geschwat gehat. Mir fannen, datt eng Rei Froe misste méi kloer ugeschwat a gereegelt ginn. Déi vun der Aarbechtswelt, dat ass jo dann amgaang ze geschéien.

Mee fir d’Konklusioun ze soen: Mir wäerten dësen Text matstëmmen, well mer mat der grousser Richtung vun dësem Text d’accord sinn. Merci.

■ **Une voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wiseler. An den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Merci fir d’Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech si frou, lech alleguerten erëmzegesi bei gudder Gesondheet a mat frëschem Elan, frëscher Energie, fir zesummen déi Aarbecht unzegoen, déi Aarbecht, déi virun eis alleguerte läit.

Gëschter ass et ganz genau 18 Méint hier, dass de Premierminister Xavier Bettel den État de crise huet missen ausrufen, well en neie Virus, de Sars-CoV-2, an Europa an och zu Lëtzebuerg ukomm war. Mir woussten näischt zu deem Moment iwwert dëse Virus. A kee konnt sech zu deem Moment ausmolen, wat géif op eis duerkommen.

Een an en halleft Joer duerno bestëmmt de Virus nach ëmmer e groussen Deel a ville Beräicher vun eise Liewen. Zum Gléck goufen esou séier, ech mengen, esou séier wéi nach ni an der Geschicht vun der Mënschheet, net nëmmen een, mee e puer Vaccinen entwéckelt, déi eng gutt Effikassitéit géint de Virus hunn an eis domadder lues awer sécher erëm méi Fräiheeten a wéi Normalitéit zrëckginn.

D’Impfungen an och den 3G-Modell hunn eis relativ gutt duerch de Summer bruecht, mat Concerten, mat Fun um Glacis, mat Auslandsreesen. Mir sollen awer d’Aen net virunner verschléissen, dass am Moment d’Infektiounszuelen nees an d’Luucht ginn, an et leien och erëm méi Leit am Spidol.

Fir d’Period vum 10. August bis déi éischt Woch am September leie mer bei den Neiinfektiounen duebel esou héich, wéi dat d’lescht Joer fir dee selwechten Zäitraum de Fall war. Dat läit warscheinlech zum gréissten Deel un der Delta-Variant, déi hei am Land quasi 100 % vun den Infektiounen mëttlerweile ausmécht a vill méi ustiechend ass wéi d’Alpha-Variant, déi d’lescht Joer am Émlaf war.

D’Hospitalisatiounen ginn am Moment net staark an d’Luucht. Se sinn op engem stabelen Niveau. Trotzdeem mussen mer alles drusetzen, dass mer net nees an eng Situatioun geroden, wéi mer se de leschten Hierscht kannt hunn. A well et net oft genuch ka gesot ginn, soen ech op dëser Plaz nach eng kéier kloer an daitlech, an ech betounen et: Loosst lech impfen, wann Der dat nach net gemaach hutt! Domadder gitt Der net nëmmen lech an eis alleguerte méi Fräiheeten, mee ganz besonnesch och eise Kanner.

Vaccine sinn nach ëmmer dee beschte Wee, fir Iwwerhand iwwert de Covid-19 ze huelen an ze behalen. Alleguer d’Leit, déi den Ament op den Intensivstatiounen leien, sinn net geimpft. An dobäi war et nach ni esou einfach, fir sech impfen ze loosse. Et sinn nach ëmmer zwee Impfzentren op, een an der Stad an een zu Esch. An der Victor-Hugo-Hal brauch een emol kee Rendez-vous ze huelen, et kann een dohinnegeen mat senger Carte d’identité a mat senger CNS-Kaart. Och den Impfbus ass op gréisser Manifestatiounen ënnerwee. Och do kann ee spontan laanschtgoen an dat hu schonn iwwer 1.300 Persounen gemaach. Ausserdeem bidde vill Hausdokteren d’Impfung bei sech am Cabinet un. D’Méiglechkeete sinn also do. An net ze vergiessen: De Vaccin ass gratis.

A genee well dat esou ass, huet d’Regierung och d’Entscheidung geholl, dass d’PCR-Tester net méi fir jiddweree solle gratis sinn. Kee gëtt gezwongen, sech impfen ze loosse. Dat huet d’Regierung ëmmer ausgeschloss. Wéi de Premierminister dat awer richteg sot, bedeit dat net, dass d’Allgemengheet weiderhi finanziell soll duerfir opkommen, wa sech eng Minoritéit vun de Leit net wëllt impfe loosse.

Ausnahme wäert et gi fir Kanner ënner zweielef Joer a fir Persounen, déi sech aus gesondheetleche Grënn net kënnen impfe loosse. All déi aner mussen de Choix huelen, ob se léiwer eng gratis Impfung hunn oder fir d’Tester bezuele wëllen. Dat ass vun elo u jiddwerengem fräi iwwerlooss.

Här President, wéi scho gesot, klammen d’Infektiounszuelen nees an den Hierscht steet virun der Dier, eng Zäit, wou den Infektiounsrisiko méi grouss ass, well d’Leit sech méi dobannen ophalen, méi op enkem Raum ophalen, wou d’Ventilatioun manner gutt ass wéi am Fräien. Nieft der Impfung bleift et also och weiderhi wichteg, déi allgemeng sanitär Mesuren anzehalen.

D’Covidgesetz, dat mer haut stëmmen, gëtt och just minimal ugepasst. Fir d’Schoulen ass virgesinn, dass d’Masken net méi an der Klass mussen gedroe ginn. Während den Displacementen am Schoulgebai oder am Schoulsall an och am Schoultransport gi

se awer bäibehalen, well et do zu enger gréisserer Duerchmëschung kënn.

Natierlech kann een a Fro stellen, ob et net besser wär, nach ofzawaarden an d’Mask iwwerall bäizebehalen. Mee alt nees eng kéier goug et hei drëm, den Equilibre ze halen tëschent Sécherheet an engem Stéck Normalitéit, dat virun allem fir eis Kanner, déi vill an der Pandemie gelescht hunn.

E Wuert zum CovidCheck an de Schoulen, well dat virdru vu menge Virriedner ugeklongen ass: Ech wëll an Erënnerung rufen, dass d’Kanner an der Grondschoul am Moment nach net kënnen getest ginn, dat heescht, si missten am Fong dann theoreetesch all zweeten Dag e PCR- oder e Selbsttest maachen.

■ **Une voix.**- Geimpft.

■ **M. Gilles Baum (DP).**- Pardon, entschëllegt, d’Kanner kënnen natierlech nach net geimpft ginn, mee si missten all zweeten Dag dann e PCR-Test maachen. Dat wär e risegen Opwand, den vläicht onverhältnisméisseg wär. A wann déi ongeimpfte Kanner sech net wëilten teste loosse, da misst een déi jo normalerweis heemschëcken, wat awer ganz weening kompatibel ass oder guer net kompatibel ass mat der Obligation scolaire.

Den Här Meisch huet et de Moien nach eng kéier am Interview gesot: De CovidCheck, deen ass agefouert gi fir Manifestatiounen, wou ee fräiwëlleg higeet. Et kann ee fräiwëlleg op e Concert goen, et kann ee fräiwëlleg an e Musée goen, et kann ee fräiwëlleg op e Fussballmatch goen. De Covid-Check ass am Fong en Entréesticket fir eng temporär Aktivitéit.

An der Schoul ass awer Schoufflicht an all Kand muss an d’Schoul goen. Et ass eng Obligation, déi net un d’Erfülle vun enger Konditioun wéi de Covid-Check däréif gebonne sinn. Wéi gesot, déi Kanner, wou d’Eltere géifen decidéieren, dass se sech net dierfen dem CovidCheck ënnerzéien, missten aus der Schoul ausgeschloss ginn. Dat kann natierlech net am Interêt si vun eis alleguerten a scho guer net vun der Obligation scolaire.

Insgesamt soll méi oft getest ginn, fir d’Sécherheet vun de Schüler a vum Personal ze garantéieren a gläichzäitig déi gréisstméiglech Normalitéit ze erlaben. Bis elo hunn 90 % vun de Schüler un de reegelméisseg Selbsttester deelgeholl. Et wäert awer keng Testpflicht an och kee generelle CovidCheck ginn, well d’Schoufflicht iwwerweit an d’Recht op Bildung vun all Kand muss respektéiert ginn.

Bis zur Schoulentrée gëtt geschat, dass gutt 90 % vun den Enseignanten, awer och schonn eng ganz Rei vu Schüler tëschent 12 an 18 Joer geimpft sinn. Dat ass eng gutt Viraussetzung. Mee am beschten ass de Kanner gehollef, wa sech d’Elteren allegueren impfe loosse. Dat ass net nëmme meng Meinung, mee d’Meenung vu ville Leit heibannen, an déi Meinung vertritt och den Dokter Schockmel an och d’Pediaterin, d’Madamm Dokter De La Fuente.

D’Kanner hunn an deene leschten 18 Méint eng ganz grouss Solidaritéit gewisen, andeems se sech fir d’Wuel vun den eelere Leit a vun de vulnerabele Leit agesat hunn an all déi sanitär Mesuren agehalen hunn. Et ass elo un eis Erwuessenen, eise Kanner vis-à-vis och Solidaritéit ze weisen an hinne mat der Impfung de Wee an en normaalt Liewen nees ze erméiglechen.

Hei wëll ech eng kleng Klammer opmaachen, well och Leit u mech erugetuede sinn an de leschten Deeg, déi Kanner hunn, déi ënner zweielef Joer sinn, déi gesot hunn, si wäeren am Ausland gewiescht a mir hätten awer wirklech méi strikt Mesurë fir Kanner vun zweielef Joer ofwäerts, wat zum Beispill an Holland oder an Italien net de Fall wär. Duerfir vläicht d’Fro un d’Regierung, ob ugeduecht ass, fir an engem vun den nächsten Texter fir d’Alterskategorie vu sechs bis zweielef Joer gewësse Lockerunge virzugesinn, well mir awer hei, wéi aner Länner zwar och, an der Alterskategorie sechs bis zweielef Joer zimmlech strikt sinn.

Här President, mat dësem Gesetz behiewe mer och eng Lacune, déi bis elo am Spidolsberäich bestanen huet. Den Accès zu de Spideeler gëtt mat dësem Gesetz d’selwecht gereegelt wéi den Accès zu den Alters- a Fleegeheimer. D’3G-Reegel gëllt och hei, onofhängeg dovunner, ob ee fir eng Visitt kënn oder just fir e Rendez-vous.

Grad an de Spideeler hale sech vill vulnerabel Leit op. Dofir ass et wichteg, dass hei déi gréisstméiglech Sécherheet virum Virus assuréiert ass. Natierlech mussen den Accès fir jiddweree, dee medezinesch Soine brauch, weiderhi séchergestallt sinn. Dowéinst gi bei den Entréee gratis Tester ugebueden an et gëlle selbstverständlech Ausnahme fir Persounen, déi fir eng Urgence an d’Klinik kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen, wéi gesot ännert mat dësem Gesetz net ganz vill. Ofgesi vun e puer Prezisiounen gi mer hei am Land net méi streng. Mee mir ginn awer och net manner streng. Dänemark geet elo zum Beispill scho säin eegene Wee, Schweenen och. Fir si ass d’Pandemie zanter der

leschter Woch eriwuer. Se hunn all hir Mesuren opgehuewen a sinn zrëck an eng Normalitéit, wéi si se virun 18 Méint kannt hunn.

Ech wëll awer och drop insistéieren, dass d’Impfquot an Dänemark bei 73 % läit. Eisen Impftaux ass leider nach net héich genuch, fir komplett suergefräi kënnen an d’Zukunft ze kucken.

An der Schwäiz zum Beispill si just 52 % vun de Leit geimpft. Schonn elo si 87 % vun hiren Intensivbetter beluecht. Interventiounen ginn nees ofgesot, Accidentéierter kënnen deelweis net méi an dat noost Spidol bruecht ginn, wouduerch wäertvoll Minutten fir hiert Liewe kënnen verluer goen.

90 % vun de Coronapatienten an der Schwäiz, déi an de Spideeler leien, sinn net geimpft. Déi Informatiounen hunn ech aus der „Frankfurter Allgemeine“ vum leschten Donneschdeg. D’Impfung mécht also e ganz kloren Ënnerschied.

Mee mir si leider nach net iwwert de Bierg. Duerfir begréisst d’DP, dass mer kleng Schrëtt maachen an eis Mesurë verlängeren a just eenzel, awer wichteg Verbesserungene virhuelen.

Ech ginn domat den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetz, awer net, ouni dem Président-rapporteur fir seng exzellent Aarbecht Merci gesot ze hunn. An ech soen lech och alleguerte Merci fir d’Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- An ech soen dem Här Gilles Baum villmools Merci a ginn d’Wuert un deen nächsten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d’Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP).**- Villmools merci, Här President. Direkt och e grouse Merci un de Président-rapporteur fir seng 22. Interventioun hei am Kader vum Covid. En huet dat wéi ëmmer exzellent gemaach, net nëmmen hei, mee och, wann en d’Kommissioun leet, déi jo och eng grouss Viraarbecht ëmmer bei deenen Texter hei mécht.

E grouse Merci wëllt ech natierlech dem Gilles Baum soen, mee och dem Claude Wiseler fir seng inhaltlech ganz korrekt a sachlech an am Toun och ganz agreabel Stellungnam. Dat klängt jo da gutt, wann dat esou weidergeet an nächster Zäit hei an der Chamber.

Et ass scho gesot ginn, d’Infektiounszuelen an d’Inzidenz an de leschte Woche waren zimmlech héich. Den Zouwuess huet sech glécklecherweis an der Lescht stabiliséiert. Och an de Spideeler an op den Intensivstatiounen sinn nees méi Covidpatienten. Mee och do ass den Zouwuess glécklecherweis dann ofgebremst ginn. An dobäi fällt op, dass dräi Véierel vun den hospitaliséierte Covidpatienten net oder net komplett geimpft sinn. Op den Intensivstatiounen sinn et 100 %, déi net geimpft sinn. Dat weist nach emol, dass d’Impfungen och weiderhin - et ass e puermol scho gesot ginn - an och bei der Delta-Variant e gudder Schutz géint schwéier Verleef sinn.

An dës Zuelen, grad wéi d’Biller aus Dänemark, dat jo opgrond vu senger ganz gudder, héijer Impfzuel all Restriktiounen konnt fale loosse, wéi de Gilles Baum et virdru gesot huet, déi misste jo am Fong geholl Argument genuch si fir déi, déi bis elo nach net de Schratt gemaach hunn, fir sech impfen ze loosse. Well an deem Beräich, do gëtt et effektiv nach Sputt no uewen.

An duerfir direkt meng Fro un d’Ministesch, wéi si d’Situatioun an Dänemark elo aschätzt an ob dat och eng Projektioun hei op Lëtzebuerg kéint sinn. Dat géif mech schonn interesséieren, wéi do d’Meenung vun der Ministesch a vun der Regierung ass.

Mir haten e gudden, mee, wéinst Liwwerschwieregkeeten an Engpäss, e bëssen e verzögerte Start a Verlaf vun der Impfcampagne. Um Enn vum Fréijoer hu mer opgeotemt, well déi vulnerabel Persounen geschützt waren. An och an de mëttleren Alterskategorien ass et gutt virugaangen.

Dës gutt Impfzuele gradewéi déi relativ niddreg Inzidenz an déi entspaante Situatioun an de Spideeler hunn eis et erlaabt, virum Summer dunn eng Rei vu Restriktiounen opzehiewen an nees zimmlech no un dat normaalt Liewen zrëckzufannen.

Ech war dunn zimmlech optimistes, awer bei der Preparatioun fir meng Interventioun vun haut krut mäin Optimismus e lichte Knacks.

(*Brouhaha*)

Jo, mir hate gutt ugefaange mat den Impfungen a jo, dat ass wichteg, bei den iwwer 50-Järege ass den Impftaux bei 80 %. Dat ass e Stéck manner wéi an Dänemark, do si mer bei 90 %, mee trotzdem en Taux, deen eng gewësse Sécherheet gëtt.

Awer wat d’Alterskategorie ënnendrënner betrëfft, do sti mer laang net esou gutt do an do ass nach vill Sputt no uewen. An dat ass net gutt esou! An ech deelen duerfir och d’Suerg vum Claude Wiseler, dass mer trotz enger gudder Impfcampagne, trotz ville Moosnamen, déi geholl goufen, trotz der wirklech ganz gudder Reklam, déi gemaach gouf, fir sech impfen ze loosse, mat all deene ganz

gudden Angeboten, déi do gemaach goufen, awer am Moment an enger Situatioun sinn, wou et net richteg oder net genuch virueet, och par rapport zu eisen Nopeschlänner oder anere Länner an Europa.

Däitschland, déi starten elo eng grouss Impfoffensiv. A mir mussen eis och iwwerleeën, wéi mer, nieft deene gudden Moyenen, déi mer elo schonn hunn, déi gutt Usätz, déi schonn do sinn, nach méi Leit an d’Boot kréien, wéi mer déi, déi nach zweifelen, a vläicht och esouger berechtigt zweifelen, nach kënnen besser errechen, wéi mer déi kënnen besser informéieren a se da schlussendlech och iwwerzeegt kréien.

Well nieft deene berechtigte Froen ginn et eng ganz Rei vu gudden Argumenten fir eng Impfung. Mir brauchen nëmmen de Bléck op Dänemark ze werfen. Mir mussen de Pourcentage kucken vun deenen Netgeimpften op der Intensivstatioun oder am Spidol am Allgemengen. Ëmmer méi e groussen Deel vun den ënner 50-Järege gëtt hospitaliséiert, och op der Intensivstatioun, ënner anerem och duerch déi Delta-Variant, déi méi en héije Risiko fir Leit ënner 50 mat sech bréngt. Alles dat sinn Argumenten, gradesou wéi d’Solidaritéit vis-à-vis vun der Gesellschaft. Well nëmme mat engem Impftaux vun, alle, soe mer tëschent 70 an 80 global gëtt eng Herdenimmunitéit erreecht, déi et dann erlaabt, der Pandemie an de Varianten de Wand aus de See-gelen ze huelen.

An och d’Risiken, dat muss een nach eng kéier kloer soen, d’Risike vun den Niewewierkunge bei der Impfung, déi si weesentlech manner grouss wéi d’Risike vun enger Coviderkrankung an och nach eng kéier hire Laangzäitfolgen.

Duerfir deelen ech absolutt d’Meenung an och d’Iwwerleeungen hei, déi scho virdru gemaach goufen, iwwert d’Fräiheet an iwwert d’Solidaritéit an eiser Gesellschaft.

Ech wëll hei nach eng kéier drun erënneren, datt et am Ufank vun de 60er-Joren ugaangen ass mat der Schluckimpfung fir d’Poliomyelie, fir d’Kinderlähmung. Eis Elteren, déi woussten och net, wat an deem Impfstoff do dra wier, si woussten och net, wéi dee richteg géif fonctionéieren, a si woussten och net, wien dee produzéiert hat. An awer hu se duerfir gesuergt, andeems se eis geimpft hunn, dass d’Zuelen extreem erfogaange sinn.

An Däitschland hate mer 1961 nach bal 4.700 Kanner, déi u Polio erkrankt sinn. 1965 waren et der manner wéi 50. A säit 1990 gëtt et keng Erkrankung méi an Däitschland mat der Kinderlähmung, d’selwecht mat der Haemophilus-Influenza Typ B, dem Hib-Vaccin. An der DDR - déi Zuelen, déi hunn ech elo fonnt - waren et 1990 ronn 120 Fäll. Kuerz nodeem se ugefaangen hu mat der Impfung, waren et nach manner wéi 10 Fäll.

An et gëtt keng Impfung, Dir Dammen an Dir Hären, déi zu 100 % schützt, mee si kënnen d’Erkrankungswahrscheinlechkeet an och d’Risike bei der Erkrankung daitlech erfosetzen. E Beispill: Bei enger Riseleneidemie an enger Schoul, wou d’Hall-schent geimpft ass an déi aner net, do gi statistesch gesinn 97-98 % vun den Netgeimpfte krank an 2-3 % vun deene Geimpfte gi krank.

Bei der Grippeimpfung ass den Taux de couverture och manner gutt. Jee no Alter an no Wierkung schützt se 40-75 % vun de Geimpften. An och hei, wéi bei deene villen aneren Impfungen, brauch ee Rappeller, well dat eeben e Prozess ass, well dat eeben de Prinzip vun esou enger Impfung ass. Coqueluche, Keuchhusten, deen huet och e Wierkungsgrad vu 85 %. Den Tetanus huet och keng 100 %, mee nëmmen 98 %.

Mee et goufe sech eeben hei keng oder net esou vill Froen gestallt bei deenen Impfungen. Si sinn einfach gemaach ginn a si hu gehollef, dass mer vill manner schwéier Fäll bei dëse Krankheeten hatten, gradesou beim BCG, bei der Impfung géint Tuberkulos, déi och reegelméisseg hei am Land gemaach ginn ass. Déi schützt och besonnesch virun engem schwéiere Verlaf vun der Tuberkulos a gëtt och keen absolutte Schutz. Mee si schützt virun deene schlëmme Komplikatiounen a virun engem Befall vum ganze Kierper. Tuberkulos kritt een net nëmmen an de Longen, mee et kritt een et och nach a villen aneren Organen, am Gehier an an den Nieren an esou weider.

Op alle Fall: Eis Zuelen, vun den Infektiounen an den Impfungen, déi weisen, dass mer nach net d’Hänn an de Schouss leeë kënnen an dass mer fir de Moment keng nei Erlichterunge kënnen erlaben. Duerfir ginn an der Haaptsaach d’Mesuren, déi iwwert de Summer en place waren, och mat dësem Projet de loi viruegefouert, mat enger Rei vu liichten Ännerungen nach op anere Plazen derbäi. Den Här Rapporteur huet dat ganz gutt erkläert.

Am Verglach mam Ausland: A Frankräich ass bekanntlech de sougenannte „Pass sanitaire“ agefouert ginn. En ass mat eisem CovidCheck-Regim vergläichbar, jo, mee e gëllt awer och op Plazen, wou bei eis de CovidCheck net gebraucht gëtt, esou zum Beispill op den Terrassé vun engem Café oder vun engem Restaurant, do muss een och säi sani-



täre Pass weisen. Eng Léisung fir d'Restauranten, déi de CovidCheck net wëllen, zum Beispill fir e séiere Service an der Mëttegstonn ze garantéieren, wou da just kënnen véier Leit un engem Dësch erlaabt sinn, déi gëtt et a Frankräich net, déi gëtt et awer hei zu Lëtzebuerg.

Dann ass de Pass sanitaire och fir a verschiddenen Transportmëttelen do, an och a verschiddenen Akafszenteren. Bis den 8. September huet do och de Pass sanitaire gegollt. Elo gëllt e just bei Akafszenteren iwwer 20.000 Meterkaree an déi an enger Regioun sinn, wou e gewëssenen Inzidenztaux ass. Des Weidere gëllt de Pass sanitaire och fir Kulturariichtungen an och fir sportlech Manifestatiounen, woubäi ee muss bäifügen, dass bei eis de CovidCheck och d'Méiglechkeet virgesäit, déi Schnelltester op der Plaz ze maachen, wat awer e weesentelechen Ënnerscheed zu Frankräich ass.

D'Situatioun a Frankräich ass deemno zum Deel méi streng, well de Pass sanitaire op méi Plaze gefuerdert gëtt wéi bei eis de CovidCheck. Wou Frankräich vill méi streng ass, dat ass bei der Impfflicht. D'Leit aus dem Santésmilieu, déi, déi dora schaffen, déi hunn nach bis muer Zäit, fir sech impfen ze looszen. Dorënner falen iwwregens net just d'Spidolspersonal, mee zum Beispill och d'Beruffspompjeeën oder d'Medezinnstudenten. Déi betraffe Professionell, déi der Impfung net nokommen, déi kënnen vum hirem Déngscht suspendéiert ginn an hir Pai gëtt während där Zäit gestrach.

Jo, esou schlëmm ass et a Frankräich. Dee Wee vun enger Impfflicht wëlle mir hei net goen, mee mir setze weiderhin op Opklärung. Mir setze weiderhin op Argumentatioun, fir d'Leit ze iwwerzeegen, sech impfen ze looszen, well ee gesäit, datt et grad a Frankräich jo och ganz vill Géigereaktioun provozéiert huet, wann een d'Leit forcéiert, fir sech impfen ze looszen. Duerfir gëllt jo bei eis eng obligatoresch Testpflicht dräimol d'Woch fir déi Leit, déi an de Spideeler oder Altersheimer schaffen an déi net geimpft sinn.

Iwwregens mengen ech, datt ee mat enger gudder Opklärung a mat gudder Argumentatioun méi erreecht wéi onbedéngt mat Flichten. Wann ee kuckt, wéi vill datt d'Leit sech bei eis géint Diphtherie, Tetanus, Polio an alleguer déi Kannerkrankheeten, déi net nëmme Kannerkrankheete sinn, impfe looszen, da gesäit een: An Ungarn, do ass eng Impfflicht, do si mer bei 99 %, hei zu Lëtzebuerg si mer och bei 99 %, ouni Impfflicht!

Änlech wéi a Frankräich gëllt och an Däitschland eng allgemeng 3G-Reegel. Si ka just ausgesat ginn, wann d'Siwen-Deeg-Inzidenz stabill ënnert der Valeur vu 35 läit. Soss gëllt se fir eng ganz Rei vu Beräicher, déi dobannen da stattfannen. Elo kann dës 3G-Reegel awer ënnerschiddlech vun de Bundeslänner ëmgasat ginn.

Interessant ass duerfir de Bléck bei eis direkt Noperen an d'Rheinland-Pfalz. Do ass d'Landesregierung méi wäit gaangen an huet eng sougenannten 2G+-Reegel agefouert. Am Prinzip heescht dat, dass bei Manifestatiounen d'Unzuel vu Leit, déi just getest sinn, op e Maximum limitéiert ass, fir kënnen vu gewëssene Fräiheeten ze profitéieren. An der éischter Warnstuf läit dës Limitt bei 25 Leit. Ginn déi verschidden Indicateuren an d'Luucht, wéi zum Beispill d'Inzidenzzuelen oder d'Hospitalisatiounen, da geet d'Zuel vun deene geteste Leit automatesch erof an esou weider.

Also kuerz, an deem Sënn ass Rheinland-Pfalz och méi streng wéi mir, wéi zum Deel dann och Frankräich. Mee ech fannen, am Allgemenge hu se awer och méi komplizéiert Reegele fir ze verstoen.

Ech erënneren dann och nach eng Kéier just drun, dass bei eis net nëmmen den 3G, mee de 4G gëllt, well mir och nach ëmmer bis zu enger gewëssener Auerzäit de Selbsttest am CovidCheck-Regimm akzeptéiere fir déi, déi sech nach net impfe loosse konnten. Fir déi ënner zwielef Joer ass dat och eng ganz gutt Saach.

Interessant ass dann och nach de Bléck an d'Belsch. Do sinn d'Reegele manner streng. Do gëllt anescht wéi bei eis kee systematesche CovidCheck-System. D'Belsch hu wuel e CovidSafe, dee mat eise CovidCheck vergläichbar ass, allerdéngs gëtt dee just bei gréisserer Manifestatioun wéi elo bei de „20 km de Bruxelles“ agesat. An der Gastronomie ass en net obligatoresch.

Bref, unhand vun dësen dräi Beispiller aus eiser direkter Noperschaft gesitt Dir, dass et net eng richteg Aart a Weis gëtt, fir mam Virus ëmzegoen. Déi eng si méi streng, déi aner sinn et manner. Et muss ee sech och ëmmer den Ëmstänn vun der Situatioun upassen. An duerfir gëllt weiderhin dat, wat mer bis elo zu Lëtzebuerg gemaach hunn, dass Lëtzebuerg säin eegene Wee geet an dass mer déi Mesuren och ëmmer mussen upassen, wann d'Situatioun sech entwéckelt. An duerfir maache mer dëst Gesetz jo elo nach eng Kéier bis Mëtt Oktober an da muss ee gesinn, wéi dat sech an der Aarbechtswelt entwéckelt.

Den Här Wiseler huet ganz pertinent Froen opgeworf. An ech weess nach aus engem

Gespräch vun haut de Mëtteg mam Aarbechtsminister, datt hien a stännegem Kontakt ass oder op alle Fall gewëllt ass, an de Kontakt ze triede mat de Betriber, fir iwwert déi dote Problemer ze schwätzen. E weess, dat huet e mer gesot, datt eng ganz Rei Betriber de CovidCheck ugefrot hunn. An d'Fro ass, ob een net muss einfach den Droit commun vun der Santé au travail spille looszen, fir ze kucken, datt d'Sécherheet op der Aarbechtsplaz och do garantéiert ass fir jiddwereen, deen dann an engem Betrib schafft.

Wat d'Fro vun deene gratis PCR-Tester ubelaangt, do geet Frankräich en änleche Wee wéi Lëtzebuerg. Bis elo konnt ee sech a Frankräich seng PCR-Tester rembourséiere looszen. Déi franséisch Regierung huet awer entscheet, dass dës Méiglechkeet de 15. Oktober ausleeft. Dat gëllt iwwregens och fir Däitschland. Hei huet de Bund decidéiert, dass et ab dem 11. Oktober keng allgemeng gratis PCR-Tester méi wäert ginn, ausser fir déi, déi nach net d'Méiglechkeet haten, sech impfen ze looszen, wat haaptsächlech Kanner a Jugendlecher sinn.

Dir gesitt: Oh wann den Datum net dee selwechten ass wéi bei eis, ass d'Tendenz am grouss Ganzen a Frankräich an an Däitschland, bei eisen Noperen, an déi selwecht Richtung, wat d'Ofschafung vun de gratis PCR-Tester ugeet.

An och wann d'Tendenz dacks an déi selwecht Richtung geet, soen ech nach eng Kéier, wéi ech et virdrun opgezeechent hunn, si ganz vill Ënnerscheeder an der Approche. Mir si sécher net déi, déi eisen Nopescheänner alles blann nomaachen, soss géif et keng esou gravéierend Ënnerscheeder ginn. Mir stinn als Lëtzebuerg, wat d'Mesuren ugeet, zimmlech gutt do. Dat mierkt ee besonnesch, wann ee mat de Leit iwwert der Grenz schwätzt, a besonnesch, wann een iwwert d'Schoul schwätzt. Ech kommen nach zum Schluss dorobber zrëck. Ech sinn awer och gläich fäerdeg hei.

Lëtzebuerg war vun Ufank vun der Pandemie un dat Land, dat am meeschte getest huet. An dat war och gutt an dat war och richtig esou. Duerno koum de Large-Scale-Testing derbäi, deen e gudden Bléck op d'Entwécklung vun der Situatioun an e gutt Stéck méi Sécherheet erlaabt huet. Mir haten ëmmer en immens einfachen, onkomplizéierten an zum gréissten Deel och gratis Zougang zu de PCR-Tester, souguer fir Situatiounen, wou ee kann driwwer diskutéieren, ob een dat huet misse gratis ubidden.

Elo, wou praktesch jiddwereen d'Méiglechkeet hat an huet, sech impfen ze looszen, ass dat net méi, oder net méi an deem selwechten Ausmooss, néideg. Wichtig ass awer ze betounen, dass weider PCR-Tester gemaach ginn, déi dann och solle gratis sinn, bei deenen a ronderëm déi vulnerabel Persounen, och bei deenen, déi e Verdacht op Covid hunn oder och um Enn vun enger Quarantän sinn. Dofir musse mir onbedéngt och derfir suergen, datt genuch Capacitéit do ass, fir einfach relativ séier kënnen ze testen do, wou et néideg ass.

Ech hu gesot, ech géif nach eng Kéier op d'Schoul zrëckkommen. Ech ginn net ze vill drop an, well de Gilles Baum huet dat in extenso gemaach. Mee schwätzt emol eng Kéier mat eisen Noperen, do, wou d'Schoule bis zu sechs Méint laang zou waren, do, wou d'Kanner méintelaang hir Kolleegen net gesinn hunn, do, wou se duerch feelend technesch Infrastrukturen dem Homeschooling net oder nëmme ganz schwéier konnten nokommen! Déi hu quasi nëmme Luef fir de Lëtzebuerger Modell, wou am leschte Schouljoer d'Schoul mat enger Ausnam vu just zwou Wochen - vu just zwou Wochen! - riichtduerch op war. Dat ass e ganz grouss Meritt, dee Lëtzebuerg huet! Dofir, wa mer eis vergläichen, leie mer guer net esou schlecht do.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Georges Engel (LSAP).** - Mir sinn nach net duerch de Bësch! D'Impfen ass a bleift de Schlëssel, fir duerch dës Pandemie nach gutt virunzekommen. Ech sinn duerfir iwwerzeegt, dass mer nach e puer Leit mussen derzou kréien, fir sech impfen ze looszen. Dofir: Iwwerzeegt Är Famill, iwwerzeegt Är Noperen, iwwerzeegt Är Bekannten an Är Frënn, an da packe mer dat! An dofir bleiwen ech optimisteschech.

Ech ginn heimadder den Accord vun der LSAP. Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Georges Engel. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Josée Lorsché. Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här Präsident. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëllt och mat enger positiver Nout ufänken, an zwar mat där, datt d'Moosnamen, déi mer haut verlängeren, méttelweil bal zwee Méint a Kraaft sinn an hir Feierpruf bestanen hunn.

Zil war et jo, virun der Vakanz am Summer, eng gewësse Fräiheet an eng gewëssen Normalitéit hinzekréien, ouni de Risiko ze lafen, datt d'Infektiounen nees géife massiv an d'Luucht goen an de Spi-

dolsecteur géifen iwwerlaaschten. Dat ass eis effektiv am Summer gelongen. An dat ass zum Deel doduerch ze erklären, datt d'Gestes barrières a ville Beräicher zur Gewonnecht gi sinn - wou een och deene Leit muss Merci soen derfir, datt d'Gestes barrières an der Gesellschaft respektéiert ginn -, mee och, datt de CovidCheck-Regimm sech bewäert huet als effikass Instrument.

Virun allem kënnst déi berouegend Situatioun an de Spideeler awer dohier, datt d'Impfcampagne ufänkt ze wirken. Dat heescht net, datt een deen awer dach bescheidenen Taux vun 72 % soll schéirieden an datt kee Sputt no uewe bleift. Et heescht awer zumindest, datt 72 % vun der Populatioun virun engem schlimme Krankheetsverlaf geschützt sinn an och virun der méi geféierlecher Delta-Variant.

Jo, eng Persoun, déi ouni Impfung op der Intensivstatioun géif landen, kritt als geimpft Persoun vläicht just e puer Deeg Féiwer. Eng Persoun, déi ongeimpft géif stierwen, kënnst geimpft vläicht just fir e puer Deeg an d'Spidol an huet wäit manner mat Organschiedegungen a Longcovidsymptomer ze kämpfen! Och dat ass scho gesot ginn.

Dës Beschreiwung ass also net aus der Loft gegräff. Datt se der Realitéit entsprécht, ass méttelweil mat Zuelen an Etüde beluecht. An eng ganz relevant Zuel ass déi zum Beispill, datt d'Zuel vun de Geimpften, déi op der Intensivstatioun leien, bei null läit. Et läit keen op der Intensivstatioun, dee geimpft ass. An dofir kann ech och am Numm vun deene Gréngen net oft genuch op d'Wichtigkeet vun der Impfung hiweisen!

De Vaccin schützt awer net nëmmen deen Einzelnen a säi Vis-à-vis. E schützt och d'Gesellschaft an d'Ekonomie. E schützt d'Schoulen an d'Kultur an de Sport virun engem Lockdown. An e verkierzt de Wee an d'Fräiheet!

Datt d'Regierung der Impfung also an Zukunft méi Gewicht wëllt bäimoosse wéi den Tester, déi jo just nach op Ordonnance médicale oder an de Schoule gratis bleiwen, ënnerstëtze mir och als Gréng ausdrécklech. A mir sinn och der Meinung, datt et net um Steuerzueler ass, fir Tester fir Randgruppe vun Impfverweigerer ze finanzéieren, déi sech laanscht hir Verantwortung drécken, wuelwëssend, datt d'Impfung jo jiddwerengem ab zwielef Joer gratis zur Verfügung steet.

Sollt sech dann erausstellen, datt gewësse finanziell Nodeeler oder Aschränkungen op Impfverweigerer zoukommen - ech erënneren un den 2G an der Gastronomie zu Hamburg oder den 2G+, deen de Georges Engel elo ernimmt huet a Rheinland-Pfalz -, da kann een deene Leit eigentlech nëmmen eppes roden, an zwar, datt se sech mat der eegener Nues huelen a sech net just mat deene bescheidenen Niewewierkungen oder Reaktiounen op d'Impfung ausersetzen, mee och mat der Verantwortung, déi een där Gesellschaft schëlleg ass, an där ee leeft.

Jiddefalls ass et scho bal karikatural, wa Politiker aus Donschtkreesser vun der AfD - ech nennen d'Spëtzekandidatin Alice Weidel, déi virgëschter am „Lëtzebuerger Wort“ zu Éiere koum -, mee och verschidden aner gesellschaftlech Stréimunge behaupten, et wier eng geféierlech Entwécklung, ongeimpfte Mënsche Rechter ewechzehuelen, déi hinne verfassungsméisseg zoustinn. Wéi wann d'Verfassung net och eppes mam Schutz vun der éffentlecher Gesondheet ze dinn hätt!

Wann déi selwecht dann och nach betounen, si géifen am Kampf géint d'Pandemie op Eegeverantwortung amplaz op Moosname setzen, dann ass d'Karikatur perfekt. Well wat ass Eegeverantwortung an Zäite vu Pandemie anescht, wéi sech impfen ze looszen, Dir Dammen an Dir Hären? An et gouf och nach keng eenzeg Pandemie, déi ouni Impfung ausgerott konnt ginn.

D'Zil vun dëser Koalitioun ass et dofir, a mat Recht, den Impftaux weiderhin ze erhéien an den Drock op d'Spideeler domat ze verhënnern. A fir d'Spideeler eebe grad ze entlaaschten, ass et och scho fir Jonker wichtig, sech beim éischte Kontakt mam Virus fir d'Impfung ze entscheeden an net ze mengen, eng gewësse Fitness an eng gesond Ernährung kéinten d'Impfung ersetzen an e schlimme Krankheetsverlaf verhënnern. Dat ass ganz einfach eng Illusion!

An dowéinst ass et dach awer bedenklech, datt d'Impfbereitschaft an der Alterskategorie vun den 20- bis 45-järeg Leit hei zu Lëtzebuerg laut Presseberichte momentan am niddregsten ass, obwuel et grad an dëser Alterskategorie ass, wou schonn zanter Méint déi meeschten Infektiounen optrieden.

Hei kann ee just soen, datt e jonken Erwuessenen, dee sech net wëllt impfe looszen, sech kloer fir d'Krankheet entscheet an domat och fir de Risiko vu weidere Fräiheitsaschränkungen. An en entscheet sech och kloer fir d'Ustiechung vu senger Kanner, grad ...

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Madamm Lorsché, erlaabt Dir, datt den Här Kartheiser lech eng Fro stellt?

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Wann ech fäerdeg sinn. Dir kënn Äre Kommentar herno maachen. Ech schwätzen elo.

(Interruptions)

Mir sinn am Haus vun der Demokratie, Här Reding. Ech mengen, dat misst Dir och scho geléiert hunn. An do däréi een eng Meenung vertrieden.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Roy Reding (ADR).** - Bleift bei de Fakten!

■ **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - „E léiert et ni“, seet den Här Graas. En huet och net Onrecht.

An en entscheet sech och kloer fir d'Ustiechung vu senger Kanner an et sinn awer grad d'Kanner, déi scho vill Affär hu missen an der Pandemie bréngen, an et sinn och grad si, déi solidaresch waren.

Wat den Impftaux dann ugeet vun de Senioren, esou stëmmt deen eis net manner nodenklech. Laut de Statistike vun Enn August klëmmt d'Impfbereitschaft eigentlech eréischt nom Alter vu 70 Joer a läit bei den iwwer 70-Järeg bei 84 %. Dat ass e gudden Taux.

Bei de 60- bis 69-Järeg erreecht d'Impfung awer net emol 75 %, laut deene Statistiken, déi ech gelies hunn. Dat bedeit, datt nach ëmmer iwwer 25 % - also méi wéi ee Véierel vun de Mënschen tëscht 60 a 70 Joer - net duerch eng Impfung geschützt sinn. An da stellt sech natierlech noutgedrongen d'Fro, wéi een dës Alterskategorie nach méi geziilt kann erreechen, wuelwëssend, datt net all Hausdokter bereet ass, seng Patienten a Patientinnen ze impfen oder fir d'Impfung ze motivéieren.

Et bleift dann nach den Impfbus, deen natierlech eng gutt Saach ass, well e bei Concerten, Manifestatiounen oder Akafszenteren Halt mécht an d'Impfung souzesoen dohbréngt, wou d'Mënschen ënnerwee sinn. Ob a wéi vill vulnerabel Mënschen awer mam Impfbus erreecht ginn, ass trotzdem eng Analys wäert, falls et se net scho gëtt. An et ass eiser Meenung no och wichtig, no weidere Méiglechkeeten ze sichen, fir déi vulnerabel Mënschen an awer och all déi aner Alterskategorien, déi manner vulnerabel sinn, nach besser kënnen ze erreechen.

E weideren Aspekt, Dir Dammen an Dir Hären, deen am Hibleck op déi nächst Méint net vergiess däréi ginn, ass deen, datt d'Meteo eis net méi laang an d'Kaarte wäert spillen, well de Virus sech bei killem Wieder vill méi séier verbreet. D'Experte schwätze vu Saisonalitéit.

Derbäi kënnst, datt mir spéitstens am Wanter op en Neits mat der traditioneller Influenza-Gripp an anere Vire konfrontéiert wäerte ginn. An alle wëssenschaftleche Viraussoen no wäert déi nächst Grippewell ëmsou méi dramatesch Konsequenzen hunn, wat manner Leit géint de Covid geimpft sinn, ganz einfach, well dee Moment zwou grouss Geforen openeentreffen an d'Dokteschpraxissen iwwerlaf wäerte ginn.

(Mme Djuna Bernard prend la présidence.)

Och dat ass ee Grond méi, fir kreativ ze ginn an den Impftaux, wa méiglech, nach virum Wanter mat alle méigleche Mëttel ze beschleunegen.

Här President, an deem Sënn si mer haut an enger anerer Situatioun wéi virun engem Joer, wéi d'Impfung nach wäit ewech war. An dat muss sech och an de Moosnamen zrëckspigelen. An enger Zäit wéi haut, wou d'Impfung méttelweil gratis zur Verfügung steet, musse mir nämlech endgültig léieren, wat et heescht, mam Virus ze liewen. An e wäert eis och nach laang begleeden.

Als Gréng si mir jiddwerfalls der Meinung, datt et trotz staarker Verbreedung vun der Delta-Variant net méi zu engem generaliséierte Lockdown däréi kommen, mee zu engem maximalen Impftaux. Et däréi keng Ausgangsspar méi ginn, keng generell Schoulschlëssungen a keen Zoumaache vu Sport a Kultur, well dës Moosnamen eiser Demokratie op Dauer net wierdeg sinn. Dat bedeit allerdéngs, datt de Krankheetsrisiko fir Netgeimpfter oder Netimpfberechtgter net ze ënnerschätzen ass, och net elo am Hierscht.

A grad dowéinst musse mer weiderhi mat Schutzmoosname liewe wéi zum Beispill dem effikassen Instrument vum CovidCheck, dee mat dësem Projet de loi jo en place bleift, mee och mat anere Moosnamen, déi de Virus ewechhalen, ouni d'Grondfräiheeten ze beschneiden. Ech denken un d'Maskepflicht an de Geschäfte, am éffentlechen Transport an op anere Plazen, wou vill Mënschen ouni CovidCheck op enkem Raum zesummekommen.

Här President, grad wéi seng Virgänger geet dëse Projet de loi ginee an déi dote Richtung an dowéinst sti mir voll a ganz derhannert. Mir sinn och frou, datt d'Maskepflicht an de Schoule mat dësem Projet de loi opgehewe gëtt, zumindest an Fall, wou d'Kanner an hirem Klassenall sëtzen. Dës Modifikatioun kënnst net nëmmen der Kommunikatioun an de Schoulen zegutt - déi ass ganz wichtig -, mee och speziell dem Sproochenunterrecht, deen an eise Schoulen eng wichtig Roll spillt, vu Klengem un.



Wat d'Fuerderung ugeet - ech kommen och dorop ze schwätzen, et ass e puermol schonn heiriwwer diskutéiert ginn -, de CovidCheck am Enseignement secondaire zumindest anzeféieren, esou ass et richtig, datt dëse Regimm de Schoulalldag am Offlaf géif erliichteren, schonn eleng doduerch, datt komplett op Maske verzicht kéint ginn an datt och soss keng Aschränkung bei der Zesummesetzung vun de Gruppen a bei der Organisatioun vu schoul-internen Aktivitéite méi néideg wier.

Allerdéngs stellt sech déi berechtegt Fro, ob de CovidCheck juristesches kompatibel mat der Schoulpflicht ass. Mir haten et an der Kommissioun ugeschnidden. Den Här Minister Meisch ass der Meinung, datt dat net de Fall ass, an déi Positioun ass och duerchaus nozevollzéien. Wann een nämlech weess, datt 10 % vun de Schülerinnen a Schüler refuséieren, sech testen ze loosson oder sech selwer ze testen, respektiv Elteren hunn, déi net mam Test averstane sinn, an datt momentan just 52 % vun de Schülerinnen a Schüler am Secondaire geimpft sinn, da muss ee sech natierlech froen, op wéi eng Manéier d'Schoulpflicht vun deene Jonken ausgeübt ka ginn, déi sech weeder impfen nach teste loosson.

Fir eis ass et jiddwerfalls keng Optioun, dee ganze System nees ëmzekrämpelen an déi betrafte Schüler a Schülerinnen nees an den Homeschooling ze schécken. Dës Approche géif nämlech nees zu anere bekannte Problemer féieren a si géif d'Organisatioun vum Unterrecht ganz sécher net vereinfachen.

Dës Bedenken, Här Minister, sollen allerdéngs net verhënneren, datt d'Iddi vum CovidCheck nach eemol juristesches gepréift gëtt. Sollt sech dann erausstellen, datt dee Regimm trotz allem verfassungskonform ass, wann en adaptéiert gëtt - vläicht ass et méiglech -, da gesi mer net direkt e Grond, fir dann dee Moment dorop ze verzichten. Mee, wéi gesot, dat bleift ze klären.

E géif de Schoulalldag jiddefalls vereinfachen a warscheinlech géif en och eng Rei Jonker dozou motivéieren, fir sech impfen ze loosson. An et ass schlussendlech dorop, wou et ukënnt.

Datt de CovidCheck da mat dësem Projet de loi fir de Spidolssecteur agefouert gëtt, do brauch een net vill derzou ze soen. Dat ass eng gutt Saach a mir sinn och frou, datt dee Regimm dann net am Spidolssecteur op juristesches Bedenke stéisst. An eisen Aen ass et e wichtige Schrëtt, fir d'Sécherheet an de Spideeler ze erhéijen, ouni de Biergerinnen a Bierger hiert Recht op eng Prise en charge oder op e Besuch am Spidol anzëschränken. Wëlle se vun deem Recht Gebrauch maachen, esou steet hirer Impfung oder engem Test jo näischt am Wee.

Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss a soen natierlech dem Rapportier Mars Di Bartolomeo wéi ëmmer villmools Merci. Mëttlerweile si mer bei der 22. Editioun vum Covidgesetz ukomm an ech fäerte ganz, de Marathon ass nach net eriwuer. Et wier allerdéngs derwäert, vläicht eemol iwwer méi eng laang Mise en vigueur nozedenken an den nächste Méint, fir eis awer e bëssen Otem ze spueren.

Ech wëllt zum Schluss dann awer nach eng zweet Remark lassginn. Et ass déi, datt mir et als Gréng ausdrécklech begrëssen, datt net nëmmen déi traditionell Gremie wéi de Staatsrot, d'Chambre des Salariés, de Collège médical a vill anerer en Avis zu dësem Projet de loi ofginn hunn.

Nei ass dës Kéier, datt och den OKaJu, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher, sech mat engem ganz nuancéierten Avis zu Wuert gemellt huet, esou wéi d'Gesetz iwwert den OKaJu dat neierdéngs virgesäit, wann d'Rechter vu Kanner a Jonke vun engem Projet de loi beträff sinn. Och wann d'Kanner selwer net vill krank ginn, esou sinn et awer si, déi zu de gréisste Verléierer vun der Pandemie gehéieren, virun allem um Niveau vun der mentaler Gesondheet.

Och wann et elo ze wäit féiert, op deen Avis am Detail anzegoen an en en ënnert d'Lupp ze huelen, esou hoffe mir als Gréng awer, datt d'Avis vum OKaJu an Zukunft derzou bäidroen, datt d'Kanner-rechter an eiser legislativer Aarbecht nach méi Gewicht kréien, och um Niveau vun den Debatten an der Chamber.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech Merci.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Lorsché. Dann hat den Här Reding sech virdu gemellt, fir eng Fro ze stellen - wann ech dat richtig héieren hunn?

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech hat mech gemellt, Madamm Bernard.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- A Pardon! Den Här Kartheiser, jo.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Jo, ech wollt lech da Merci soen, Madamm President, datt Der mer d'Wuert gitt. An ech wollt der Madamm Lorsché zwou Froe stellen. Ech muss soen, ech war awer

iwwerrascht iwwert déi, wat ech fannen, dach relativ haart Manéier, wéi si sech ausgedréckt huet, wéi si iwwert déi Leit geschwat huet, déi sech elo net wëllen impfe loosson. Ech hunn eigentlech do zwou Froen.

Déi éischt ass: D'Madamm Lorsché huet an hirem Discours uklénge gelooss, als wären déi Leit, déi geimpft sinn, net kapabel, e Virus virunzeginn. Dat ass, mengen ech, net um Fong vun der Wëssenschaft ze begrënnen. Och wann ee geimpft ass, kann een e Virus viruginn. Do ginn d'Meenungen ausereen, ob dat méi liicht ass oder net, mee et ass awer méiglech.

Ech mengen, an der Madamm Lorsché hirem Discours war do eng aner Theorie. An ech wollt si bidden, nach eng Kéier kloerzestellen, dass een och, wann ee geimpft ass, de Virus nun eemol ka viruginn.

Dat Zweet ass iwwert d'Fräiwëllegkeet vum Impfen. Ech mengen, dat ass eng ganz fundamental Saach. Ech wollt d'Madamm Lorsché froen, ob déi Gréng sech weider zum Prinzip vun der Fräiwëllegkeet vum Impfe bekennen. Well si huet do awer relativ haart Wieder gebraucht fir déi Leit, déi sech net impfe loosson. Si huet och gesot, datt déi Leit da musse Konsequenzen droen.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Dat dote sinn einfach Froen.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech wollt se just hiweisen op den Avis vun der Mënscherechtskommissioun an dëser Debat, déi awer och do verschidde Limitte gesat huet, an einfach froen, an enger Partei, déi wéi déi Gréng ëmmer gesot huet: „Mäi Kierper gehéiert mir“, an engem anere Kontext, ob dat dann och nach wouer ass.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Also haalt Dir do eng Ried oder stellt Der mer eng Fro?

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ass dat dann och nach wouer, Madamm Lorsché, bei den Impfungen? Sinn déi Gréng nach ëmmer der Meinung, datt d'Impfung musse fräiwëlleg bleiwen, oder net?

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Här Kartheiser, kommt wannechgelift op de Punkt! Merci.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Also, sidd Der elo op de Punkt komm?

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Madamm Lorsché, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Är éischt Fro war déi, ob ech der Meinung sinn, dass Geimpfter de Virus net kënnen weiderginn. Ganz kloer kënnen déi Leit de Virus weiderginn. A wann Der an der Santéskommissioun ëmmer dobäi wäert, da géift Der do héieren, wéi eng Erklärung mer vun de Fachleit kréien. Déi Leit, déi geimpft sinn, hunn eng Charge virale, déi vill manner héich ass, an déi kënnen wuel ustiechen, mee se gi manner weider. An déi Leit, déi ugestach ginn, sinn och vill manner gefäerdet, wéi Leit, déi vun net geimpfte Persounen ugestach ginn.

Natierlech dréit de Virus sech weider. Dat hunn ech ni a Fro gestallt. Mee et ass eng ganz aner Virus-lascht am Kierper, vill méi eng niddreg, wann ee geimpft ass. An et gëtt een, an dat ass den Hauptpunkt, net esou krank, dass een op der Intensivstation muss leien a riskéiert ze stierwen. Dat ass mëttlerweile bewisen, och wann et nach ëmmer Politiker gëtt, déi vu Fakten näischt wëlle wëssen.

Wat war elo Är zweet Fro scho méi? Dir hutt esou laang geschwat, dass ech d'Fro net héieren hunn.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ech wollt lech just soen, ech sinn net Member an der Gesondheitskommissioun. Dat ass den Här Engelen.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- A, d'fräiwëlleg Impfung! Jo.

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- An dat Zweet ass de Prinzip vun der Fräiwëllegkeet vun den Impfungen.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- Also, mir als Gréng ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Mäin Androck war, datt Der dee géift a Fro stellen, Madamm Lorsché.

■ **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*).- ... stinn hannert der Fräiwëllegkeet, esou wéi d'Regierung och. Mir zielen nämlech op d'Intelligenz vun de Leit. A mir sinn iwwerzeegt, datt mer nach vill Leit iwwerzeegt kréien, sech impfen ze loosson. D'Fräiwëllegkeet ass nach ëmmer de Wee. Mee mir hoffen, datt mer nach vill méi Leit iwwerzeegt kréien, a vläicht kréie mer lech och eng Kéier iwwerzeegt.

Merci.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci, Madamm Lorsché. Den nächsten age-droene ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Fait personnel, Madamm President! Madamm President, Fait personnel! Ech kann dat do net akzeptéieren!

(*Exclamations*)

Éischtens sinn ech selwer geimpft. Also wat d'Madamm Lorsché hei insinuéiert, ass absolut inakzeptabel! Ech selwer si geimpft a fir Impfungen! An datt dat hei eigentlech esou duergestallt gëtt, wéi d'Madamm Lorsché et gemaach huet - „mir zielen op d'Intelligenz vun de Leit“, wann aner Leit sech net wëllen impfe loosson -, dat ass fir mech inakzeptabel.

■ **Une voix**.- Loosst emol den Här Engelen vun der ADR schwätzen!

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Et kann een och intelligent sinn an zu enger anerer Konklusioun kommen.

(*Interruptions diverses*)

Déi Beleidegung vun de Leit, dat ass net akzeptabel! Wéi gesot, ech selwer si geimpft, ech si fir Impfungen, mee wann en anere fir sech eng aner Decisioun hält, ass et net hei un der Chamber fir ze soen: „Déi eng sinn intelligent an déi aner sinn et net!“ Dat geet wierklech net, wat d'Madamm Lorsché hei gesot huet!

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Den nächsten age-droene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- Merci, Madamm Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, et freet eis, datt och den Här Mars Di Bartolomeo sech an der Vakanzzeit esou wäit konnt gutt erhuelen, datt hien eis haut konnt e gudde Rapport iwwert dat neit Covidgesetz presentéieren. Duerfir en häerzleche Merci.

Villes huet sech an de leschte Méint geännert. Déi éischt Staaten an der Unioun loosson all Restriktionen falen, wéi Dänemark, an anere ginn d'Moosnamen nach weider zrëckgeschraaft, wéi an Holland oder a Finnland. Zu Lëtzebuerg hate mir den 2. September schonn en Impftaux vun iwwer 71 % bei den erwuessene Leit. Natierlech stelle mer eis dowéinst d'Fro: Wéi laang sollen d'Coronamoosnamen nach hei zu Lëtzebuerg gëllen an a wéi enger Form?

Duerfir hu mir am Ufank vun der Kris gesot, datt, wa mer en Impftaux hätte vu 70 %, mer dann eng sougenannten „Herdenimmunitéit“ hätten an domadder zrëck an d'Normalitéit kéinte goen.

Mir wëssen all, datt dëse Coronavirus eis net méi verléisst, datt mer elo mat deene bekannte Varianten a sécher och nach an Zukunft mat neie Variante musse liewen. Mir brauchen dowéinst e gutt funktionéierende Gesondheetssektor. Do gëtt et leider och vill Problemer. A mir brauchen och weider Moosname géint de Covid.

An deem Kontext ass et wichtig, datt dobäi besonnesch weider un effikasse Medikamenter gefuerscht gëtt an datt d'Medikamenter, déi vun der WHO an der EMA akzeptéiert ginn, och kënnen séier an den Asaz kommen. An natierlech musse mer déi Covidkrank versueren, deene Gesonden hëllefen, sech ze schützen, besonnesch duerch fräiwëlleg Impfungen, an déi Leit, déi u Long Covid leiden, esou gutt, wéi et geet, ënnerstëtzen.

Wat mer als ADR awer net wëllen, ass e politesche Long Covid! Här President, oder Madamm Presidentin, pardon: D'ADR akzeptéiert keng Aschränkung vun de Grondrechter wéinst där Krankheet. Mir bleiwen eiser Linn treu. Vun Ufank un hu mer dowéinst géint d'Covidgesetz gestëmmt. Mir stäipen eis och elo do dergéint, datt eis verfassungsméisseg garantéiert Fräiheeten a Grondrechter weider ageschränkt bleiwen. Och dëst Gesetz verletzt déi Fräiheeten. Dowéinst soe mer Nee.

D'ADR wëllt och kee CovidCheck, bei deem Privatleit anere Privatleit hire Gesondheitszustand musse iwwerpräiwen. Mir hunn elo iwwer 70 % Geimpfter an dat heescht, datt mer eng Herdenimmunitéit erreecht hunn. An dowéinst musse mer elo drugoen, fir d'Restriktionen no an no ofzeschaffen. Mir fuerderen, datt d'Regierung e Post-Covid-Plang virleet. D'Coronamesuré ware souzeseen eng Noutléisung, mat där mer nëmmen zum Deel d'accord waren. Awer elo wëlle mer wëssen, wéi d'Regierung sech de Wee an d'Normalitéit zrëck virstellt. Mir wëlle wëssen, wéini datt d'Maskepflicht fällt, zum Beispill an de Geschäfte, a wéini kee CovidCheck méi ofgehalé gëtt. Mir hätte gär e geneeën Zäitplang mat geneeën, prezise Krittäre vun der Regierung. An deem Sënn proposéieren ech lech, Madamm Presidentin, eng Motioun.

**Motion 4**

*D'Chamber vun den Deputéierten*

- *constatéiert, datt elo schonn iwwer 72 Prozent vun der Populatioun zu Lëtzebuerg eng zweet Impfung géint de Coronavirus (Covid-19) kruten an esouguer 82,7 Prozent eng éischt Dosis;*

- *erënnert drun, datt déi kollektiv Immunitéit (Herdenimmunitéit) vun der Madamm Gesondheitsminister an hirer Ried vum Dezember 2020 op „enger Impfung vu 65 % bis 70 % vun der Populatioun“ definéiert gouf, esou wéi si dëst och an hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro N° 3977 vum 30. März 2021 vum honorabelen Deputéierte Jeff Engelen prezisiéiert*

*huet, an ass dowéinst der Opfaassung, datt déi kollektiv Immunitéit (Herdenimmunitéit) zu Lëtzebuerg aktuell erreecht ass;*

- *stellt fest, datt aner europäesch Staaten, an deenen och scho vergläichsweis héich Impftauxen erreecht goufen, wéi z. B. Dänemark, hir Covid-Moosname ganz oder deelweis ofschafen oder zrëckschrauwen;*

- *ënnersträicht, datt vill Covid-Moosnamen Aschnëter an déi perséinlech Fräiheet duerstellen an domat, wann iwwerhaapt, nëmmen ënner aussergewéinlechen Ëmstänn a fir eng limitéiert Zäit an engem strikte rechtliche Kader kënnen gëllen;*

- *ass der Iwwerzeegung, datt Moosname wéi d'Aschränkungen vun der Privatsphäre duerch d'Covid-Gesetz, de CovidCheck, d'Maskepflicht an aneres méi kee permanente Charakter dierfe kréien an, esoubal d'Ëmstänn et erlaben, esou séier wéi méiglech nees integral mussen ofgeschaaft ginn,*

*fuerdert d'Regierung op*

- *kloer Krittären ze definéieren an, esou wäit wéi méiglech, en Zäitplang festzeleeën, fir d'Covid-Moosnamen a -Restriktionen nees integral ofzeschaffen.*

(s.) Jeff Engelen.

■ **Mme Djuna Bernard**, *Présidente de séance*.- Merci.

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- D'ADR wëllt elo keng Impfpflicht a keen Drock op d'Leit ausüben fir déi, déi, aus wéi enge Grënn och ëmmer, fir sech decidéieren, net wëlle geimpft ze ginn. Dat ass hiert Recht a mir respektéieren dat.

Mir refuséieren dowéinst och déi Iddi, Tester, déi de Staat de Leit jo opzwéngt, net méi iwwer Steieren ze finanzéieren. Fräiwëlleg heescht eeben, datt keen Drock soll op d'Leit ausgeübt ginn, och kee moraleschen.

D'ADR ass och fir Impfungen, awer eeben ouni Drock. Et ass an eisen Aen net onmoralesch, sech net impfen ze loosson. Loosst eis net vergiessen, datt all déi Impfstoffer, déi bis elo benotzt ginn, wuel ganz gutt Déngschter leeschten, awer och bis elo nëmmen eng provisoresch Zouloossung hunn, datt et och kann zu méi oder wéineger schwéiere Niewewirkungen kommen, déi am schlëmmste Fall, wann och an der Ausnam, an der ganz seelener Ausnam, kënnen zum Doud féieren, dat beleen d'statistesch Zuelen am Ausland.

Geimpfte Leit hu mat grousser Warscheinlechkeet wuel en dättelech manner schlëmmen Krankheitsverlauf, wa si de Covid kréien, si sinn awer net ëmmer zu 100 % immun an och si kënnen de Virus virundroen. All dës Grënn an Tatsaache féieren eis dozou, fir Toleranz ze plädéieren. An eiser Gesellschaft sollen d'Leit prinzipiell kënnen fräi decidéieren, ob si sech impfe loosson oder net.

Madamm Presidentin, d'ADR bekennt sech onageschränkt zu der Solidaritéit am Beräich vun der Krankenversicherung. Den Här Premierminister, den Här Xavier Bettel, huet Erklärunge gemaach, déi an eisen Aen net akzeptabel sinn, well se dee Prinzip, dee bis elo e gesellschaftleche Konsens war, durchbriechen. Hie sot den 1. November, fir ze justifiéieren, datt et keng gratis PCR-Tester méi solle ginn: „Et ass net méi ze vertrieben, dass d'Allgemengheet bezilt, well sech eng Minoritéit net wëllt impfe loosson a weiderhin e Risiko duerstellt.“

(*Interruption*)

Dat ass Är Saach!

Dat heescht fir d'ADR, datt den Här Bettel ganz bewusst eis Gesellschaft wëllt splécken. An dat geet fir eis net!

■ **Une voix**.- O!

■ **M. Jeff Engelen** (ADR).- Nom Prinzip vun der Solidaritéit am Krankheitswesen ass d'Allgemengheet ..., dat wëllt soen, jiddwereen am Land bezilt bei Longkrankheeten duerch d'Fëmmen. Wëllt Dir dat dann och ophiewen oder änneren? Jiddweree bezilt hei am Land bei Accidenter a bei Fräizäitaktivitéiten am Sport a souguer am Extremsport. Wëllt Dir dat dann och änneren? Jiddweree bezilt fir Konsequenzen duerch Autos- a Vélosaccidenter. Wëllt Dir dat dann och änneren?

Déi Froe muss ee sech dann am Kontext vun der Solidaritéit a vun der Gerechtegkeet awer och stellen! An duerfir muss ee sech d'Fro stellen: De Solidaritéitsprinzip, wëllt d'DP deen dann nach bäibehalen am Gesondheitswesen oder ofschafen? Da sot eis dat kloer an dättelech, deen Aspekt, deen ech elo hei virgedroen hunn!

An hirem Avis zum neie Covidgesetz mécht sech och déi consultativ Mënscherechtskommissioun zolidd Suergen iwwert den Zesammenhalt an eiser Gesellschaft. Leit, déi sech net wëllen impfe loosson, riskéieren, duerch hir gesondheetlech oder hir finanziell Situatioun diskriminéiert ze ginn. Duerfir solle Leit, déi sech bis elo net impfe gelooss hunn, hirer an och eiser Meinung no weider Zougang zu de gratis Tester hunn. Dat nämmleche muss och fir





Persone gellen, déi en Test brauchen, fir an e medezinnescht Etablissement eranzegoen.

D'ADR fuerdert kloer an daitlech, datt de Prinzip vun der Fräiwëllegheet an der Impfung net därer a Fro gestallt ginn.

An lech, Madamm Gesondheitsminister, erënnere mer un Äert Versprechen, dat Dir bei enger Pressekonferenz am Dezember 2020 gemaach hutt. Deemools hat Dir gesot, wa 65 % bis 70 % vun der Lëtzebuerger Populatioun géint de Covid geimpft sinn, datt dann déi Herdenimmunitéit erreecht ass. Ma genee do si mer elo, Madamm Lenert. Op wat waarde mer dann elo nach? Firwat kritt de Bierger dann déi Fräiheeten net an Etappen zréck? An eenzel Restriktiounen missten awer fale gelooss ginn.

Mir als ADR wëllen net, datt eis Gesellschaft sech dru gewinnt, datt d'Leit müssen e Gesondheetstest weisen, wa se an e Restaurant oder an e Kino wëlle goen. Mir wëllen, datt dat verschwénnt. Wa mer net dergéint kämpfen, komme geschwënn ëmmer méi Restriktiounen a Fuerderungen derbäi. Déi Aschnëter géint eis Fräiheet si fir eis Gesellschaft bal esou geféierlech wéi de Risiko duerch de Coronavirus.

Madamm Presidentin, et ass onéierlech, d'Konditiounen fir eng Normaliséierung ëmmer weider wëllen an d'Luucht ze schrauwen. Mir akzeptéieren net, datt eng Herdenimmunitéit am März mat 70 % definéiert gëtt an am September mat 85 %. Wou bleift do d'Glawierdegkeet?

Mir akzeptéieren net, datt d'Leit vum gesellschaftliche Liewe sollen ausgeschloss ginn, well si sech net wëllen impfe loosse. Esou liddie gëtt et ewell an Däitschland oder an Éisträich. D'ADR seet ganz kloer Nee dozou.

Eis Warnungen, déi mir als Partei vun Ufank u virbruecht hunn, datt et hei net nëmme ëm de Schutz virun enger Krankheet geet, mee virun allem och ëm de Schutz vun de Grondrechter, kéinten net méi kloer a méi drastesch bewise ginn.

Madamm Presidentin, d'ADR begréisst an deemem Gesetz, datt an de Schoullassen am Land keng generell Maskepflicht méi gëllt. Mir dürfen net vergiessen, datt et d'Kanner waren, déi aus enger ganzer Rei vun Ursaachen am meeschten dorënner gelidden hunn. Duerfir hate mir als ADR och verlaangt, datt d'Maskepflicht als Éischt misst bei de Kanner opgehuewe ginn.

Madamm Presidentin, loosst eis weider géint de Covid kämpfen, awer virun allem och nees eis Gesellschaft zréck an d'Normalitéit féieren an d'Fräiheet vun de Leit esou séier wéi méiglech integral retablieren!

Madamm Presidentin, ech soen lech en härezeleche Merci.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **Mme Djuna Bernard, Présidente de séance.** - Merci, Här Engelen. Déi nächst ageschriwwen Riednerin ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk).** - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kolleegen a Kollegeinnen, och bei dëser Rentrée si mer de Covidvirus also nach ëmmer net lass. Nees eemol debattéiere mer iwwer en neit Covidgesetz.

Mee och dëst Gesetz werft fir eis op jidde Fall eng Rei Froen op. Obwuel et grosso modo de Status quo viruféiert, ass de Kontext, an deem et sech abett, ganz problematesch. Ech gi weider dorop an.

Fir d'Éischt zum Gesetz: Dass elo d'Maskepflicht an de Klassenäll opgehuewe gëtt, kënn fir eis net ze fréi! Scho beim virleschte Gesetz hat ech hei bedauert, dass d'Kanner vergiess gi waren. Deemools konnte mir erëm all Dag doheem zéng nei Leit empfänken, an dat Ganzt ouni Mask an ouni Test, an d'Kanner hu misse weiderhi mat Mask an de Klassenäll setzen, an dat, obwuel se mat deene selwechte Kanner do setzen an en plus zweemol d'Woch getest gi sinn.

(*Interruption*)

Do war jo am leschte Gesetz schon d'Ännerung komm, mee do war jo grouss Vakanz.

Dës Ännerung ass also e Schratt an déi richteg Richtung. Um Dag virun der Rentrée kënnen d'Kanner sech iwwert dëst zréckgewonnen Basisrecht freeën.

Wat awer fir eis problematesch ass, dat sinn déi an deenen Zenarioe festgehalen Ënnerscheeder tëscht geimpften an net geimpfte Schüler. Geimpfte Schüler müssen net an d'Quarantän, woubäi net geimpfte Schüler an d'Quarantän kommen. Bei ee bis zwee Fäll pro Klass kënnen déi Lescht, wa se sech teste loosse, aus der Quarantän eraus, fir d'schoulesche Aktivitéiten ze suivéieren. Ab dräi Fäll pro Klass gëtt et awer méi problematesch. Net geimpfte Schüler müssen an d'Quarantän an et gëtt keng Méiglechkeet do eraus.

Do stellt sech definitiv d'Fro vun der Stigmatisierung vun dëse Schüler. De Risiko vu Stigmatisierung erhieft och d'Menscherechtskommissioun an hirem ganz nuancierten Avis.

Mir hunn och virun e puer Deeg eng Question parlementaire gestallt, wou ech nach eemol nogefrot hunn, wat dann elo dës zweegleiseg Behandlung wëssenschaftlech gesi rechtfertegt. Si mir eis bewosst, dass mir domadder de Risiko vu Stigmatisierung an domadder och Ausgrenzung kreéieren, an dat an de Schoulen a bei de Schüler, bei enger Populatioun vu jonken, oft vulnerabele Leit? Wéi e Message gi mir domadder eraus? Stigmatisierung an Ausgrenzung sinn ok, a verschidde Fäll? Ech wëll drop hiweisen, dass dat fir eis op jidde Fall eng ganz geféierlech Entwécklung ka sinn.

Dass elo de CovidCheck-Regimm dann och ganz op d'Spideeler ausgeweit gëtt, ass eng weider Neierung. Jiddereen, deen an e Spidol erageet, soll also en negativen Test hunn, geimpft sinn oder geneese sinn. Dat klängt logesch, vu dass an de Spideeler vill vulnerabel Leit zirkuléieren. D'Fro, déi och d'Menscherechtskommissioun opwerft, ass, ob dann elo Mënschen, déi an e Spidol bei en Dokter wëlle goen, selwer fir den Test müssen opkommen. An déi Fro ass eiser Meenung no och ganz gerechtfertegt. Nom 15. September gëtt et jo dann och keng Méiglechkeet méi, sech gratis ze testen. Dëse Punkt ass wichteg, well en natierlech de Prinzip vun der Netdiskriminierung virum Accès aux soins betrëfft.

Ech hat d'Geleeënheet, an der Gesondheitskommissioun dës Fro ze stellen, a krut als Äntwert, dass weiderhi gratis Tester sollen an den Entréeën vun de Spideeler leien.

D'Menscherechtskommissioun freet dann och an hirem Avis, dass een dës gratis Mise à disposition vun den Tester sollt schréfflech festhalen. Am anere Fall kéint dëst en Impakt hunn op den Accès aux soins. Verschidde Mënsche kéinten duerch dës Hürd oder well se mengen, dass eventuell esou eng Hürd weiderhi besteet, finanziell fir en Test opzekommen, fir bei hiren Dokter ze goen, zréckschrecken, an e Spidol ze goen.

Jo, an dann huet d'Regierung jo ugekënnegt, dass de Large-Scale-Testing ab dem 15. September fäerdeg wier. Et géif keng Méiglechkeet méi ginn, sech gratis testen ze loosse. Och bei deemem Punkt hunn ech an enger Question parlementaire nogehaakt, wat dann dës Entscheidung, wëssenschaftlech gesinn, motivéiert. Mir kruten an der Gesondheitskommissioun gesot, dass - Zitat - do, wou mer elo dru wieren, dat géif Sënn maachen.

Mee, wou si mer dann elo drun? An där selwechter Kommissioun hunn ech héieren, dass mer eis müssen op eng éiert Well astellen. Et dominéiert eng Variant, d'Deltavariant, vun där nach villes onkloer ass, déi méi ustiechend ass, an aner Variante kommen eventuell nach. Grad de 15. September, wann d'Rentrée ass, wa mer aus de Vakanzen erëmkommen, erëm schaffe ginn, soll de Large-Scale-Testing ofgeschafft ginn.

A menger Question parlementaire hunn ech dann och nogefrot, firwat de Large-Scale-Testing dann do war. War et net grad en Outil, deen eis sollt erlaben, dës Pandemie ze monitoren, en Iwwerbléck ze hunn, fir ze gesinn, wou mer dru sinn?

Ech héieren also Kontradiktoriesches. Op där enger Säit ass d'Zäit räif, fir den LST ofzeschaffen, an op där anerer Säit si mer weiderhin an enger grousser Onsécherheet. D'Pandemie an d'Kris sinn net eriwuer. D'Kommunikatioun no baussen ass zumindest verwirrend.

Och den Avis vun der Menscherechtskommissioun geet laang a breet op d'Enn vun de gratis PCR-Tester an. Dem Premierminister no wier et net méi un der Allgemengheet, fir eng Minoritéit opzekommen. Déi Situatioun hu mer elo oft héieren. Dës Ausso ass awer immens problematesch, soulaang mer an enger Demokratie liewen.

Erënnere mer drun, dass eng Demokratie dru gemooss gëtt, wéi se mat hire Minoritéiten ëmgeet. Jo, et ass ëmmer nach eng Fro vu Gläichbehandlung a vu Menscherechter! Ech zitieren aus dem Avis vun der CCDH: « Cette stratégie du gouvernement soulève des questions juridiques, sociétales et épidémiologiques qui méritent d'être analysées plus en détail. »

D'Menscherechtskommissioun fäert, dass dës Entscheidung Diskriminatiounen kéint mat sech bréngen. Ech zitieren: « La CCDH craint que la non-gratuité des tests PCR puisse discriminer des personnes en fonction de leur état de santé, de leur situation financière ou de leur conviction et risque donc de scinder la société et de renforcer les inégalités. » D'CCDH erënnert dann och drun, dass Diskriminatioun awer verbueden ass.

Jo, d'Fro stellt sech fir eis Gesellschaft, wéi mir mat Minoritéiten ëmginn. Ech denken elo geziilt u Mënschen, déi eng aner Meenung hunn, déi Ängscht hunn, déi zécken oder Viruteeler hunn, wat d'Impfung ugeet. Sollen déi Leit elo bestrooft ginn, déi sech net wëllen impfe loosse? Ass dat d'Zil?

Hei stelle sech vill Froen, wat eist Zesummeliewen ugeet. Och d'Menscherechtskommissioun mécht sech Suergen ëm d'Zesummeliewen. Si mer eis

bewosst, wéi e Message mer hei no bausse ginn? Mir hunn zwar keng Impfflicht, mee dës Entscheidung geet awer an déi Richtung! Et ass eng verstoppte coercitif Moosnam. Dës Moosnam dréckt déi Leit nach méi an en Eck, déi schonn zécken, déi vläicht Viruteeler hunn oder just Ängshten hunn. A si risikéiert, dës Mënschen an hiren Haltung ze bestärken.

De Message, dee vill Leit ënnert dëser Moosnam, also dem Ofschafe vun de gratis PCR-Tester, verstinn, ass, dass si bestrooft solle ginn, dass si vergiess ginn, dass et domm gaangen ass fir si, dass si an den Eck gedréckt ginn. Esou gëtt et vu ville Leit wouergeholl, ob mir dat wëllen oder net. An dat ass dat, wat ukënn. Ech héieren elo scho Leit mer soen: „Ma si solle sech dach einfach impfe loosse!“, dass et déi Netgeimpfte sinn, déi net solidarisch sinn.

Jo, et stëmmt, dass Impfen en Akt vu Solidaritéit ass. Ech soen net de Géigendeel. Mee et ass net esou einfach. Mir kënnen d'Welt net a Schwaarz a Wäiss andeelen! Mir ticken nun emol alleguerten aneschtens. Déi eng si méi besuergt oder méi skeptesch wéi déi aner. Esou hält een d'Leit also net mat an d'Boot. Oder ass eis dat an Tëschenzäit egal? An esou geet een och net mat de Leit ëm.

Ech wëll hei net den Affekt vun den netgeimpfte Leit sinn. Dorëms geet et net. Et geet ëm den Zesummenhalt an eiser Gesellschaft, en Zesummenhalt, dee souwisou schonn a Gefor ass duerch eis sozial-ekonomesch Inegalitéiten, déi nach weider mam Corona auserneegaange sinn. Mir setzen hei net als Verrieder vun de Geimpften, mee vu jiddwerengem.

Ech zitieren nach eemol aus dem Avis vun der Menscherechtskommissioun: « La CCDH se demande dans ce contexte aussi si une approche contraignante ne risque pas d'augmenter la fracture sociale, voire la radicalisation chez certains, au lieu de renforcer l'adhésion à la vaccination. »

Ech héieren elo schonn an de Gespréicher lénks a riets, wéi mer vun „eis“ a vun „hinne“ schwätzen, „mir“ a „si“, déi Geimpft an déi Netgeimpft. Mat esou Moosname wéi där heiter, déi en Deel vun der Gesellschaft nach méi ausschléissen, droe mer dozou bäi, dass eis Gesellschaft nach méi gepléckt gëtt. Eis Roll hei ass et awer, den Zesummenhalt an der Gesellschaft esou gutt wéi méiglech ze erhalen. Eis Roll ass et net, déi eng ze beloune fir dat, wat si gemaach hunn, an déi aner ze bestrofe fir dat, wat si eventuell net gemaach hunn.

De Sondage vum European Council on Foreign Affairs, dee viru Kuerzem erauskoum, seet kloer, dass d'Pandemie nei Divisiounen schafft an aler bekräftegt. An elo féiert eis Regierung dës geféierleche „Mir géint si“-Discours, déi Gutt géint déi Béis. Esou schafe mer Divisiounen an eiser Gesellschaft. Esou stëppelt een och déi eng géint déi aner op. An esou rëselt een um Fundament vun enger Gesellschaft, déi op Solidaritéit opbaut.

Dat, léif Kolleegen a Kollegeinnen, dat ass och onsolidaresch. Mir hätte besser, mir géifen eis emol fir d'Grënn, d'Zweifel a fir d'Ängshten interesséieren, déi d'Mënschen an eiser Gesellschaft hunn. Vun do aus kéint een dann och aneschtens handelen. Mir kéinte vläicht wierkelech an en Dialog triede mat deene Leit. An esou géife mer vläicht och méi Leit wierkelech erreechen.

Et geet mir nämlech hei net just ëm d'Impfen oder d'Netimpfen. Mee et geet drëm, wéi mer mat anere Leit schwätzen oder och net mat hinne schwätzen a wéi mer eppes eriwuerbréngen. An et steet menger Meenung no ganz vill um Spill. Et geet ëm den Zesummenhalt an ëm d'Zesummeliewen an d'Vertrauen an d'Politik an an d'Demokratie.

Mir wäerten eis dann och bei deemem Gesetz enthalten. Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Mme Djuna Bernard, Présidente de séance.** - Merci, Madamm Oberweis. Als nächsten agedroene Riedner ass et um honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - Merci, Madamm Presidentin. Léif Kollegeinnen a Kolleegen, och ech freeë mech, no der Summerpaus elo nees hei mat lech stoen ze kënnen. An ech hoffen natierlech, datt mer eng produktiv Chambersessioun 2021/2022 virun eis hunn, déi vläicht e bësse manner vu Corona gepräagt wäert sinn, wéi dat fir déi lescht de Fall war.

Selbstverständlech hätt ech mer och erhofft, datt et net alt nees eng Kéier d'Covid-19-Pandemie misst sinn, déi eis hei zesummebréngt. Mee do féiert wuel esou séier nach kee Wee derlaanscht. D'Pandemie ass net eriwuer, just well mir alleguerten esou lues d'Flemm hunn.

De Virus ass weiderhi present an dofir ass et och esou wichteg, datt eist Pandemiegesetz hei verlängert gëtt. Mir hunn déi grouss Chance, haut mat Impfungen a Selbsttester dës Rentrée anescht kënnen unzegoe wéi déi vum leschte Joer. Mee trotzdem muss mer nach virsiichteg bliewen.

Aus dem vergaangene Joer wësse mer, datt mat de Retouren aus de Vakanzen d'Infektionszuele steigen an den Hierscht mat sengem naasskale Wieder och säin Deel wäert dozou bäidroen, datt de Virus sech nees wäert e bësse besser verbreedt kënnen.

Mir Piraten begrëissen duerfir ausdrécklech d'Upassungen, déi mam virleiende Projet de loi gemaach ginn am Beräich vun de Spideeler. Et ass wichteg, kloer ze reegelen, fir wéi eng Persoun wéi eng Reegele gëllen, sief et fir stationär Patienten a Patientinne souwéi hir Visiteuren, mee eeben och fir Patient/innen, déi fir en eenzele Rendez-vous an d'Spidol gi mat eventuellen Accompagnateuren.

Jiddereen, deen d'urgence medezinnesch Hëllef brauch, muss kënnen medezinnesch Hëllef kréien, an dat och, wann en an deem Moment covidpositiv ass. Dat ass eng Selbstverständlechkeet. An ech si frou, datt mer hei Ännerunge konnte virhuelen.

Mee Visiteuren an Accompagnatrices, déi selwer kee medezinneschen Noutfall hunn, dürfen am Fall, wou hire Schnelltest virun der Dier positiv wär oder si kee Certificat virleeë kéinten, net an e Spidol eragoen. Dat wär einfach ze geféierlech.

Mir freeën eis duerfir, datt mer gemeinsam an der Kommissioun eng Formulierung konnte fannen, déi et op Basis vun enger ganzer Rei Ureegungen och elo alle Persounen, déi Hëllef brauchen, erméiglecht, Hëllef ze kréien, an trotzdem d'Iddi vum Cordon sanitaire respektéiert. Ech stelle mer just d'Fro, well ech haut och dowéinst kontaktéiert gouf, wéi et da wär mat enger Persoun, déi dréngend psychiatresch Hëllef bräicht an déi sech duerch den Test un der Entrée dach immens enervéiert géif weisen; eng Persoun, déi also Hëllef brauch, déi Hëllef soll kréien an déi am aktuellen Text vläicht esou just nach duerch d'Rille rutscht. Vläch fanne mer do eng ganz pragmatesch Léisung, datt mer wierkelech jiddwerengem Hëllef kënnen, datt mer net Leit hunn, déi psychesch nach zousätzlech drënner leiden.

Et muss awer um Terrain och séchergestallt ginn, wat de Rapportier virun - deem ech ausdrécklech Merci soe fir säi Rapport - gesot huet, datt Leit, déi eppes wëllen ofginn, dat och kënnen maachen un den Entréeën vun de Spideeler. Well et ginn, an dat hunn ech selwer erlieft, awer Plazen, wou un der Dier keen do ass, deen eppes wëllt entgéinhuelen, fir et dann un e Patient oder eng Patientin weiderzeginn. Dat heescht, mir musse sécherstellen, datt dat net nëmme hypothetesch ass, mee datt et och an der Praxis realiséiert ka ginn. Och wann d'Spideeler scho virun dëser gesetzlecher Grondlag Hygiënemesuren en place haten, sou ass et dach awer wichteg, hei elo eng eenheetlech Base légale ze schafen.

(*M. Fernand Etgen reprend la présidence.*)

Iwwert dës konkrete Punkt eraus wäert de virleiende Projet keng signifikant Verschärfungen oder Lockerungen mat sech bréngen. Et geet also gréisstendeels ëm eng Verlängerung. An dat ass an der aktueller Situatioun a mengen Aen an deene meeschte Politikfelder och net falsch.

Mir gesinn an de Spideeler mat de Resultater vum Large-Scale-Testing, datt d'Impfung wierken, muss gläichzäiteg awer och feststellen, datt sech ëmmer nach vill Persounen mam Virus ustiechen an d'Zuele souguer nees an d'Luucht ginn. Weider d'Impfung ze promouvieren an déi existéierend Mesuren en place ze halen, ass duerfir ganz wichteg. D'Impfung schützt an de Risk, vu schwéieren Niewewierkungen beträff ze sinn, ass vill méi geréng wéi deen, e schwéiere Covidverlaf ze hunn.

Ech hunn d'Risiken an d'Protektioun vun der Impfung viru Kuerzem eréischt ganz am Detail duergerechent op Basis vun den öffentlichen Donnéeën a kann nëmme jiddereen, dee sech nach net sécher ass, wat e vun der Impfung soll halen, invitieren, e Bléck dorop ze werfen an do op Basis vun den Zuele vum ECDC respektiv vun der Regierung selwer seng ege Rechnungen ze maachen, sech selwer ze informéieren, well et soll ee schlisslech och net ëmmer alles gleewen, wat um Internet steet, och net, wann ech et geschriwwen hunn.

„Loosst lech impfen!“ Dat ass e kloren Appell. Mee mir brauchen nach méi nidderschwellleg Offerten. Et dierf net sinn, datt eng ongesond Entscheidung, wéi zum Beispill e Big Mac z'essen, méi einfach ëmgasat ka gi wéi eng gesond, wéi sech impfen ze loosse. D'Dokteren, bei deenen ee sech haut kann impfe loosse, soen heiansdo zu Patientinnen a Patienten: „Et deet mer leed, ech muss waarden, bis ech fënnf Leit zesummenhunn, éier ech eng Dosis BioNTech opmaache kann.“ Dat ass net nidderschwellleg. Mir hu geduecht, wann ee bei den Hausdokter kéint goen, dat wär nidderschwellleg. Mee scheinbar schéngt dat zu weidere Komplikatiounen ze féieren.

Mir dürfen awer och net vergiessen, datt net all Persoun, déi um aktuellen Dag nach net geimpft ass, dat fräiwëlleg ass. An u jiddereen, deen hei op der Tribün Impfpapper lancéiert huet, esou wéi ech och: Setzt lech och bei Äre Fraktionsmembre





ren derfir an, datt se sech impfe loossen. Ech soen dat hei als een, deem seng Sensibilitéit zu 100 % geimpft ass. Dat ass bei zwee natierlech méi einfach wéi bei méi.

Vill Mënsche kënnen oder däerfe sech net impfe loossen, well se entweder nach ze jonk sinn an et duerfir keng Impfstoffer fir se gëtt oder well hinnen opgrond vun Allergien oder aneren Erkrankungen dovunner ofgerode gëtt. Fir si oder am Fall vu Kanner fir hir Eltere kann de Fait, datt d'PCR-Tester deemnächst net méi wäerte gratis sinn, zu enger finanzieller Belaaschtung féieren. Duerfir wëll ech eng änlech Motioun wéi d'CSV hei deposéieren, an där ech d'Regierung bieten, jidderengem, dee sech net impfe loosse kann, weiderhin d'Optioun vu käschtefräie PCR-Tester opstoen ze loossen. Ech kommen herno nach op den Ënnerscheid ze schwätzen.

#### Motion 5

*D'Chamber vun den Deputéierte stellt fest:*

- dass de staatlech organiséierte Covid-19-Large-Scale-Testing de 15. September 2021 ausleeft;

- dass et Persoune gëtt, déi ze jonk sinn, fir vun enger Impfung géint de Covid-19 profitéieren ze kënnen;

- dass et Persoune gëtt, fir déi eng Impfung géint de Covid-19 aus medezinnesche Grënn contre-indiquéiert ass;

- dass Persounen, déi ze jonk sinn, fir sech impfen ze loossen, oder opgrond vu Contre-Indicationen net geimpft kënnen ginn, drop ugewise sinn, Covidtester ze maachen, wa si esou um gesellschaftleche Liewen deelhuele wëlle wéi Persounen, déi geimpft kënnen ginn;

- dass d'Bezuele vun dësen Tester fir déi Betreffen - oder am Fall vu Kanner, fir hir Elteren - eng finanziell Belaaschtung ka sinn.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. sécherzestellen, dass Persounen, déi aus medezinnesche Grënn net géint de Covid-19 geimpft kënnen ginn oder en Alter hunn, fir deen aktuell nach kee Covid-19-Vaccin zougeloo ass, och weiderhin d'Méiglechkeet kréien, vu gratis PCR-Tester ze profitéieren oder d'Fraise vun zertifizéierte Schnelltester oder PCR-Tester rembourséiert ze kréien.

(s.) Sven Clement.

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci.

■ **M. Sven Clement (Piraten).** - A wa mer dovu schwätzen, datt jonk Kanner nach net kënnen geimpft ginn, dann däerfe mer dat och net vergiesen, wann et drëms geet, datt d'Schoul jo muer erëm ugeet. Dann däerfe mer net vergiessen, datt mer an der Primärschoul vu Kanner schwätzen, vun deenen déi ganz grouss Majoritéit net geimpft ass. An do si mer dann awer an engem Feld, an deem ech mer muss d'Fro stellen, ob et hei wierklech richteg ass, einfach just esou weiderzemaache wéi bis elo, d'Maskepflicht ofzeschafen an ze hoffen, datt zwee Schnelltester pro Kand duerginn, fir d'Epidemie a Schach ze halen.

Éierlech gesot sinn ech mer net sécher, ob de Bildungsminister sech hei wierklech am Kloten ass, wat e mécht. Ech hu gëschter nämlech en Interview am „Tageblatt“ gelies, wou de Bildungsminister gefrot ginn ass, ob et, wann 10 % vun de Schülerinnen a Schüler keng Schnelltester géife maachen, net e Risiko géif ginn, datt esou ondetektiéiert Fäll an d'Schoul kéinte kommen, déi sech dann ausbreede kéinten.

Dem Minister seng Äntwert war, ech zitieren: „Wann een 90 % vun den Infektiounen an enger Epidemie detektiéiert, dann huet ee se am Grëff.“ Ob een eng Pandemie elo wierklech ëmmer am Grëff huet, wann nach 10 % vun de Fäll ondetektiéiert ronderëmlafen an anerer infizéieren, loossen ech elo mol onkomméiert stoen. Mir si keng Epidemiologen.

De grouse Problem bei dëser Ausso ass nämlech nach e ganz aneren, an zwar deen, datt de Minister hei aus der Tatsaach, datt 90 % vun de Schülerinnen a Schüler un de fräiwëllege Selbsttester deelhuelen, einfach ofleet, datt hien duerfir och 90 % vun den Infektiounen féinnt.

#### (Interruption)

Jo, wat soll een do soen? Eng Datz an der Mathé?

Ech weess guer net, wou ech ufänke soll. Et ass jo net esou, wéi wann net säit Wochen a Méint schonn doriwwer geschwat géif ginn, datt Selbsttester net ëmmer e richtegt Resultat uweisen, ganz ze schweigen dovunner, datt de Minister mat nëmmen zwee Selbsttester siwe Wochendeeg wëllt ofdecken a bekannt ass, datt all Test nëmmen eng Momentopnam ka sinn a souguer en zertifizéierte Schnelltest just 48 Stonne gëlteg ass, wat och scho schwéier ze rechtfertegen ass, wat mer heibannen och schonn e puermol diskutéiert hunn.

Mat zwee Selbsttester, déi net vu medezinneschem Personal gemaach ginn, also net zertifizéiert sinn an

domat deemno wéi och nach manner sécher, wat d'richtegt Resultat ugeet, wëllt de Minister also trotzdeem all eenzeg Infektioun bei all Kand, wat sech teste léisst, fannen? Positiv ausgedréckt nennt een dat wuel „zilstreebeg“ oder „héich motivéiert“. Mee wat wär dann, wann an enger Schoul just zwee Kanner krank ginn an dës zwee Kanner zu deene gehéieren, déi net getest ginn? Da wäire jo eigentlech summa summarum no Adam Riese, esou, wéi een et seet, eigentlech 100 % vun den Infektiounen net entdeckt ginn, mee et géifen och nach ëmmer 90 % vun de Kanner getest ginn. Géif de Minister sech da wuel ëmmer nach arieden, hie géif 90 % vun den Infektiounen fanne mat senger super Method?

Ech weess, datt mer d'Schoulen net komplett virum Virus ofschotte kënnen. Mir müssen de Kanner an och den Enseignanten d'Méiglechkeet ginn, e Schoulalldag zrëckzefannen, deen net just vun dëser Kris, mee och nees vun engem gemeinsamen Alldag, dee Spaass mécht, geprägt ass. Mee e Schrëtt zu méi Normalitéit wär och vläicht méiglech gewiescht mat engem besser duerchduechten Hygieneskonzept: dräi Selbsttester, déi obligatoresch misste méindes, mëttwochs a freides moies an der Klass gemaach ginn ënnert der Surveillance vum Léierpersonal. Dat wär de Minimum gewiescht.

Doriwwer eraus misste mer Schrëtt fir Schrëtt a Lüftungsanlagen investéieren, déi jo net nëmmen an der Pandemie Sënn maachen, mee och an deenen nächste Grippewellen. An d'Entscheidung, ob e Mask soll an der Klass gedroe ginn oder net, soulaang nach kee positive Fall opgetaucht ass, dierf net einfach op den Terrain erofgedréckt ginn. Domat setze mer just d'Kanner an d'Enseignanten ënner Drock, déi sech dann, wa se hir Mask net unhaten an een ugestach hunn, just onnéideg Virwërf maachen, ob se hir Mask net awer besser hätte sollen undoen, wat jo hire Choix war.

Wat geschitt, wann e Minister keng kloer Virgabe mécht a seet, datt et jidderengem fräisteet, ze maachen, wéi e wëllt, dat hu mer gesinn, wéi d'Kanner nom Schwamme mat naassen Hoer matten am Wanter a Klasesäll souzen, an deenen all d'Fënsteren op waren, just well een et ze gutt gemengt hat a geléift huet, nodeems een de Kanner verbueden huet, sech ze fënen, fir datt se sech heibäi net ze no géife kommen. Dat hate mer leschte Wanter. An ech hoffen dach wierklech, datt mer dat dëst Joer net nach eng Kéier widderhuelen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir gesitt, ech befanne mech hei an enger Aart Zwéckmillchen. Generell ënnerstëtzen d'Piraten d'Verlängerung vun dësem Projet an ënnerstëtzen à part vun den Dispositionen iwwert d'Schoulen och d'Ännerungen, déi mat dësem Text solle kommen an un deene mir och aktiv an de Chamberskommis-siounen matgeschafft hunn. Mee et feelt eis an deenen Abschnitter, déi sech mat der Schoul befaassen, an ech mengen hei virun allem de Fundamental, fir dee jo nach keng Impfoffer besteet, un duerchduechte Mesuren.

Mir si wierklech der Meenung, datt um Niveau vun de Primärschoulen en onnéidege Risiko agaange gëtt duerch feelend Mesuren, an dat grad während enger Joreszäit, wou d'Infektiounen um Virmarsch kënnen sinn. Ech wëll ganz sécher net soen, datt déi hei virgesinne Mesuren direkt an onausweichlech an enger katastrophaler Infektiounswell wäerten endegen. Ech denken awer, datt een hei muss zouginn, datt et méi vursiichteg gewiescht wier, an enger éischer Phas e méi elaboréiert Hygieneskonzept fir d'Entrée ze presentéieren an den Impakt vun de Vakanzereetouren a vum Hierscht ofzawaarden an ze evaluéieren, éier een dann an enger zweeter Phas mat neie Lackerungen hätt kënnen kommen. Mee dës Pist gouf net gewielt.

An elo kënnen mer d'Situatioun an de Schoulen an de kommende Wochen nëmmen nach esou gutt wéi méiglech am A behalen, fir dann esou séier wéi méiglech aschreiden ze kënnen, falls mer gesinn, datt d'Zuelen an d'Luucht ginn.

Wann d'Piraten also haut hiren Accord zu dësem Projet ginn, da maache mer dat nëmme mat engem ganz daitlechen Appell, d'Situatioun net ze ënnerschätzen a sech nach eemol bewosst ze maachen, datt 90 % Participatioun beim Testen net gläichsetzen ass mat 90 % entdeckten Infektiounen. Et ass net esou einfach. An duerfir müssen d'Entwécklungen um Terrain och ganz genee suivéiert ginn an deene kommende Wochen a Méint.

Ech soen lech Merci.

■ **M. Marc Goergen (Piraten).** - Ganz gutt!

■ **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

#### Prises de position du Gouvernement

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Här President, ech soen lech Merci. An ech wëll fir d'éischt och dem Rapporteur Merci soe fir säin 22. schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Ech wëll lech och Merci soen, Här President, well mir sinn am September an ech weess net, weini mer fir d'lescht och eng Chamberssitzung haten, déi am September zesummekomm ass. An dat war jo och ee vun den Engagementer vun dëser Institution, dass se et egal wéi och géif fäerdegbréngen, dass se kéint fonctionéieren, dass mer och den normale Wee kéinten huelen an net an enger Situation de crise géife weider hei zu Lëtzebuerg geréieren an där doter Pandemiessituatioun. An ech sinn och ganz frou, dass dat fonctionéiert huet.

An erlaabt mer och nach eng Kéier hei, dem Conseil d'État Merci ze soen, well wann déi net géife matmaachen, da géif dat Ganzt och net opgoen.

Et sinn e puer Saachen, Här President. Déi éischt Saach ass: Ech mengen, mir hunn zesummen net alles falsch gemaach. De leschten Eurobarometer hu mer elo kritt. Op EU-Niveau gesäit een, dass 40 % vun der Populatioun, vun der europäescher Populatioun, der Meenung sinn, dass d'Situatioun gutt geréiert ginn ass. An 58 % sinn der Meenung, dass se schlecht geréiert ginn ass op EU-Niveau - op EU-Niveau, dat heescht, déi 27 Länner.

Laut der Zuel am Eurobarometer, déi och fir Lëtzebuerg do ass, sinn 8 % der Meenung, dass déi Situation schlecht geréiert ginn ass. An 89 % sinn der Meenung, dass se positiv geréiert ginn ass, dat heescht, gutt geréiert ginn ass. An hei ka keen Een-zelne sech dat op d'Brocht schreiwen, mee wann déi Zuelen haut déi sinn, déi se sinn, an d'Akzeptanz och do ass, ass dat och, well d'Populatioun dës le départ matgemaach huet. An dat musse mer eis all bewosst sinn!

Mir hunn haut en Text, dee mer am Fong verlängeren, erlaabt mer, mat verschiddeenen Adaptatiounen, mat verschiddeene méi strenge Reegelen och a verschiddeenen Infrastrukturen, mee mir hunn haut net méi streng Reegelen musse proposéieren, well mer certes en héijen Niveau, an dat solle mer eis net schéimolen, vun Infektiounen hunn, mee awer och eng Zuel vu Vaccinatiounen, déi et erméiglecht, dass och bei enger héijer Zuel vun Infektiounen den Impakt an de Spideeler net méi dee selwechten ass wéi dat, wat mer déi lescht Méint awer kannt hunn.

Mir hunn en Taux vu Vaccinatiounen, ech ginn elo net op dat, wat en enger Motioun steet vun der ADR, an, well déi lescht Zuelen, déi mer kritt hunn, och wa se schonn optimistesche sinn am Moment, si 75,4 % vun de Leit, déi eng éischt Impfung och kritt hunn, a mir hunn 71,8 % vun de Leit, déi eng Vaccination compléte och hunn.

Mir sinn, Här President, an duerfir erlaabt mer och, dem Här Di Bartolomeo fir 22 ..., an engem Marathon. Mir sinn an engem Marathon, et ass kee Sprint. Dee Marathon ass laang amgaang. Ech kann lech just soen, mir kënnen elo, fir sportlech ze schwätzen, Gas ginn a probéieren, wierklech och an der Impfquot weider eropzekommen an dee Marathon ze wanne géint de Virus, mee mir kënnen och soen: On a donné, et ass keng Kraaft méi do, mir ginn alles op, mam Risk, dass mer am Fong net de Match géint de Virus wannen an net déi erhoffte Fräiheete méi séier kënnen zrëckkréien. Jo, et ass elo am Moment, wou et drëms geet.

Mir sinn der Meenung, an d'Regierung hofft och, dem Parlament dat kënnen ze proposéieren, dass, wa mer iwwer 80 % geimpfte Leit kommen, no bei 85 % kommen, een dann awer nees ka Lockerungen huelen, fir nees méi Normalitéit ze fannen, obwuel hei d'Restriktiounen am Verglach zu anere Länner méi kleng sinn. Mee mir müssen iwwer 80 % oder no bei 85 % kommen, tëschent 80 % a 85 % kommen, fir kënnen dëser Chamber raisonnablement ze soen: „Hei, mir kënnen Erlicherunge virgesinn.“ Vir-dru wier et net rasonabel!

Mir wëssen, dass hei zu Lëtzebuerg kleng Zuelen awer e groussen Impakt kënnen hunn. An an de Spideeler gesi mer haut d'Situatioun. Mir hunn elo déi lescht Deeg tëschent aacht an zéng Leit op den Intensivstationen, déi do sinn. A mir gesinn et och bei de Leit, déi op den normale Statiounen sinn. Mee bei den Intensivstationen gesi mer, dass mer am Moment 100 % vun de Leit hunn, déi op den Intensivstationen leien, déi net geimpft sinn - 100 %, Här President! Et ass kee Vollgeimpften op enger Intensivstation, keen, an dat iwwer ee Mount!

Dowéinst, mir sinn net fir eng Impfpflicht, mee jiddweree soll sech bewosst sinn, wann e sech wëll selwer protegéieren, déi Leit, déi e gären huet, och wëll protegéieren, fir de Virus wa méiglech net weiderzeginn, dann ass d'Impfung déi eenzeg Lösung. A mir gesinn et weltwäit - et ass jo net nëmmen e Lëtzeburger Phänomeen -, dass awer de Gros vun de Leit, déi krank ginn, iwwer 70 %, net geimpft sinn an déi Leit, déi am Moment op de Soins-intensiffe leien, dat heescht, déi meeschtens och nach Konsequenzen wäerten hunn, och net geimpft sinn!

Ech war virun zwou Wochen, Här President, mat der Madamm Gesondheetsministesch an de Rehazenter, wou mer d'Leit besicht hunn, déi Long-Covid hunn. Do si Leit, déi keng Virekrankung haten. Do sinn net nëmme Leit iwwer 75 oder 80 Joer, déi gesondheetlech Problemer haten, do sinn eng

Rëtsch vu Leit, déi onsen Alter hunn - a mir hunn hei eng breet Marge, also jiddwereen heibanne kéint concernéiert sinn, jiddwereen! -, déi haut mat enger Oxygeensfläsch ronderëmlafen, well d'Longen net méi fonctionéieren.

Déi Leit waren net krank, mee déi Leit hunn de Covid erwëscht a louche laang an der Rea an op der Intensivstation a leiden haut nach ënnert dem Long-Covid, dat hu mer erlieft, jonk Leit, sportlech Leit, jonk Fraen, jonk Männer, manner Jonker, mee: de tout. An et soll kee mengen ... A viru Kuerzem hate mer nach de Fall vun enger Doktesch, déi eis erkläert huet: „Ech hat elo e Patient, e jonke Patient am Spidol. Dunn hunn ech e gefrot: ‚Firwat sidd Der net geimpft ginn?‘ Well e geduecht huet: ‚Ech hat gemengt, ech géif dee Virus net kréien.‘“ Et ass kee virun deem Virus geschützt! An dee beschte Schutz géint de Virus ass d'Impfung. A mir sollen eis bewosst sinn, dass hei au niveau scientifique eng fantastesch Aarbecht gemaach ginn ass.

Ech weess, Här President, an et soll een och éierlech sinn, et sinn och Leit, déi geimpft gi sinn, déi awer nees krank ginn. Dat ass eng Realitéit. Mee kee schlëmme Verlaf, kee schlëmme Verlaf gesi mer am Moment an den Zuelen, déi mer hunn. Mee fir ze behaupten, dass eng Impfung eng 100%eg Garantie gëtt: Dat gëtt et net, a bei kenger Impfung. Hei ass och keng Ausnam.

Mir sollen eis awer och bewosst sinn, dass elo e puer nei Situatiounen kommen. Ech mengen, d'Gesondheetsministesch wäert iwwert déi drëtt Impfung diskutéieren. Mee am Moment si mir awer ..., a mir soe 75 %, dat wëll heeschen, dass awer ee vu véier hei zu Lëtzebuerg nach net geimpft ass. Ee vu véier ass net geimpft! Ee vu véier huet de Risk, méi schlëmm krank ze ginn! Ee vu véier huet de Risk, am Spidol ze landen! Ee vu véier huet de Risk, dann och e Long-Covid ze hunn! Ee vu véier huet, wann d'Krankheet sech schlëmm entwéckelt, och mat Konsequenzen, déi à moyen oder long terme sinn, ze kämpfen.

A wat hu mir fir eng Responsabilitéit als Regierung, Här President? Mir hunn eng Responsabilitéit, d'Allgemengheet och ze protegéieren. Mir hunn eng Responsabilitéit ze verhënnern, dass d'Spideeler voll sinn. Mir hunn eng Responsabilitéit ze verhënnern, dass een op eng Kéier net méi am Spidol ka soignéiert ginn, well d'Intensivstationen an d'Better voll sinn. Mir hunn eng Responsabilitéit, et ze verhënnern. Mir hunn eng Responsabilitéit, et ze maachen, fir dass eng Schoul ka fonctionéieren, dass eng Wirtschaft ka fonctionéieren, dass d'Leit nees Fräiheete kréien. An dowéinst, wann ech hei de Reproche gemaach kréien, dass eng Minoritéit vu Leit ..., ech géif hei vu „Minoritéit“ schwätzen. Mee duerch de Fait, dass mer nach net bei 85 % oder iwwer 80 % sinn, hu mer nach Restriktiounen.

Hautdesdaags hu mer op den Aarbechtsplaz Leit, déi aacht Stonnen den Dag mat der Mask do setzen. An dowéinst sinn déi Diskussiounen. An d'Gesondheetsministesch huet net méi spéit wéi de Mëtten och nach Diskussiounen gehat mat Responsable vun de Sozialpartner fir ze kucken, wéi een, a mir hoffen, an deem nächsten Text, Mesuré ka fannen, fir dass och legal séchergestallt ass, dass e CovidCheck-Regimm och op der Aarbechtsplaz ka fonctionéieren. Dat ass wichteg, dass mer nees an d'Normalitéit kommen an den Teletravail net op eng Kéier d'Normalitéit gëtt.

Mir müssen dee Wee do zesumme goen. An et kann net sinn, dass déi 85 % weider Restriktiounen müssen hunn, net dierfen dat viregt Liewe fannen, well 15 % net wëlle geimpft ginn!

Hei gëtt gesot, et misst eng Minoritéit protegéiert ginn. Ech sinn och der Meenung, dass hei muss eng Majoritéit protegéiert ginn! An ech kann net eng Majoritéit privéiere vun hire Rechter, well eng Minoritéit et einfach net wëllt agessinn, dass et am Interêt ass um Zesummeliewen, dass mer en Effort collectif maachen hei géint dee Virus!

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État.** - Mir müssen dowéinst wierklech keng Impfpflicht aféieren. A mir wäerten ni eng Impfpflicht aféieren hei zu Lëtzebuerg generell fir ze soen: „Jiddweree muss geimpft ginn!“ Dat ass net de Wee, deen dës Regierung wëllt aschloen. Mir müssen et awer fäerdegbréngen, wann d'Zuele weider géifen eropgoe vun de kranke Leit, dass mer mam CovidCheck ...

An ech schléissen et net aus, a mir hu scho Mesuré geholl elo beim PCR-Test, dass et beim CovidCheck méiglech ass, dass am Moment am Restaurant ab véier Leit just de CovidCheck ass. Et ass méiglech, dass déi Limitt verschwënnt, dass ee seet, wann ee wëllt an de Restaurant goen, well do dinn ech meng Mask aus, dass een dann am Wanter, wa jiddereen zesummesetzt, well op der Terrasse war et jo och manner schlëmm, mee dann dobanne setzt, dass do d'Méiglechkeet besteet, dass an deem neien Text, wann d'Zuele géifen an d'Luucht goen, da steet: „De CovidCheck gëtt méi breet gemaach!“ Op der Aarbechtsplaz ..., et ginn eng Rëtsch vu





Méiglechkeeten, wou een dann de CovidCheck och ka generaliséieren.

De PCR-Test ass eng Alternativ. Et ass een net obligéiert, fir geimpft ze ginn. Mee mir sinn eis bewosst, dass all Mesure, déi mer huelen, net licht-fankek ka geholl ginn, dass et Mesuré sinn, déi Konsequenzen hunn, déi eisen Alldag och impregnéieren.

Ech muss lech soen, dass dës le départ hei vun deenen éischte Mesuren, déi mer geholl hunn, an net well ech e Liberale sinn, mee awer déi Restriktionne vun de Fräiheeten der sinn, déi engem wéidinn, dass et net einfach ass, de Leit ze soen, an ech wëll elo net nach op d'Debaten agoen, dass ee Chrëschttag net dierf feieren, wéi ee wëllt, dass ee Leit net ka gesinn, déi ee wëllt. An de Claude Wiseler huet dat och ..., an ech wëll och dem Här Wiseler Merci soen hei, well, ech mengen, et ass wichteg, dass een hei gesäit, dass een och konstruktiv zesummeschafft, zesummen no Léisunge sicht an och Suggestiounen komme vun der Opposition, wou ech och ganz kohärent fannen, dass een doriwwer sollt diskutéieren. An, ech mengen, d'Ministesch wäert och op deen een oder deen anere Punkt agoen, well déi jo scho virgesi sinn.

Mee dat Mënschlecht - wat hu mer gelidden! An erënnert lech, wéi ech eng kéier hei op där Tribün stoung, wéi ech gesot hunn: „Mir kënnen eis net erlaben, dass mer op eng kéier méi Leit hunn an de Soins-psychiatriquë wéi an de Soins-intensiven!“ Mir waren zu engem Moment an där Situatioun, datt méi Leit psychologesch Betreierung gebraucht hunn wéi datt Leit Seine gebraucht hunn. An dowéinst, deen Equilibre ass och ganz, ganz wichteg an deen hu mer bis elo, mengen ech, hei zu Lëtzebuerg fonnt.

Den Här Wiseler huet och eng prezis Fro gestallt: Jo, mir müssen och Kontrolle maachen. Wa mer Gesetzter maachen, da müssen och Kontrolle sinn. A vun der Police krut ech elo just bestätegt, dass eng iwwer 1.200 Kontrollen organiséiert gi sinn an iwwer 22 ATen a Convocationen a 24 Rapporten och gemaach gi sinn, wou eeben och d'Covidgesetz net respektéiert gouf vis-à-vis vum CovidCheck.

Mir hunn zwou Optionen, Här President. Mir kënnen weider mam CovidCheck ..., an ech hunn lech virdru gesot, wann et net mat den Impfungen weidergeet, dass mer de Risiko hunn, dass awer d'Situatioun an de Spideeler sech verschlechtert, well am Wanter, an dat hu mer duerch déi Erfahrung, déi mer hunn, awer scho gesinn, d'Diffusivum vum Virus méi grouss ass wéi am Summer, well d'Leit méi dobanne sinn.

Da gëtt et déi eng Optioun, andeem een da seet: Et muss méi streng ginn. Ech wënsche mer et net. Ech wënsche mer et net! An ech hoffen, dass heibannen och kee sech wënscht, dass mer am Fong méi streng Mesuren hunn. An dat, wat ech virdru gesot hu vun engem CovidCheck généralisé, vun engem CovidCheck, dee méi streng ass, vun engem CovidCheck hei an engem CovidCheck do: Ech wëll net, dass de CovidCheck am Fong d'Zukunft vun onsem Liewensalldag reegelt!

Déi aner Optioun ass, dass mer et fäerdegbréngen, iwwer 80 %, no bei 85 %, Impfungen ze kommen. Et ass dat, wat ech mer och wënschen. Et ass dat, wou ech der Meinung sinn, dass mer eis allegueren derfir och müssen engagéieren, fir ons Fräiheeten erëmfannen. Et läit an onsen Hänn! Jiddwer een ass en Deel vun der Léisung. Kommt, mir kucken, dee Marathon géint de Virus ze gewannen! Mir sinn an de leschten 100 Meter. Mir dierfen elo net oppinn! All déi Efforten, déi mer gemaach hunn, sollen net émsoss sinn. An et geet net nëmmen em ee selwer, et geet och em eng Solidaritéit an dass mer nees e méi normaalt Liewe fannen. Ech wënschen eis et alleguer.

Merci.

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools dem Premier- a Staatsminister Xavier Bettel. An ech ginn d'Wuert direkt weider un d'Madamm Gesondheetsministesch. Madamm Paulette Lenert, wannechgelift.

■ **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.**- Gudde Mëtteg allegueren zu dësem 22. Covid-Rendez-vous. Dat ass e Marathon, net nëmmen am Kampf géint de Virus, mee och e regelrechte parlamentaresche Marathon. E grouse Merci un eise Rapporteur, deen dat alt erëm eng kéier ganz detailléiert resuméiert huet. Ech muss soen, wat ee méi rëm ënnert d'Leit kënn, international, dat ass eppes, wat d'Leit engem net richtig gleewen, wann een et seet. Ech mengen, wa mer iergendwou wäerten eemoleg sinn an dëser Geschicht, dann ass et sécherlech op onsem parlamentaresche Wee.

Mir hunn och gemierkt iwwer all déi Joren an och elo erëm fir d'Rentrée, dass dee Virus eis ëmmer erëm iwwerrascht, dass d'Projektiounen, déi ee mécht, net méi déi selwecht sinn e puer Méint drop, well nei Donnéeën kommen. Et ass sécherlech de Wonsch an och mënschlech, wëlle Previsibilitéit ze hunn. Mee et ass awer leider Gottes och an der

Natur vun engem Virus, ze mutéieren. Deen ännert sech au fur et à mesure an domadder hu mer mat eise Choix, mengen ech, fir flexibel ze sinn, de richtige Wee geholl. Vill Länner, déi op Previsibilitéit gesat hunn, déi Pläng erstallt hunn, hu se misse reviséieren. Do sinn d'Leit enttäuscht domadder, well ee se am Fong geholl au départ e bësse getauscht huet duerch eng scheinbar Previsibilitéit. An déi läit net an der Natur vun esou engem Virus. Deen ännert esou séier, wéi ee kucke kann. An et ass un eis, eis dann erëm eng kéier unzepassen.

Am Moment hu mer hei am Land quasi zu 100 % Delta. An da géif ech och vläicht direkt op d'Zuelen an enger vun de Motiounen agoen, déi hei gesot gi sinn. Jo, et ass richtig, dass dat, wat mer am Dezember 2020 ugeholl hunn, wat misst gëlle fir eng Herdenimmunitéit, einfach haut net méi wouer ass, well mer et mat engem anere Virus ze dinn hunn. Dat ass net, well d'Regierung d'Meenung changéiert huet, mee dat ass, well de Virus sech geännert huet. En ass einfach vill méi schnell a vill méi ustiechend ginn an da brauch een en anere Prozentsaz u geimpften oder immune Leit, fir hei iwwert de Bierg ze kommen. Genau dat illustriert dat, wat ech virdru ugeschwat hunn, eeben déi Netprevisibilitéit vun dësem Virus, déi mécht, dass mer hei müssen ëmmer erëm schnell kënnen adaptéieren an eeben oppassen, dass mer eis net festleeën op Saachen, wou mer herno erëm d'Leit esou séier, wéi mer eppes festgesat hunn, müssen enttäuschen, well et dann awer anescht komm ass.

Vun Ufank un ass awer eppes konstant gewiescht, dat ass de Wee, wéi een eraus aus enger Pandemie kënn. Am Ufank hu mer gesot: „Wat mer brauchen, dat ass Impfstoff.“ Mir hate keen. Also hu mer misse Mesuren huelen. Impfstoff oder e Medikament oder eeben en attendant Mesuren. Do ass definitiv näischt Neies.

Haut ass en neie Moment, andeems mer eeben net méi d'Course fir den Impfstoff musse lafen. Däers hu mer mëttlerweil. Elo geet et drëm, esou vill wéi méiglech Leit ze impfen. E Medikament hu mer nach ëmmer net. An en attendant, dass mer wierklech deen Impfschutz hunn, déi Immunitéit an eiser Bevëlkerung hunn, déi mer brauchen, musse mer eng Rei Mesuren einfach oprechterhalen.

Do gëtt et leider net vill aner Alternativen. Ech verstinn de Missmut bei verschiddene Leit. Ech verstinn d'Ongeduld. Alleréngs sinn d'Alternativen net um Dësch. Ech héiere keng Alternativen, wéi een et anescht kéint maachen. Dass et eis net gefällt, dat verst mer allegueren. Ech mengen, jiddweree wëllt hei eraus. Et ass keen, dee sech wuel spiert an där Situatioun. Mee nieft deene Moyenen, déi mer hei hunn a mat deene mer hei spillen, gëtt et net vill aner Méiglechkeete fir virzegoen.

Et ass och ganz kloer, dass de Risiko ënnerschiedlech ass, jee nodeem, wéi enger Bevëlkerungsgrupp een ugehéiert. Déi eeler Leit sinn nach wie vor méi à risque wéi anerer, och déi Leit, déi Virerkrankungen hunn. Dat huet sech net geännert an ass och am Moment nach ëmmer eng Konstant. Dat heescht, et weess een, wou ee muss drop oppassen. Et weess een, wat een als Schrauwen huet, wou ee kann drun dréie goen. An et géllt elo ze kucken, dass mer, en attendant, dass mer eeben déi wichteg Schrauf vun der Impfung dohi gedréint kréien, wou mer se brauchen, fir erauszekommen, déi richtig Mesuren nach en place halen, fir net erëm eng kéier iwwerrascht ze ginn, dass mer also dee Virus agedämmt halen an en net ze vill um Dréien hunn.

Den Taux de vaccination eropkréien, do ass de Choix, dat mat Iwwerzeegung ze maachen. Mir sinn iwwerzeegt, dass et net mam Briecheisen ass, wéi een hei virukënn. Et ass eng Situatioun, déi jiddwereen iwwerrascht huet. Mir hu ganz schnell Impfstoffer kritt. Et zirkuléieren déi onméiglechste Geschichten am Internet. D'Leit hunn Ängschten. Mënsche sinn ënnerschiedlech. Et ass net ee wéi deen aneren. D'Leit hunn och ënnerschiedlech Ängschten. Si stelle sech vill Froen. Si si vill duerjernee gemaach duerch dat, wat zirkuléiert. An do bleiwe mer der Meinung, dass et och grad fir d'Rentrée wierklech drop ukënn, de Leit hir Ängschten ze verstoen, se do ofzehuelen, wou se sinn, an och weider op Iwwerzeegung ze setzen.

Mam Briecheisen, dat ass net de Wee. Ech mengen, da maache mer deene Leit, déi Angscht hunn, nach méi Angscht. Déi, déi radikal sinn, ginn nach méi radikal. Et ass einfach net eis Iwwerzeegung, dass dat de Wee ass. Et gëtt aner Weeër. A mir sinn iwwerzeegt, dass een déi ka goen.

Mir si mat der Impfung net do, wou mer wëlle sinn. Ech wëll dat absolutt direkt kloerstellen. Mir waren nach d'lescht Woch liicht iwwert der Moyenne an der Europäescher Unioun. Am Moment si mer e bësselechen zréckgefall. D'lescht Woch ware mer nach op néngter Plaz mat Duebelgeimpften, wat a sech guer net esou schlecht ass. Et muss een natierlech wëssen, dass déi Tauxen och relativ no beieneeleien. D'Rentréeë sinn anescht. Et ass am Summer ofgeflaut bei eis, ganz kloer. A mir sinn elo an der Rentrée. Ech muss awer soen, ech bleiwe bei

der Zouversicht, dass mer och en Uptake hei zu Lëtzebuerg kréien.

Firwat deen Optimismus? Ma mir hu gesinn, wa mer mat eise Busse bei d'Leit ginn, och wa vill Leit am Ausland waren, dass dat awer Succès hat. Dat heescht, do ass eng Demande, do ass en Interessi, an deen huet net ofgeholl iwwert déi lescht Wochen. Mir hu mat onsem Impfbus, deen iwwer 60-mol am Asaz war, gesinn, dass do, wou mer sinn, Leit kommen. Déi sti Schlaang vun der éischter Minutt bis déi lescht. Dat heescht, et ass nach ëmmer en Interessi do. Dat ass net amgaangen erofzegoen. A mir setze wierklech drop, elo mat der Rentrée, wou d'Leit lues a lues zréckkommen, dass déi Offeren, déi en place sinn, déi méi no bei d'Leit ginn, och weiderhi wäerte Succès hunn an dass mer dohinner kommen, wou mer hiwëllen.

D'Dokteschpraxisse sinn amgaangen ze impfen. Och dat ass en place. Dat brauch seng Zäit. Och do huet d'Vakanz mat eragespillt. Mir hu mëttlerweil 244 Dokteren, déi impfen. Och do fänken d'Rendez-vousen u geholl ze ginn. Dat ass och lues ugelaft. Et huet sech missen organiséieren, en place kommen. Mee do hu mer mëttlerweil iwwer 3.000 Rendez-vousen, déi awer elo geholl ginn. Do kann een optimistesche sinn, dass dat elo an deenen nächste Woche wierklech zu engem Uptake och hei zu Lëtzebuerg wäert kommen.

D'Betribler, do si mer am Gespréich mat hinnen, fir a grouss Betribler sur place impfen ze goen. A mir wäerten och mat eise Impfbus niewent den Eventer, wou mer elo am Summer iwwer waren, och geziilt dohinner goen, wou d'Leit sinn, dat heescht an Akafszentren, an de Kino. Mir wäerten an de Schoule méi present sinn. De Claude Meisch wäert nach dorobber agoen. D'Intentioun ass wierklech, ze kucken: Wou sinn d'Leit, wou kann ee se erreechen? An einfach massiv dorobber ze setzen, dass mer esou nach wäerte weiderkommen.

Mir hate mat deenen 63 Asätz vun eisen zwee Impfbussen elo iwwert de Summer iwwer 2.000 Impfungen, déi mer konnte maachen. Et war wéi gesot ausgebuucht. Et hat ganz vill Succès. D'Leit stoungen schon, ier et opgaangen ass, Schlaang, an dat bis zum Schluss riichtduerch. Dat soll eis also e gewëssenen Optimismus loosse. Mir wäerten och weider ënnerwee sinn iwwert déi nächst Wochen. Dat fënn een alles um Internet. An duerno wäert et iwwert den Hierscht eeben der Saison entsprechend weidergoen, méi ënnerdaach vläicht, wéi dat bis elo de Fall ass.

En attendant, dass mer mat eise Impftaux dohinner kommen, wou mer wëlle sinn, ass nach ëmmer e Risiko do. An dee Risiko ass besonnesch ausgeprägt natierlech bei den Netgeimpften, ech ginn elo net méi drop an. Wa mer kucken, wéi eng Leit an de Spideeler leien, wéi eng Leit op Intensiv sinn, da schwätzt dat eigentlech fir sech. Dat sinn déi Leit, déi net geimpft sinn, oder déi Leit, déi eebe Virerkrankungen hunn, no deene mer ganz besonnesch musse kucken. Dofir brauche mer och eise CovidCheck-Regimm zu dësem Zäitpunkt nach. Deen ass extreem wichteg, grad do, wou eebe vulnerabel Leit sinn, an de Spideeler, an den Alters-a Fleegeheemer, wou mer wëllen esou e Cordon ronderëmsetzen, dass déi Leit, déi eraginn, wierklech gepréift sinn an näischt mat do eranhuelen.

Dat selwecht géllt eeben op den Eventer, wou mer och mam CovidCheck ganz gutt Erfahrungen hunn. Mir haten e puer dausend Eventer, déi esou gelaf sinn, an zum Gléck keng schlecht Iwwerraschungen iwwert de Summer. Dat soll eis dach alles optimistesche halen.

Et ass ugeschwat ginn: firwat 2.000? Mir hunn eng relativ virsiichteg Attitüd do gehat, well e Reschtrisiko ass. Beim Covidregimm ass net null Risiko, et ass e Reschtrisiko. Et konnt een dat net ofschätzen. An an där Phas, wou mer elo sinn, mat enger kuerzer Lafzäit, si mer der Meinung, dass mer déi Virsiicht sollen halen. Dat huet net ganz vill ... Bon, Verschiddener hätte gären effektiv e bësse méi grouss opgezunn. Mir waren der Meinung, mir sollten do e bësse virsiichteg nach bleiwen, dat alles an der Hoffnung, dass mer an engem Mount anzwousch anescht stéinge mat engem Impftaux wéi do, wou mer haut stinn, an da vläicht kéinten e ganz grouse Schrëtt maachen.

Just mat den Zuelen: Zuele suergen ëmmer fir ganz vill Duerjerneen. Deemo wéi ee kuckt, ass d'Referenz eng aner mam Impftaux. Ech hu gesinn, an der Motioun ass et och eng kéier falsch zitéiert. Mir sinn effektiv net bei 72,1 % vun der Gesamtpopulation, wéi et an der Motioun vun der ADR steet. Dee Prozentsaz bezitt sech op déi erwuesse Leit. Dat sinn déi iwwer 18-Järeg. Do leie mer effektiv bei 72,1 % elo. An domadder leie mer leider Gottes och net do, wou Dänemark ass. Dir sot: „Mir sinn änlech wéi Dänemark. Firwat maache mer et net d'selwecht?“ Leider si mer net do. Schéi wär et. Si sinn awer gutt 14 % méi héich. Bei hinnen ass de Prozentsaz, fir lech deen als Beispill ze ginn, bei 86,9 % am Moment vun den Erwuesenen, also den iwwer 18-Järegen. Do ass nach e Wee ze maachen.

Firwat dat bei eis net ass, frot mech et net. Mir maachen eist Bescht fir weiderzekommen. Ech hunn d'Hoffnung, dass mer et fäerdegbréngen, elo vläicht e ganz schnelle Sprong ze maachen. D'lescht Woch, wéi gesot, ware mer nach op néngter Plaz an der EU, elo si mer zréckgefall. Mee eis Rentrée ass och e bësseleche méi spéit wéi an deenen anere Länner. Dat misst sech iwwert déi nächst Wochen hoffentlech elo weisen.

Den dänesche Wee, majo selbstverständlech géife mer dee gäre goen. Ech hu ganz vill Vertrauen an den dänesche Gesondheetssystem. Ech war och selwer sur place, wou ech länger Echangen dozou hat. Ech mengen, si hunn dat duergerechent. Wann een en Taux huet, deen esou héich ass, wéi si en hunn, dann ass dat e Risiko, deen tragbar ass.

Mir hunn och elo de Virdeel, dass dann - alles huet jo seng Vir- a seng Nodeeler -, doduerjer, dass si ons eng Nues virus sinn, mer an engem Mount och genau wäerte wëssen, ob dat geklappt huet oder net. D'Regierung ass sécherlech bereet, wann dat dote klappt. Also, mir wëllen net méi restriktiv si wéi déi aner. Wann dat doten déi Indikatioun ass, déi mécht, dass et klappt, da wäerte mer sécherlech och op dee Wee goen. Et ass dat, wat mer eis wënschen, dass mer effektiv e Sprong maache mat eise Vaccinatiounen, dass mer nach déi Lescht iwwerzeegt kréien, fir dat dach awer ze maachen. Well hannendru wénkt am Fong geholl d'Normalitéit. Wat mer méi héich sinn, wat ee méi schnell kann a Richtung Normalitéit goen an net nach onnéideg kleng Tëscheschrëtt huelen, déi vläicht guer net néideg sinn.

Dat geet awer nëmmen zesummen. Et brauch Solidaritéit. An Dänemark war déi. Mir brauchen déi och hei bei eis. Et ass do, wou mer gefuerdert sinn. Et ass och ugeschwat ginn, wéi et ass mat de Jonken an de Kanner. Do si mer mat eise CovidCheck nach relativ strikt. Bon, et muss ee wëssen, dass d'Kanner ënner sechs Joer e gewëssene Schutz hunn. Déi hunn nach Rezeptoren - dat muss ee sech virstelle wéi d'Entréedier, wou de Virus erakënn - , déi bei deene ganz Klengen nach net esou developpéiert sinn. Ab sechs Joer ass dat awer developpéiert. Dofir hu mer effektiv och hei e bësseleche méi virsiichteg Wee gesicht, dass mer déi Testpflicht schonn ab sechs Joer hunn, well dat einfach eng aner Donnée ass.

Mee och do, wéi gesot: Wat mer méi schnell derduerch sinn, wat et besser ass. Och Kanner kënnen krank ginn, mir hunn et héieren, dat ass e gewëssene Prozentsaz, deen ass geréng, mee och Kanner kënnen krank ginn. Mir hunn alleguer den Interêt, dass se sech net ustiechen, dass mer e gudde Monitoring an de Schoulen hunn. An ech mengen, do hu mer elo e gudde System en place. Well och wann de Prozentsaz geréng ass, wann d'Zuel eropgeet - dat weess jiddwereen, dee rechne kann -, da sinn dat awer méi Leit, déi concernéiert sinn. An dat wëlle mer och do evitéieren. Dofir och do eng gewësse Virsiicht am Sënn vun de Kanner selwer an och am Sënn vun eis allegueren. Si kënnen de Virus weiderdroen, mee se kënnen och zu engem gewëssene Grad selwer krank ginn. Mir wäerten dat also wierklech am An hunn a si bewosst vläicht e bësseleche méi virsiichteg wéi verschidden aner Länner, mee dat am Sënn vun der Allgemengheet a vun eise Kanner.

Wat mer brauchen, sinn Erfahrungswärter, Erfahrungswärter bei eis, mee och bei deenen anere Länner. Mir kucken also elo mat ganz, ganz grousem Interessi op déi Länner, déi eis e bësseleche virus sinn, wou elo alles opgehewe ginn ass. Wann dat klappt, tant mieux. Dat ass eppes ganz Wäertvolles zu dësem Zäitpunkt. Do kuckt jiddwereen ganz opmierksam hin. Mir sinn net méi wéi frou, wa mer dat kënnen nomaachen. Mee de Reschtrisiko ass am Moment nach do.

D'Zil gesi mer virun Aen. Dat ka ganz no sinn. A wa mer dee Sprong do fäerdegbrénge bannent kierzester Zäit, da kënnen mer mat e bësseleche Chance an engem Mount e grouse Sprong maachen. Wann dat net sollt de Fall sinn, ben, da musse mer op der virsiichteger Schinn bleiwen.

Et ass gesot ginn: D'Saison, d'Wintersaison steet un! An et ass och net auszuschléissen, wa mer net wierklech e richtige Sprong no vir maache mam Taux de vaccination, dass een einfach beim CovidCheck nach e bësse muss noschärfen, well eng aner Alternativ ass nach net an Aussicht. D'Wonnermëttel, d'Pëllche géint de Covid, ass nach net erfonnt, soudass mer net vill aner Alternativen hunn.

Mir hunn also eng Zilsetzung, wat eng optimistesche ass, dass mer gutt solle virukommen an deem Land hei mam Impfen. Wann déi net erreecht ass, hu mer och net vill Optionen. Da gesi mer keng aner, wéi effektiv d'Schrauf zouzezéien um Niveau vum CovidCheck an deen nach méi generaliséiert am Wanter an den Asaz ze bréngen, fir ze evitéieren, dass dat Ganzt eis dann awer nach eng kéier géif aus dem Rudder lafen.

Mir wëssen och, dass den Impfschutz net éiweg unhält. En ass gutt - dat ass eng Erkenntnis, déi do ass mëttlerweil -, wann een duebel geimpft ass, an





dat ass extreem wichteg. Dofir regrettéieren ech och zu kengem Moment, dass mer virsiichteg waren a wierklech derfir gesuergt hunn, dass d'Leit hir duebel Impfung hei am Land kritt hunn. Dofir ware mer am Ufank wuel e bësselche méi lues. Mee et huet sech awer erausgestallt, dass dat trotz allem dee richteg Wee war.

Eng Impfung gëtt net deen néidege Schutz. Déi duebel Impfung ass gutt. Si schützt géint e schwéiere Verlaf. Mee bei eelere Leit oder Leit, déi immunodepriméiert sinn, hält dat séier of. Dofir hu mer scho säit enger Zäit jo déi drëtt Impfung en place fir Leit, déi immunodepriméiert sinn. A mir wäerten och ab elo - dat ass eng nei Decisioun vum Conseil supérieur des maladies infectieuses, op déi mer elo gewaart hunn, déi ass elo do - all Demarchë maachen, fir Leit iwwer 75 Joer generell eng drëtt Impfung unzëbidde mat engem mRNA-Impfstoff a generell deene Leit, déi an den Alters- a Fleegeheimer sinn, onofhängeg vun hirem Alter eng drëtt Impfung unzëbidden. D'Preparative sinn esou wäit gemaach. Dat wäert ulafen. Mir wäerten dat bannent zwou Woche kënnen iwwert den Impfbus realiséieren an den Alters- a Fleegeheimer.

Déi aner Leit, déi iwwer 75-Järeg, wäerten eng Invitatioun kréien. Dës Invitatioun ginn och an den nächsten Deeg eraus. Do sinn dräi Datumen, déi am Raum stinn. Dat ass eng Kéier de 17. an de 24. September an dann nach eng Kéier den 1. Oktober. An da missten och all déi Leit iwwer 75 Joer eng Invitatioun kritt hu fir eng drëtt Impfung. An déi aner, wéi gesot, an de Strukturen, do wäert dat mat eise Impfbus gemaach ginn.

Wie kritt eng drëtt Impfung? Oder wéi gëtt dat gerechent? Wa mer d'Invitatiounen erausginn, kënnen mer dat jo genau dank deenen zentralen Daten, déi mer hunn, feststellen. Wann een en Impfstoff hat, deen eng duebel Impfung virausgesat hat, wéi de Pfizer, Moderna oder AstraZeneca, ass et sechs Méint no der zweeter Impfung. Fir den Johnson & Johnson, wou et just eng Impfung war, ass et zwee Méint no der leschter Impfung, wou déi drëtt ka gemaach ginn. An deemno wäert dat elo ulafen.

Mir wäerten doriwwer eraus, well mir wëssen, dass déi eeler Leit generell méi engem grouse Risiko ausgesat sinn, nach eng Kéier e Brëif erausginn u jiddwereen, deen iwwer 60 ass, e personaliséierte Brëif, fir nach eng Kéier en Opruff ze maache fir déi, déi nach net geimpft sinn. Mir hunn do e relativ héijen Taux an där Alterskategorie. Mee trotzdeem, wat et der méi sinn, déi geimpft sinn, wat besser. Do wäert also nach eng Kéier eppes erausgoen, fir do nach en Opruff ze maachen.

An da bleift eis eigentlech just, all zesummen optimistesch ze bleiwen. Ech mengen, dass mer scho viles hikkritt hunn an deem leschte Joer, deene leschten annerhalfe Joer. An dat heite wäerte mer mat e bësse Chance iwwert d'Rentrée och elo nach hikkriegen. Jiddwereen ass zréck. D'Leit kucke jo awer, wat geschitt riets a léns. An ech denken, dass mat all Woch, déi emgeet, déi Angscht virun der Impfung vläicht e bësse verschwénnt. Ech mengen, et sinn och Leit, déi vläicht einfach méi zögerlech sinn, déi e bësse wëllen ofwaarden. Et gesäit een: Den Drock geet an d'Luucht. Ech si fir mäin Deel op alle Fall optimistesesch.

Ech soen och nach eng Kéier Merci fir d'Vertrauen, wat mer kritt hunn, wat nach eng Kéier bestätegt ginn ass, an déi Mesuren, déi do sinn. Et ass elo, wou et gëllt. Wa mer Dänemark wëlle suivéieren, ben, dann ass et elo, fir riets a léns jiddwereen ze iwwerzeegen, sech impfen ze loossen. Ech mengen, do ka jiddweree säint bäidroen. Mir sinn alleguerte vill ënnerwee. Et ass vill Normalitéit, mir sinn all ënert de Leit. An als Politiker, mengen ech, hu mer do och eng Roll ze spillen, fir deen Appel à solidarité nach eng Kéier an eisem Land ze maachen. Wann dat géif klappen, da kéinte mer ganz zefriden an engem Mount hei stoen a vläicht gréisser Ouverturen annonciéieren. Mech géif dat op alle Fall immens freeën.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools der Madamm Gesondheitsministesch. An de Relais fir d'Regierung iwwerhëlt elo den Här Educationnsmister, den Här Claude Meisch.

► **M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fäerten, d'Regierung huet net méi ganz vill Riednerzäit. An Dir ënnerbriecht mech dann och, wa mer ze vill géifen abuséieren. Dann halen ech natierlech och direkt op. Mee et waren e puer Froe gestallt ginn an ech wollt dorop awer nach eng Kéier äntwerten.

Jo, de Claude Wiseler huet Recht, mir wëllen, a jiddereen ass sech do eens, dass déi Reegel, déi mer hu fir d'Schoul, dass bei engem éischte Fall vu Kontakt mat engem positive Kand oder Enseignant dann de Mask ugedoe gëtt, dass dat natierlech och gëllt fir d'Maison relais. Wann de positive Fall do gëllt, da gëllt et fir dee Krees do ronderëm. Wann de positive Fall just an der Schoul war, da kann et

awer sinn, dass déi Kanner, déi do betraff si vun där Maskepflicht, och mëttes an d'Maison relais ginn. Da gëllt dat natierlech och fir déi, an emgedréint natierlech och.

D'Situatioun ass heiandsdo e Stéck méi komplizéiert, och wann de Prinzip dee selwechten ass, an der Maison relais, well een do net onbedéngt de feste Grupp huet, wéi een déi fest Klass huet moies an der Schoul. An duerfir wäert et och emol dacks esou sinn, dass den Direkter vun der Santé bei enger Ordonnance - well do gëtt jo awer eng Quarantän ausgeschwat, mat Dispensen, mat Konditiounen, wéi een déi Dispens dann och ka profitéieren - dann do d'Maskepflicht nach eng Kéier dra verankert.

Mir sinn awer gären diskussiounsbereet, sollte mer an engem Mount nach ëmmer an enger Situatioun sinn, wou mer dat dote wëlle weiderschreien, vläicht en aneren Text ze fannen, wou mer iwwert de Vocabulaire vläicht och nach éischter kënnen eens ginn.

Dann d'Fro nach eng Kéier iwwert de CovidCheck an de Schoulen: Ech hunn hei an der Debatt nach eng Kéier gemierkt, dass et ganz komplizéiert ass, de CovidCheck an den Entreprises ze maachen, an enger Rei vun anere Secteuren anzeféieren. Elo gëtt awer gemengt, dass et ganz einfach wär, en an de Schoulen anzeféieren. Ënner anerem ass et op d'mannst emol identesch, well d'Schoule sinn och e Lieu de travail fir ganz vill Enseignanten, fir Educateuren an aner Professioneller. Do misste mer also op d'mannst emol all déi Problemer, déi sech an der Aarbechtswelt stellen, och all déi Problemer, déi sech do allgemeng an der Fonction publique stellen, op d'mannst emol fir déi Beschäftegt an der Schoul gekläert hunn.

An da kënnt awer nach eng Kéier dee Punkt derbäi, wou ech, mengen ech, scho virum Summer op déi dote Remark eng Kéier awer reagiert hunn, fir ze soen: Mir riskéieren herno mat deem dote Prinzip, esou wéi een, deen net geimpft an net getest ass, beim Fun um Glacis emgedréint gëtt, esou wéi een, wann e samschdes owes an d'Disko wëllt goen, emgedréint gëtt, esou wéi een, wann en an de Musée, an de Kino, an den Theater wëllt goen, emgedréint gëtt, dann och wierklech moies Schülerinnen a Schüler an der Schoul emzedréinen. An dat wëlle mer evitéieren.

Mir hunn eis awer och Gedanke gemaach. Mir hunn déi Remarken do eescht geholl. An ech mengen, Dir hutt matkritt an Dir hutt et selwer hei nach eng Kéier confirméiert, dass mer jo eng Dosis Covid-Check awer agesat hunn, nämlech dann, wa reell eng Presenz vum Virus do war. An ech denken, dass et awer e gutt Ofweien ass, fir ze evitéieren, dass mer déi Schülerinnen a Schüler, déi sech net wëllen oder net kënnen impfe loossen, déi sech net wëllen teste loossen, wou vläicht och hir Elteren decidéieren, dass se sech net teste loossen - et ass jo heiandsdo keng Decisioun, déi de Schüler hält, mee hir Elteren huele se an de Schüler kann net onbedéngt fir seng Elteren, ech denken, dass misste mer och heibannen agesinn -, dass mer déi alleguerte moies dobausse loossen.

Mir sollten dat just maache fir déi, déi an der Woch virun an enkem Kontakt ware mat engem positiv geteste Schüler oder Enseignant. Domadder reduzéiere mer d'Envergue dovunner an d'Zuel vun deenen, déi mer missten dann an der Entréedier vun der Schoul, fir dat emol bildlech nach eng Kéier auszedecken, emdréien, awer ganz, ganz dramatesch.

Ech mengen, dass an deem Fall, wou eng reell Presenz vum Virus nogewisen ass, wou e Kontakt do war, dass dat sech da ka justifizéieren, mee awer allgemeng, ouni dass iwwerhaupt emol e Virus present war, a mengen Aen dat dann awer net méi justifiéiert wär.

Duerfir, mengen ech, solle mer hei ganz genau ofweien, wou een zu esou engem Prinzip vun der Obligation scolaire dann och emol eng Kéier ka vläicht punktuell, well aner gutt Grënn existéieren, déi dominéieren, derogéieren, mee et net allgemeng muss maachen. Duerfir fannen ech, dass dee Wee, dee mer do gaange sinn, eigentlech ganz intelligent ass. An ech hoffen, dass mer och d'Diskussioun domadder e Stéck wäit kënnen versachlechen.

Eng Saach ass gesot ginn, Här President, och vum Claude Wiseler: D'Schoulen hätten nach eng Kéier déi zweet Well hei gedriwwen a mir wären den Driver an de Schoule gewiescht vun der Pandemie. Ech kennen d'Chifferen hei aus dem Land, déi ech permanent analyséiert hunn, och réckbléckend analyséieren, ech kennen d'Etüden aus anere Länner. Ech fannen dat doten net. An ech wär frou, wann een eng sachlech Diskussioun doriwwer kéint féieren, wou een dann dat doten erausliest, emplaz et einfach esou ze behaapten.

Ech wëll awer nach eng Kéier soen, ech hunn et op ville Plazen och déi lescht Deeg gesot: De Virus wäert sech an deene Populatiounen besonnesch breetmaachen an den nächste Wochen a Méint, déi net geimpft sinn. A Kanner a Jonker kënnen net geimpft ginn zum Deel respektiv sinn nach net esou

vill geimpft. Dat heescht, an der Schoulpopulatioun wäert de Virus méi schnell ronderëmgoen. Domadder musse mer rechnen. Dat ass e Phänomeen, deem musse mer an d'Ae kucken déi nächst Wochen a Méint, an och, wéi staark dass e wäert sinn. Well et gëtt der jo och, déi an d'géigesate Richtung ginn. Wann 90 % vun den Enseignantë geimpft sinn, bremst dat och erëm eng Kéier. Wann d'Eltere geimpft sinn, bremst dat och erëm eng Kéier. Wann déi grouss Geschwëster geimpft sinn, da bremst dat och erëm eng Kéier. Dann dréit de Virus net esou schnell tëschent Schoul a Familien hin an hier.

Eng Fro, déi fir mech ganz interessant gëtt an den nächste Wochen, dass ass: Wa mer positiv Fäll an de Schoule fanne bei de Schülerinnen a Schüler, da géif et mech schonn interesséieren ze wëssen - an ech weess net, ob mer et erausfannen, ob dat iwwerhaupt méiglech ass -, ob hir Eltere geimpft waren oder net oder ob se an deem Mooss geimpft ware wéi an der gesamter Populatioun. Dat kéint och nach eng Kéier en Indicateur sinn, ob et dann net awer vläicht éischter vun där Säit komm ass, wéi dass et vun der Schoul ausgegangen ass.

Ech wëll net weider hei elo op mäin Zueespill agoen, Här Clement - 90 %, déi sech teste loossen, da fanne mer och 90 % vun den Infektiounen. Dir hat e ganz flott Beispill do. Ech mengen, fir dass Äert Beispill sech géif realiséieren, wär d'Warscheinlechkeet och statistesch gesi ganz, ganz kleng.

Ech mengen, mam Gesetz vun de groussen Zuelen, déi mer awer hei hunn, wou mer iwwer 100.000 Schülerinnen a Schüler testen, dorop baséierend, der op d'mannst also dann 90.000 reell zweemol d'Woch testen, dass mer awer warscheinlech de Gros dovunner géifen erwëschen an da bei 90 % ongeféier géifen erauskommen, et sief dann - et sief dann! -, déi 90 %, déi sech teste loossen, wär vläicht an engem anere Mooss positiv wéi déi, déi sech net teste loossen. Dat kéint sinn an da wär mer vläicht do net méi grad richteg. Dat kënnen mir zwee da ganz gären nach eng Kéier an Zukunft ausdiskutéieren. Mee ech fannen, dass Äert Beispill awer och net grad representativ gewielt war.

Dann e Wuert nach zur Motioun, dass mer dräi Tester an der Schoul sollte maachen: Mir maachen der zwee an der Grondschoul a mir ginn ee mat heem. Mir hu virum Summer een an der Grondschoul gemaach a mir hunn ee mat heem ginn. Dat heescht, d'Zuel vun deenen Tester, Selbsttester, déi mer an der Schoul proposéieren, déi hu mer verduebelt. Ech denken, dass dat awer nach eng Kéier e grouse Schratt ass, wou mer dann och sécher sinn, dass mer Resultater hunn, wou mer gesinn, dass, wann de Consentement vun den Elteren do ass, déi Tester da gemaach ginn, mer da fir eng breet Majoritéit vun de Schülerinnen a Schüler wierklech permanent de Screening kënnen maachen zweemol an der Woch.

Ech wëll awer och soen, ech si jo am permanenten Austausch an ech wëll just drun erënneren, dass dat hei am Haus ëmmer erëm gewënscht ginn ass, dass ech deen Austausch siche mat de Verrieder vun den Enseignanten. An do mierken ech awer och, dass gesot gëtt: „Mir sinn eigentlech do, fir Schoul ze halen!“ An ech deelen och déi Approche. An ech muss soen, dass et en enormen Engagement ass vun den Enseignanten a vun all deem anere Personal, dat sécherstellt, dass déi Tester do seriö gemaach ginn, dass och d'Resultater agesammelt ginn, dass se encodéiert ginn.

Mir sollen dat wannechgelift awer och net iwwerdreien. Well d'Schoul ass net eng Institution, déi just au service vun aneren do ass, zum Beispill, dass een dann de Weekend kann an de Kino, an de Restaurant oder soss anzwousch goen an dass da freides mëttes och nach den Test gemaach ginn ass. Mir musse scho kucken, dass mer eng primär Aufgab hun, dass ass Schoulhalen! Dat anert maache mer ganz gär, mee mir stousse awer do och eventuell u Limiten.

Ech géif einfach proposéieren, dass mer déi Saach do suivéieren an dass mer kucken, ob e weideren Test iwwerhaupt hëllefärich wär. Ech wëll just nach eng Kéier soen: Mir sinn amgaangen, d'Tester fir déi erwuesse Populatioun ofzebauen. Muer ass de leschten Dag Large-Scale-Testing. Mir si weider amgaangen, d'Tester fir déi Jonk eropzesetzen. Wat d'Resultat wäert sinn, dass wësse mer: Dat ass, dass mer herno natierlech méi positiv Fäll bei deene Jonke wäerte fannen, op d'mannst prozentual gesinn. Ech si ganz domadder d'accord, well dat hëllef, dass mer Infektiounskette kënnen ënnerbriechen. Mir därfen awer och duerno net a Panik geroden, wa mer op eemol mierken, dass vun deene positiven Zuelen, déi all Dag gemellt ginn, op eemol eng Majoritéit dovunner bei Jonken ass, bei der Schoulpopulatioun, well mer do natierlech vill méi intensiv, vill méi enkmascheg teste wéi bei enger anerer Populatioun.

Da wëll ech nach just eng Kéier ofschléissend, Här President, dorunner erënneren, wéi de sanitäre Setting virun engem Joer war bei der leschter Ren-trée. Et kann ee soen: „Mir haten do d'Delta-Variant nach net.“ Dat stëmmt! Mee mir haten awer nach

kee geimpft, vun de Schüler net a vun den Enseignanten net. Mir hate keng Selbsttester an der Schoul. A wa mer dat elo geziilt asetzen, dann denken ech, da kënnen mer eis awer och aner Saachen domadder leeschten, ënner anerem eeben och, an dat wär eng Prioritéit vun all den Acteuren, mat deenen ech iwwert de Summer geschwat hunn, dass mer d'Masken éischter sollten op der Säit loossen, wann et da geet.

Nach e Wuert zu de Bussen, den Impfbusse fir d'Schoulen. Ech mengen, do ass och eng Motioun deposéiert ginn. Mir wëllen, a mir sinn an Diskussiounen do mat der Gesondheitsministesch an hire Servicer, dass mer et einfach maachen, dass och am Lycée - de Rescht brauche mer momentan nach net ze diskutéieren - ka geimpft ginn. An do muss de Bus net an den Haff kommen. Ech mengen, eis Schoule si grouss genuch, do kréie mer dat mat enger Chaîne, oder e puer parallel, och an eisen Infrastrukturen dann arrangéiert.

Wat wichteg ass fir mech, dass ass, dass mer virun informéiert hunn, dass mer sensibiliséiert hunn, dass et sécher ass, dass den Accord vun den Eltere fir mannerjäreg Schülerinnen a Schüler do läit. An da kann och geimpft ginn. Dat géif et méi einfach maachen.

Ech mengen, dass dat e gudde Wee ass, fir d'Impfquot bei deenen 12- bis 18-Järegen nach eng Kéier eropzedreien. Mee et soll och keen d'Impressioun kréien, dass op eemol d'Schoul géif ufänken ze impfen. Do sinn et d'Gesondheitsinstanzen. Et soll keen d'Impressioun kréien, dass een do net informéiert an net decidéiert geimpft gëtt. Dat wier éischter kontraproduktiv.

Villmools merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools dem Här Educationnsmister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7875. Den Här Wiseler freet nach d'Wuert.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Et wär nach, wann Der erlaabt, fir eng Fro un d'Gesondheitsministesch ze stellen, well si huet dat elo erkläert mat der drëtter Impfung. Ech soen do och Merci fir déi Erklärung. Ech fannen dat och positiv, dass elo déi Campagne fir déi drëtt Impfung iwwer 75 Joer lassgeet. Et sinn am Ausland - dat ass meng Fro, déi ech stellen - eng Rei Diskussiounen och gewiescht, fir och eng drëtt Impfung bei verschiddene Berufs-kategorien, notamment Leit am Gesondheitsberäich, ze maachen, fir déi zousätzlech ze schützen. Éischstens: Wat haalt Dir dovunner? Ass dat sënnavoll? An zweetens: Wéi steet d'Lëtzebuerger Regierung dozou?

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Wiseler. An ech ginn d'Wuert zréck un d'Regierung.

► **Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Bei där ganzer drëtter Impfung ass d'wëssenschaftlech Basis nach relativ wackeleg. Mir hunn elo deen doten Avis kritt. Et war awer ganz kloer och vum CSMI zum Ausdrock bruecht ginn, dass dat nach net genuch stabiliséiert ass, fir nächste Kategorie wierklech dat doten ze recommandéieren. Mee si suivéieren natierlech déi ganz Etüde ronderëm déi drëtt Impfung zäitno a wäerte sech bei eis mellen, wann do nei Momenter sinn.

Dat hei ass elo dee rezentsten Avis, eebe mat speziellem Fokus do, wou ee wierklech kann dovunner ausgoen, dass d'Immunitéit ofhëlt mat der Zäit: bei den Eeleren an den héich Vulnerabelen. Mee iwwert déi sozioprofessionell Kategorien ass nach keng Äusserung komm. Ech erlabe mir perséinlech keng medezinnesch Meenung dozou ze hunn. Do hunn ech vollt Vertrauen an déi Gremien, déi mer och iwwert d'Gesetz dofir virgesinn hunn. An ech mengen, si sinn d'Experte vun de Maladies infectieuses an ech vertrauen drop, dass se dat seriö suivéieren an eis och wierklech en Avis ginn, wann do eppes soll geschéien an déi Richtung.

► **M. Claude Wiseler (CSV).** - Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci der Madamm Gesondheitsministesch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir wäerten dann elo zur Ofstëmmung kommen. Den Text steet am Document parlementaire 7875<sup>10</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 7875 et dis-pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen.

► **Plusieurs voix.** - Et geet net.

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Et geet net.

(Brouhaha)

D'Ofstëmme fänkt un. A, elo geet et. Merci villmools. Merci!

► **Plusieurs voix.** - A!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par





procuration ofginn. Déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn, sollen d'Hand an d'Luucht hiewen.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dëse Projet de loi mat 54 Jo-Stëmme bei 4 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Hansen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

*Se sont abstenues* : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

**Motions**

Da kéime mer elo zur Diskussioun respektiv zur Ofstëmmung vun de Motiounen.

**Motion 1**

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1. Dat ass déi-Motioun, wou gefrot gëtt, fir dräi Schnelltester d'Woch ze organiséieren. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen?

**(Négation)**

Da kënne mer zum Vott vun dëser Motioun kommen.

**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dës Motioun bei 27 Jo-Stëmmen an 33 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Hansen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

**Motions 2 et 5**

Da kéime mer zur Motioun Nummer 2. Wëllt nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Dat ass déi Motioun, wou et ëm d'Méiglechkeet geet fir gratis PCR-Tester fir déi Kanner no zwielef Joer an déi, déi e Certificat médical hunn. Den Här Georges Engel freet d'Wuert.

■ **M. Georges Engel (LSAP)**.- Jo, merci, Här President, fir d'Wuert. D'Motioun 2 an d'Motioun 5 hunn en änleche Wuertlaut, fuerderen also och eppes Änleches. D'Regierung huet dat an hirer Pressekonferenz vun ech weess net méi weini, mee

virun net allze laanger Zäit ugekënnegt, dass dat heiten och soll de Fall sinn. Ech fannen dat och richtig, dass déi, déi sech net kënnen impfe loos-sen aus medezinnesche Grënn, och weider sollen déi Geleeënheet hei behalen. An duerfir ass dat heiten, wéi den Här Wiseler et scho gesot huet beim Depot vun der Motioun, superfetatoire, well et ugekënnegt war. An duerfir brauche mer déi Motioun hei och net ze stëmmen, grad esou wéi d'Motioun Nummer 5, déi bal dee selwechte Wuert-laut huet.

Merci.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Dofir kéint Der se awer matstëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Engel. Dann huet nach den Här Sven Clement d'Wuert gefrot.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Jo, merci, Här President. Ech ginn elo guer net op déi onsäglech Diskussioun vum „superfetatoire“ an, well ech mengen net, dass et esou kloer gesot gouf, soss hätten net zwou Parteien et fir néideg fonnt, Motiounen zu deem Thema ze deposéieren, ausser Dir insinuiéiert, datt elo 23 Deputéierten der Pressekonferenz net gutt nogelauschtert hätten, Här Engel. Dat hutt Der awer, mengen ech, net gemaach.

■ **M. Georges Engel (LSAP)**.- Dat hunn ech net gesot, gellt.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Deementspriedend ass et ganz kloer, datt dat esou net an där Pressekonferenz gesot gouf, soss hätte mer déi Motiounen hei net geschriwwen. Also dat zum Thema „superfetatoire“.

Dat Zweet: Ech wollt a sech d'Wuert ergräifen, fir den Ënnerscheid tëscht deenen zwou Motiounen kloer ze maachen a firwat et eis och wichteg war, eis ze deposéieren, obwuel d'CSV eng änlech deposéiert huet. An dat ass nämlech déi Fro vun „y compris les femmes enceintes“. D'CSV beriff sech do op Däitschland, wou schwanger Fraen aktuell net zu den Impfkategorië gehéieren. Dat ass zu Lëtzebuerg awer anescht. A se si souguer hei zu Lëtzebuerg als vulnerabel Persounen prioritär, also goufe se an där Zäit prioritär geimpft. Fir eis ass et also deen Ënnerscheid, deen et gemaach huet, datt mir eng eege Motioun deposéiert hunn.

Ech wëll och do eng Kéier am perséinlechen Numm e ganz waarmen Appell maachen u Fraen, déi schwanger sinn, sech impfen ze loos-sen. Souwuel de Marc wéi ech si rezent Papp ginn an eis zwou Partnerinnen hu jeeweils entscheet, dat ze maachen. Et gi Studien, déi beleeden, datt dat och e Schutz fir déi jonk Kanner mat sech bréngt, well et do eeben zu engem Transfert vun den Antikierper kënnt. Ech wollt vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir wierklech deen Appell ze maachen. Et ass kee méi e grouesse Risiko do an d'Doktesch De La Fuente huet souguer an hirem Interview gesot, datt schwanger Fraen en enorme Risk hunn, fir e schwéiere Covidverlaf ze maachen. Duerfir, erlaabt mer, datt ech an dëser Motioun awer dat nach eng Kéier wollt zu Wuert bréngen: Och wann Der schwanger sidd oder grad, wann Der schwanger sidd, loosst lech impfen! Et ass gutt fir lech a fir Äre Puppelchen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Clement. Et ass keng weider Wuertmeldung méi do.

Da kënne mer elo zur Ofstëmmung vun der Motioun Nummer 2 kommen.

**Vote sur la motion 2**

Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

Duerno maachen ech och hei den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Da si mer elo bei 27 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun. Domadder ass dës Motioun ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement* : la motion est rejetée par 27 voix pour et 33 voix contre.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Hansen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Well mer d'Motioun Nummer 5 matdiskutéiert haten, géife mer dann elo direkt zum Vott vun der Motioun Nummer 5 kommen.

**Vote sur la motion 5**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

An och hei maachen ech elo den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Domadder ass dës Motioun bei 27 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement* : la motion est rejetée par 27 voix pour et 33 voix contre.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Hansen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

**Motion 3**

Da kéime mer bei d'Motioun Nummer 3. Wëllt nach een zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Motioun Nummer 3, dat ass déi Motioun, fir eng Campagne de vaccination iwwert déi mobil Ekippen ze organiséieren.

Da kënne mer ofstëmmen.

■ **M. Georges Engel (LSAP)**.- De Minister huet sech erkläert, voilà.

**Vote sur la motion 3**

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'éischt de Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

An och hei maachen ech dann den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

**(Appel nominal pour votes par procuration)**

Dann ass dës Motioun bei 27 Jo-Stëmmen, 32 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun ofgeleent.

*Résultat définitif après redressement* : la motion est rejetée par 27 voix pour et 33 voix contre.

*Ont voté oui* : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Hansen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

*Ont voté non* : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

**Motion 4**

Da kënne mer elo zur Motioun Nummer 4 kommen. Dat ass déi Motioun, déi vun der ADR deposéiert ginn ass, fir kloer Krittären ze definéieren, weini déi Restriktiounen kënnen integral ofgeschaaft ginn. An d'Wuert freet den Här Sven Clement.

■ **M. Sven Clement (Piraten)**.- Jo, merci, Här President. Ech wäert déi Motioun do net matstëmmen, souguer ofleenen, aus deem ganz einfache Grond: Mir hunn an der Vergaangenheet e puermol Plan-de-sortië gefuerdert an allkéiers goufe mer erëm vun der Pandemie iwwerrascht a mir krute gewisen, datt et net esou einfach war, wéi een dat gemengt hätt.-Et muss een och heiansdo kënnen am Réckbléck zouginn, wann ee wollt virun de Won sprangen, an dat hu mer deemools gemaach an dat kann ech hei och zouginn.

En zweete Problem, firwat mer wäerte géint déi Motioun stëmmen, ass: D'ADR zeechent hei e ganz positiivt Bild vun der Impfcampagne hei zu Lëtzebuerg - ech mengen, en ze positiivt Bild. Well mir sinn net esou gutt, wéi do behaupt gëtt. Mir sinn zwar gutt am europäesche Schnëtt, mee do dierf een awer net vergiessen, datt et e puer Memberlänner gëtt an der EU, déi ganz schlecht dostinn an de Schnëtt erofdrécken.

Wa mer eis mat eisen Nopere vergläichen, da sti mer éischter schwaach do. Wa mer eis mat Südwesteuropa vergläichen, sti mer ganz schlecht do. Ech mengen, Portugal a Spuenie sinn am Moment e bëssen déi, déi weisen, wéi et ka goen, wann d'Bevölkerung sech impfe léisst. Mir si wäit vun deenen Zuelen ewech. An duerfir ass et vläicht och verfréit, fir elo schonn e Plan de sortie ze maachen, wa mer nach net wëssen, ob mer déi Zuelen iwwerhaapt jee eng Kéier erreche kënnen.

Duerfir wäerte mir Nee stëmmen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Clement. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Georges Engel.

■ **M. Georges Engel (LSAP)**.- Ech maachen et och ganz séier, Här President. Éischtens: D'Zuelen, déi an dëser Motioun drastinn, déi sinn net ganz richtig. An zweetens huet d'Ministesch drop geäntwert, wann ee virun engem Joer eppes gesot huet an een elo domadder u sech festgeneelt gëtt, obwuel een awer weess, datt aner Varianten do sinn, déi d'Liewe mam Virus vill méi schwéier gemaach hunn, dann ass dat, mengen ech, net ganz richtig. An esou kann een dat an dëser Motioun dann och net stoe loos-sen.

Anescht sinn ech frou, datt de Sven Clement hei och gesot huet, dass een emol seng Meinung kann upassen, wann ee gemierkt huet, dass een do am Ufank vläicht net esou richtig louch. Duerfir, ech géif hei proposéieren, dës Motioun absolutt net unzehuelen.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci, Här Engel. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Claude Wiseler.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Jo, merci, Här President. Ech muss soen, mir hu jo och ëfters fir Stufepläng plädéiert.

■ **Une voix**.- A jo.

■ **M. Claude Wiseler (CSV)**.- Ech fannen dat zu där Zäit nach ëmmer richtig. Ech wëll elo just hei soen, datt dat hei awer eppes anescht ass, well en fin de compte déi Krittären, déi mer festsetzen, an haaptsächlech deen Zäitplang, dee mer festsetzen, momentan absolutt net virauszugesinn, an datt ech déi Positioun am Fong rasonabel fannen, déi d'Regierung geholl huet, fir ze soen: Mee et sinn elo verschidde Länner, déi scho méi wäit si wéi mir, notamment Dänemark, déi méi wäit sinn am Impfen. Déi hunn elo eng Rei Decisiounen geholl. Mir sinn net sécher, ob déi Decisiounen, déi Dänemark geholl huet, dann och mat deem Impftaux, dee se hunn, richtig sinn. Dat gesi mer elo an deenen nächste 14 Deeg, 3 Méint. An da kann een esou Konklusiounen vläicht zéien. An dësem Moment fan-nen ech dat a sech verfréit an duerfir stëmme mer géint déi hei Motioun.

■ **M. Fernand Etgen, Président**.- Merci villmools, Här Wiseler. An dann huet den Här Fernand Kartheiser d'Wuert gefrot.

■ **M. Fernand Kartheiser (ADR)**.- Jo, Här President, merci fir d'Wuert a merci och de Kollegen, déi Stellung geholl hunn. Ech wëll vläicht a véier Punkten awer e bëssen de Rasonement vun der Regierung hannerfroen.

Den éischte Punkt ass dee vun der Belaaschtung vun de Spideeler. Dat ass natierlech eppes, wat eis alleguer Suerge mécht. Awer ech wëll soen, dat fält jo och net vum Himmel! Et dierf een an dëser Debatt net vergiessen, datt d'Zuel vun de Spidols-better eng politesch Decisioun ass an datt mir als ADR ëmmer fuerderen, datt mer déi falsch Politik an deem Beräich musse korrigéieren an déi Reduzéierung vun de Spidolsbetter réckgängeg maachen.





Dat Zweet ass déi Diskussioun ëm d'Herdenimmunitéit, ëm déi kollektiv Immunitéit. Do huet effektiv d'Madamm Minister gesot: „Mir hunn et elo mat engem neie Virus ze dinn; en ass vläicht virulent.“ Jo, dat ass en Deel vum Aspekt. Op där anerer Säit hu mer och ëmmer gesot kritt, datt déi Impfstoffer, déi do sinn, effikass si géint déi nei Varianten. Dat heescht, et ass schonn eng méi komplex Diskussioun. An et kann een net elo higoen a soen: „Den Impfstoff ass effikass, mee mir hunn aner Varianten.“ Mir kréien ëmmer aner Variante bei dëser Krankheet, bei anere Krankheeten a mir musse kucken, datt mir elo net egal wéi een Argument huelen. Mir mussen eis op eppes festleeën an dann och probéieren, eis dorunner ze halen.

Dat Drëtt, wat ech wëll soen, dat ass d'Verlagerung vun der Verantwortung: Mir kënnen net higoen, esou laang vun enger fräiwëlleger Impfung schwätzen, an et ass jo dat, wat hei d'Doktrinn ass, mengen ech, vläicht vun alle Parteien, ech weess elo net, ob der ..., mee op jidde Fall vun der ADR, an ech mengen, och nach ëmmer vun der Regierung, datt mer soen: „D'Impfung ass fräiwëlleg“, da kënnen mer net higoen an Drock maachen a soen: „D'Agrëff an d'Privatsphär, d'Verletzung vun de Grondrechter, datt ass d'Schold vun deenen, déi sech net impfe loossen!“ Well et ass jo dat, de Rasonement vun der Regierung.

Nee, d'Regierung ass verantwortlech dofir, fir d'Grondrechter ze schützen, déi an der Verfassung sinn. Dat ass d'Verantwortung vun der Regierung! Oder gitt ewech an da sidd Der éierlech an da sot Der: „Mir si géint eng fräiwëlleg Impfung.“ Mee dat ass dann eng aner Diskussioun. Mee wa se fräiwëlleg ass, da kennt Der net soen: „Déi, déi sech net impfe loossen, si verantwortlech fir d'Aschränkung vun de Grondrechter.“ Dat ass einfach eng Verdréiung vun de Verantwortungen an do si mir net op Ärer Säit!

Dann, Dir sot: „d'Majoritéit schützen“, Här Staatsminister, „d'Majoritéit schützen“. D'Majoritéit ass jo an eiser Logik an an Ärer Logik ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Här President, ech hu just eng Fro: A wéi engem ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Ma Här Staatsminister, ...

■ **M. Xavier Bettel**, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Wou si mer drun? Fänke mer den Debat nees un? Da sot eis just Bescheed.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Kartheiser huet nach 30 Sekunden ...

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... ech hunn, mengen ech, nach ëmmer d'Wuert. An et fält een engem anere jo net an d'Wuert, gediert!

Ech mengen, et ass nach ëmmer esou, ...

■ **Une voix**.- Schwätzt zur Motioun!

(Interruptions et brouhaha)

■ **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- ... datt, wann Dir d'Majoritéit ... D'Majoritéit, an dat ass eis Doktrinn an dat ass Är, déi ass duerch d'Impfung geschützt. An duerfir ass d'Verletzung vum Solidaritéitsprinzip, wéi Dir se proposéiert, fir eis och net akzeptabel.

Mir froen an dëser Motioun näischt anescht wéi kloer, objektiv, transparent Krittären. An dat ass eppes, wouzou mir eis bekennen. A mir hoffen duerfir, datt dës Motioun ugeholl gëtt, well et ass dat, e klore Wee, deen all Mënsch kann novollzéien.

(Interruption par la présidence)

Ech soen Iech Merci.

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Kartheiser.

(Brouhaha)

■ **Une voix**.- Au vote! Nee!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, mir kënnen elo zum Vott vun dëser Motioun kommen.

**Vote sur la motion 4**

De Vote électronique fir déi perséinlech Stëmmen.

■ **M. Georges Engel** (LSAP).- Gutt ..., Här Kartheiser!

■ **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Duerno maachen ech den Appel nominal fir déi, déi wëllen e Vote par procuration ofginn.

(Appel nominal pour votes par procuration)

Domadder ass dës Motioun bei 4 Jo-Stëmme géint 55 Nee-Stëmmen an enger Abstentioun ofgeleent.

Résultat définitif après redressement : la motion est rejetée par 4 voix pour et 56 voix contre.

Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding.

Ont voté non : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Hansen), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Jean-Paul

Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par Mme Carole Hartmann), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

## 7. 7865 - Projet de loi portant attribution d'une aide financière exceptionnelle aux organismes de formation engageant des apprentis dans le domaine de la formation professionnelle

Den zweete Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7865, eng temporär Bähëllef fir Betriber, déi Léierplazen ubidden. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht.

Ech géif direkt d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche**

■ **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur*.- Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nieft de Schüler aus de Grondschoulen a Lycéeë fänkt dann och fir d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher d'Schoul elo nees un. Fir déi meescht Kanner a Jugendlech ass d'Rentree ëmmer e ganz besonneschen, e ganz speziellen an och e ganz spannende Moment. Engersäits, well no där laanger oder no där grousser Vakanz endlech nees d'Frënn kënnen erëmgesi ginn, an anersäits awer och, well d'Erwaardungen un dat neit Schouljoer sech konkretiséieren.

Fir d'Schüler vun der Berufsausbildung kënn allerdéngs ganz oft nach eng gewëssen, komm mer soen, Nervositéit, eng gewëssen Opreegung derbäi. Firwat? Ma well niewent den theoreetesche Coursen an de Schoulen och nach dee praktesche Volet vun der Ausbildung an engem Betrib derbäikënn. Si maachen also definitiv Schrëtt an d'Berufswelt an do kënn dann ëmmer nach eng gewëssen Nervositéit - eng positiv, ganz oft - derbäi.

Spéitstens bis den 1. November musse Léierplaze fonnt ginn. Während déi eng Schüler a jonk Leit relativ séier e Patron fannen, gëtt et awer och ëmmer erëm Kandidaten, déi sech bei hirer Sich e bësse méi schwéierdoen.

D'lescht Joer war et natierlech allgemeng nach méi schwieereg fir d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher, fir eng Plaz ze fannen, well am Kader vun der Coronakris vill Betriber dann awer gezéckt hunn, hir Aktivitéiten am Apprentissage weiderzeféieren oder souguer auszebauen.

Fir d'Kontinuitéit an de Fonctionnement vun der Berufsausbildung awer och während der Kris ze garantéieren, hat d'Regierung d'lescht Joer eng Partie Mesuren ausgeschafft, déi engersäits d'Zukunftsperspektive vun deene Jonke garantéiere sollten an anersäits déi negativ Follge vun der Pandemie op d'Entreprisë reduzéiere sollten.

Eng vun dëse Mesurë war d'Aféierung vun enger Prime unique duerch d'Gesetz vum 15. Dezember 2020. D'Zil vun dëser Subventioun war et, d'Entreprise dozou ze motivéieren, sech weiderhin am Apprentissage ze engagéieren, wat ganz, ganz wichteg ass. Schliisslech wär et katastrophen gewiescht, wann d'Léierbouwen an d'Léiermeedercher hir Léier weinst der Kris net hätte kënnen weiderféieren oder net hätte kënnen ofschléissen.

D'Aféierung vun dëser Prime unique war e grouss Succès: Op den Dag vum 1. Juni goufen et ronn 460 Demanden, déi beim Educationsministère traitéiert goufen.

Obschonn mir haut am Verglach zum leschte Joer eng méi stabill Wirtschaftslag zu Lëtzebuerg virfannen, sou ginn et dann awer eng ganz Rei Secteuren an och Entreprene, déi sech nach net ganz erholl hu respektiv nach ëmmer mat de Suite vun der Coronakris ze kämpfen hunn.

Och dëst Joer besteet also ganz konkreet de Risk, dass manner Léierplazen um Marché ze fanne sinn, wéi mer der eigentlech bräichte fir eis jonk Leit a fir eis zukünfteg Leit, déi an deene Beräicher schaffen. Duerfir kënn et weider Ënnerstëtzung.

Vu dass d'Gesetz vum 15. Dezember 2020 ausleeft, huet d'Regierung decidéiert, eng nei finanziell

Ënnerstëtzung fir d'Acteure vun der Formation professionnelle en place ze setzen. Bei dësem Projet de loi geet et net drëms, fir deen ale Regimm vun der Prime unique ze verlängeren, mee en duerch en neien Hëllefspak ze ersetzen. Souwuel d'Montante wéi och d'Konditiounen, fir vun dëser Finanzsprëtz ze profitéieren, goufen adaptéiert.

(M. Marc Spautz prend la présidence.)

Anescht wéi beim alen Text riicht sech déi nei Hëllef eleng u Betriber, déi fir d'Rentree 21/22 nei Kontrakter mat engem Léierbouv oder engem Léiermeedchen ofschléissen. Dat kënnen souwuel Kontrakter mat Apprentië sinn, déi hir Léier eréischt dëst Joer ufänken, mee awer och Apprentien, déi en neie Patron brauchen, well hire leschte Kontrakt am Kader vun der Coronakris gekënnegt gouf. Dat ass besonnesch wichteg fir all déi Jonk, déi schonn am Prozess vun der Ausbildung dra sinn.

Fir all neie Kontrakt gëtt et dëst Joer 1.500 Euro, fir all Reprise 5.000 Euro. Genée wéi d'lescht Joer spillt bei der Reprise allerdéngs d'Konditioun, datt den ale Kontrakt zënter dem 16. Abrëll net méi wéi zweemol gekënnegt gouf.

Déi nei Aide viséiert souwuel d'Formation professionnelle initiale wéi och den Apprentissage fir déi Erwuessen.

Wichteg ze wëssen ass, dass déi Entreprene, déi d'lescht Joer vun der Prime unique profitéiert hunn, och vun der neier Aide kënnen profitéieren. D'Demandé fir déi nei Bähëllef kënnen bis de 15. Oktober 2022 erageschéckt ginn.

Souwuel d'Chambre des Métiers wéi d'Chambre des Salariés begrëissen et prinzipiell, dass d'Acteure vun der Formation professionnelle och dëst Joer ënnerstëtzt ginn. Nieft e puer Remarken, wat d'Montanten an och d'Konditiounen vum neie Regimm ugeet, hu si weider keng Oppositioun an hiren Avisa formuléiert. Och de Staatsrot hat keng gréisser Bemierkungen zu dësem Projet de loi geäussert.

Fir weider Detailer a Prezisiounen verweisen ech ganz gären op de schrëftleche Rapport an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

■ **Plusieurs voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci dem Här Lamberty.

Déi éischt agedroe Riednerin ass déi honorabel Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

■ **Mme Martine Hansen** (CSV).- Villmools merci, Här President. Och e grouss Merci un de Rapporteur, den Här Lamberty. Mäi Kolleeg, den Aly Kaes, en ass elo just kuerz eraus, mee hie seet ëmmer: „Et ginn Theoretiker an et gi Praktiker.“ An ech mengen, en ass mat mer eens, datt dee Beschten am Prinzip deen ass, dee béides ass: E weess d'Theorie, e kann déi definitiv an der Praxis uwenden. Et ass dat, wat mer brauchen, an et ass dat, wat mer an der Berufsausbildung brauchen. A genau duerfir brauche mer d'Betriber.

Ech hunn et schonn eng kéier op dëser Plaz gesot: An der Berufsausbildung léiere mer d'Theorie an der Schoul, mir léieren och d'Praxis an der Schoul, mee en Atelier, dee beschten Atelier kann net e Betrib ersetzen, well an engem Betrib ..., dat alldeegelecht Liewe kann een net an der Schoul simuléieren. Also ass et extreem wichteg, datt mer Betriber an der Berufsausbildung hunn, déi de Léiermeedercher an de Léierjongen eng Plaz ginn.

An duerfir begrëisse mer natierlech, datt eng Bähëllef ausbezuelt gëtt. Mir wëssen, datt vill Betriber et während der Coronazäit schwéier haten an duerfir begrëisse mer dës Ënnerstëtzung vun de Betriber an ech ginn och domadder den Accord zu dësem Projet de loi.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci der Madamm Hansen. Den nächsten agedroene Riedner ass déi honorabel Madamm Francine Closener.

■ **Mme Francine Closener** (LSAP).- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur fir deen exzellente Rapport, deen en am Detail presentéiert huet, vum Projet de loi, deen d'LSAP selbstverständlech och ënnerstëtzt. „Trau Dech“, Dir kennt déi Campagne. Deen Appell un déi jonk Leit, fir de Schratt an d'Selbstständigkeit ze maachen, war an ass nach ëmmer richteg. Et ass net evident an dat verdéngt och absolutt eise Respekt. A wann de Betrib da bis leeft, da kennt jo deen nächste Schratt, fir Mataarbechter ze rekrutéieren. An natierlech ass et interessant, fir Leit ze rekrutéieren, déi scho vill Expérience hunn, mee et ass awer dréngend néideg, datt de Betrib sech hei nach eng kéier traute, fir eeben och Ausbildungsbetrieb ze ginn, an eeben deene jonke Leit och eppes zoutraute.

Natierlech leeft dat net ëmmer reibungslos. An natierlech ass heiansdo och en zweeten Ulaaf néideg. A grad a Krisenzäiten di sech d'Betriber jo och haut nach schwéier a mussen Efforte maachen, fir effektiv an d'Ausbildung ze investéieren. Duerfir ass et richteg, datt d'Politik hei hir Responsabilitéit iwwer-

hëlt an Ureizer schaaft. Déi Prime unique vum leschten Dezember gëtt et jo schonn, de Rapporteur ass drop agaang, elo kënn dëse Projet de loi. Mir stäerken also d'Ausbildungsbetriber, fir datt si hëllef, déi jonk Leit staark ze maachen. An dat ass jo am eegenen Interêt vun zum Beispill den Handwerksbetriber selwer, déi jo selwer esou händierend no Repreneure sichen.

Duerfir: Ech denken, déi Enveloppe, déi elo hei virgesinn ass, domadder kann ee bis zu 2.000 jonke Leit hëllefen, hire Wee an d'Berufswelt ze maachen. Dat ass e ganz gudden Invest. Mir wëlle keng verluere Coronageneratioun, dat hu mer oft gesot. Abee, dat geet eeben net vum selwen. De Maart reegelt d'Saach eeben net aleng. Mir brauchen e staarke Staat, deen an d'Handwerk investéiert, deen an déi jonk Leit investéiert an domadder an d'Zukunft vun eis all.

Domadder ginn ech natierlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun fir dëse Projet de loi. Merci.

■ **Une voix**.- Très bien!

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci, Madamm Closener. Den nächsten agedroene Riedner ass d'Madamm Djuna Bernard. Madamm Bernard, Dir hutt d'Wuert.

■ **Mme Djuna Bernard** (déi gréng).- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen hei iwwert eis Jonk, jonk Mënschen, déi natierlech ganz wichteg Etüden an der Schoul maachen. Mee nach méi wichteg sinn d'Erfaungen um Terrain an dat gëllt ganz besonnesch an der Berufsausbildung. Dat heiten ass ganz sécher e richtigen Incentive, fir d'Betriber mat an d'Boot ze kréien, fir d'Betriber ze encouragéieren, fir grad an dëse schwéieren Zäiten déi Jonk net ze vergiessen an och hir Verantwortung wouerzehuelen. Meng Virriedner/inne si scho ganz am Detail drop agaangen, an notamment den Här Rapporteur. E grouss Merci un hien.

A mir ënnerstëtzen dëse Projet de loi a ginn heimadder den Accord fir déi gréng Fraktioun.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci, Madamm Bernard. Den nächste Riedner ass d'Madamm Myriam Cecchetti.

■ **Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk).- Jo, merci fir d'Wuert. Also mir begrëissen natierlech och, datt dës Aidé weidergefouert ginn. A mir begrëissen och, datt d'Delaien am nächste Projet de loi verlängert ginn. An eis Virriedner/inne sinn eigentlech schonn op alles agaangen, duerfir wëll ech dat net widderhuelen. An ech wëll och dem Rapporteur e grouss Merci soen.

Dat Eenzege, wat ee muss bedenken, ass, datt mer hoffentlich déi Lacunen, déi eeben duerch d'Coronakris entstane sinn, duerch de Lockdown awer och adequat opgeholl kréien, fir datt eis Apprentien net déi vun der Coronakris sinn an datt se dann hir Ausbildung zolidd kënnen ofschléissen an datt se herno och kënnen an hirem Beruff eng gutt Aarbecht maachen, well mir brauchen onbedéngt gutt Handwerker, gutt Aarbechter.

A mir soen dann och vun dëser Säit aus eise Patronen, déi sech déi Méi do opbürden, fir der auszebilden, e grouss Merci. A mir ënnerstëtzen dat do och.

Merci.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci, Madamm Cecchetti. Da wier den nächsten agedroene Riedner den Här Fred Keup.

■ **M. Fred Keup** (ADR).- Merci, Här President. Elo war ech bal vergess ginn. Et ass awer net schlëmm, ech wollt och net vill soen. Ech wollt dem Här Lamberty awer Merci soe fir den detailléierte Rapport, dee ganz gutt ass, och all menge Virriedner, déi d'Saach am Fong op de Punkt bruecht hunn.

An ech ginn heimadder dann den Accord vun eiseem Grupp. Merci.

■ **M. Marc Spautz**, *Président de séance*.- Merci dem Här Keup. Den nächsten agedroene Riedner ass den honorabele Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Sven Clement** (Piraten).- Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Claude Lamberty fir deen exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mat dësem Gesetzesprojet wëlle mer jo d'Chancé fir déi jonk a manner jonk Apprentien erhéien, fir trotz Covid eng Léierplaz ze fannen. Vill Firmen hu jo nach ëmmer Mataarbechter am Homeoffice, verschiddener hunn ëmmer nach manner Opdrag an eng Rei kënnen weinst engem Manktem u Material net esou vill Clienten unhuelen, wéi se u sech wëilen.

All dëst si Grënn, déi et den Apprentien och 2021/2022 nach méi schwéier maachen, eng Ausbildungsplaz ze fannen. Duerfir ënnerstëtze mir Piraten dëst Gesetz, dat déi Betriber belount, déi säit dësem Fréijoer Apprentien agestellt hunn a gläichzäiteg duerch d'Konditioun vun den iwwer-